



zum Beispill am Tourismus, wou hie vun 1968 bis 2004 President vum fréiere Syndicat d'initiative et de tourisme de la ville de Luxembourg war.

Ville Leit wäert den Dokter Jean Goedert feelen. Senger Famill gëllt eist opriichtegt Bäileed, verbonne mat der Gewëssheet, datt mir de Verstuerwenen a beschter Erënnerung behale wäerten.

Loosse mer opstoen, fir dem Verstuerwenen eng lescht Éier ze erweisen.

**(Respect d'une minute de silence)**

Ech soen Iech Merci.

### 3. Dépôt d'une proposition de loi par M. Laurent Mosar

Ech géif dann dem honorabelen Här Laurent Mosar d'Wuert ginn.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Ganz schnell, just fir den Depot ze maache vun enger Proposition de loi iwwer nohalteg Finanzen.

**7433 - Proposition de loi pour une finance durable et modifiant la loi du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif**

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Ech ginn Iech Akt vum Depot vun Ärer Proposition de loi.

### 4. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° le Code du travail ;

3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;

4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall » ;

8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;

9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2000 ;

10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007 ;

11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes (suite)

**7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)**

et

**Programme de stabilité et de croissance (PSC) et Programme national de réforme (PNR) (suite)**

D'Chamber fiert de Moie mat den Debatten iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2019 an iwwert déi finanziell Programmation fir d'Joren 2018 bis 2022 souwéi iwwert de Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm PSC an den Nationale Reformprogramm weider.

Éischten ageschriwwene Riedner fir haut ass den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, ech ginn Iech d'Wuert.

### Discussion générale (suite)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegeen, et sinn elo zwee Deeg hier, datt mer déi traureg Noricht vum Doud vum Grand-Duc Jean erfuer hunn. D'Temoignagen, déi aus dem Ausland wéi och massiv hei aus dem Land komm sinn, waren enorm, wat d'Zuel ubelaangt, a se all hunn de Grand-Duc Jean als e grouss Statsmann, e feinen an éierleche Mënsch bezechent, dee säi ganz Liewen an den Déngscht vun eisem Land a senge Bierger gesat huet an deen, wéi eise fréiere Statsminister, de Jean-Claude Juncker et ausgedréckt huet, en „parcours sans faute“ gemaach huet.

Am Numm vun der ADR wëll ech mech all deenen Temoignagen uschlëssen an eisem Grand-Duc Henri an der ganzer groussherzoglecher Famill onst Bäileed an dëse schwéiere Stonnen aussprieche an hinne soen, datt mir de Grand-Duc Jean ni wäerte vergiessen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegeen, et hu scho vill Riedner et viru mir gesot, datt eise Grand-Duc Jean e Mann war, dee grouss op déi demokratesch Prinzipie gehalen huet an duerfir och sécher Versteedemach hätt, datt mer dës Woch hei an der Chamber eis parlamentaresch Aarbechten esou weiderféieren, wéi dat vun eis verlaangt gëtt, virun allem, well mer wëssen, datt dee Budget, deen dës Woch zur Diskussioun steet, den 1. Mee muss a Kraaft trieden.

Et ass e Budget, dee sech eigentlech op aacht Méint baséiert, well mer jo elo schonn am Abrëll sinn an en den 1. Mee a Kraaft trëtt. Et ass e Budget, dee sech op eng national an international gutt Économie ka baséieren, déi während Joren elo schonn hei am Land boomt. D'Fro, déi sech stellt: Hält dës Wuesstum un? Bleift e weider op deem Niveau, souwuel um internationale wéi um nationale Plang? D'Regierung geet dovunner aus.

De Wirtschaftswuesstum, op deen d'Chiffere sech bezieen, dee geet vun engem Wuesstum aus vun 3 % bis 3,5 %. Wa mer awer d'Entwëcklung kucken, wéi se soss ass niewent eisem Land, a mir kucken zum Beispill d'Eurozon, da geet de Statec dovun aus, datt 2019 d'Eurozon 1,6 % wüsst, 2017 (veuillez lire : 2020) 1,7 %, 2021 1,8 %, 2022 1,9 %. D'EUKommissioun geet dovun aus, datt d'Eurozon 2019 méi lues wüsst: 1,3 %. An d'OECD geet dovun aus, datt se nach méi lues wüsst: 1 %.

Lëtzebuerg soll awer wuessen 3 % 2019, 3,8 % 2020, 3,5 % 2021 an 3 % 2022. Mir ginn also dovun aus, datt Lëtzebuerg och dës Joer an déi nächst Jore praktesch ëm dat Duebelt wüsst, wéi de Wuesstum an der Eurozon ass. Et kann een nëmmen hoffen, datt de Statec sech net geiert huet, well d'Chiffere vun der Regierung, an dat ass normal, déi baséieren op de Chifferen, déi de Statec virleet.

Et muss een awer wëssen, datt eis däitsch Noperen, déi am Fong eise gréissten Handelspartner sinn, d'lescht Woch hire Wuesstum fir dës Joer 2019 vun 0,9 % op 0,5 % erofgesat hunn. Et ass also eng grouss Differenz tëschent hinnen an eis, wa mer dat wëssen.

Awer och d'Avisen, déi mer vun aneren Institutione kritt hunn, si skeptesch vis-à-vis vun deem Wirtschaftswuesstum a sinn awer och skeptesch vis-à-vis vun deene Chifferen, déi am Budget stinn. Mir wëssen, datt dat ëmmer eng gewësse Virwëtzttut ass, wa mer Chifferen an de Budget asetzen. Mä ech weess awer och, an dat sollt ee fairerweis soen, datt mer an de leschte Jore vun eise Verwaltungen an der Regel Chiffere kritt hunn, déi sech herno als richteg erausgestallt hunn. Déi Chifferen, déi mer elo kritt hunn, déi si jo och vun de Verwaltungen komm, an et kann een nëmmen hoffen, datt se sech dann och dës Joer als richteg erausstellen.

Mä ech mengen, et muss een awer wëssen, datt dës Budget an och vläicht déi nächst Budgeten eng Rei vu Risikoe beinhalten.

De Brexit, do wësse mer net, wou et higeet, mat oder ouni Accord, a wat d'Konsequenzen an deem engen oder anere Fall sinn, d'Konsequenze fir eis Économie, d'Konsequenze fir de Budget. Wat bedeit dat herno, wann d'Vereenegt Kinnekräich näischt méi an den EU-Budget bezilt? Wéi gëtt dee Verloscht ausgeglaach?

Mir sinn der Meinung, datt d'Europäesch Unioen sech dann och misst där neier Decken no strecken an datt net de Verloscht vun den EU-Bäiträg vu Groussbritannien op déi aner Länner ofgewéckelt gëtt. Mä international Konflikter, international Handelskriecher, Protektionismus, d'Entwëcklung vun de Boursen a vun den Zënse, dat sinn alles Froen, wou haut kee kann eng kloer Äntwert drop ginn. An duerfir menge mir, et wier Virsiicht gebueden.

Mä nieft der ekonomescher Entwëcklung muss een awer och d'Entwëcklung vun de Statsfinanze vun deene leschte Joren analyséieren. An hei wëll ech just zwou Steieren eraushuelen:

bei de Betriber d'Kollektivitéitssteuer a bei de Salariéen d'Lounsteuer fir d'Salariéen an d'Pensionären.

Wann ech d'Kollektivitéitssteuer vun de Betriber huelen, da muss ee wëssen, datt dat eng Steuer war, déi quasi véier, fënnf, bal sechs Joer bei 1,5 Milliarden d'Joer stagnéiert huet. An eréischt am Joer 2016 op 2017 hu mer eng Progressioun kritt vun 1,6 Milliarden op quasi 2 Milliarden a vun 2017 op 2018 eng Progressioun op 2,34 Milliarden. Dat heescht also, fënnf, sechs Joer Stagnation bei 1,5 Milliarden an da während zwee Joer eng Progressioun vu 740 Millionen oder 47 %, ëm déi d'Steier bannent zwee Joer geklommen ass.

A wa mer da bei d'Lounsteuer higin, do hu mer déiselwecht Progressioun och vu 740 Millionen, mä do hu mer dräi Joer gebraucht, fir déi Progressioun ze kréien. A well do d'Zomm vill méi héich ass, sinn et da keng 47 %, mä 23 %, déi d'Zuel vun der Lounsteuer bannent dräi Joer an d'Luucht gaangen ass, vun 3,2 Milliarden op ronn 4 Milliarden am Joer 2018, wat also och eng Progressioun ass.

Déi zwou Steieren eleng hu während zwee, an d'Lounsteuer mat bäigerechent während dräi Joer ronn annerhalef Milliard weider an de Statsbudget bruecht. Dat ass en enormen Zouwuess, dee mer an där Form ni virdrun hei zu Lëtzebuerg kannt hunn, datt zwou Steieren eleng esou vill Zouwuess an zwee, dräi Joer bruecht hunn.

Eng kloer Analys, wéi et méiglech ass, datt déi Steieren an esou enger kuerzer Zäit esou massiv an d'Luucht gaange sinn ... Well et muss ee wëssen, datt all déi Prognosen, déi mer déi Jore virdrun opgestallt hunn, d'Budgeten defizitär gesinn hunn. A wa mer haut aus dem Defizit erauskommen a liicht erauskommen d'lescht Joer, dann ass et virun allem d'Augmentatioun vun deenen doten zwou Steieren, déi kee virausgesinn hat an deem Mooss, wat d'Statsfinanzen an den Equiliber bruecht huet.

A wann een da kuckt - et muss ee jo eng Analys maachen, firwat datt déi Steieren do esou eng staark Progressioun hunn -, da war et sécherlech déi gutt national an international Konjunktur, déi do matgespillt huet. Mä mir mengen awer och, an dat ass ons och vun der Steierverwaltung gesot ginn, datt déi informatiséiert Steiererklärungen, déi d'Betriber musse maachen, derzou gefouert hunn, datt d'Steiererklärungen elo éischters méi séier gemaach ginn, wat d'Zäit ubelaangt, an datt se dann och direkt, wa se eraginn, déi Zomm bezuelen, déi op der Deklaratioun steet, datt dat also vill Sue sinn, déi vill méi séier an d'Statskeess erakomm si wéi an de viregte Joren. A wann dat de Fall ass, dann ass jo och kloer, datt an där Zäit hannendrun am Kader vun den Dekontemanner Sue wäerten erakommen.

Dat ass eis och zum Deel esou vun der Steierverwaltung erkläert ginn. An et ass souguer gesot ginn, datt verschidde Steieren um Schluss vum Joer erakomm sinn, virun allem wat d'Immobilien ubelaangt, déi emol net alleguer konnten am Dezember nach ofgerechent ginn, mä datt déi am Fong op dës Joer eriwweergeholl gi sinn, wat da vläicht och eng Erklärung ass, datt mer an deenen éischte Méint vun dësem Joer och nach wäerte Steierrecetten hunn.

Den Här Finanzminister huet eis gëschter gesot, datt déi éischt dräi Méint relativ gutt ausgefall wieren a souguer nach eng Progressioun wier vis-à-vis vun den éischten dräi Méint vum leschte Joer, woubäi ee muss wëssen, datt d'lescht Joer déi ganz staark Progressioun am Fong eréischt an deene leschte sechs Méint de Fall war.

Dat ass also do mat Virsiicht ze genëssen a mir musse kucken am Laf vun dësem Joer, wéi dat sech entwëckelt. Sécherlech ginn déi Progressiounen net méi an deem Sënn weider. Duerfir ass och am Budget eng liicht Diminutioun vun de Chifferen agesat ginn, eng gewësse Virsiicht. An et ass ze hoffen, datt mer dann och zum Schluss vum Joer bei deene Chifferen erauskommen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegeen, wa mer also elo gesinn, wat fir eng Progressioun mer an de Steieren hunn an datt mer den Exercice 2018 mat engem Benefiss ofschlëssen, dann hat ee sech am Fong erwaart, datt mer an enger Zäit, wou d'Konjunktur esou héich ass, wou d'Statsfinanzen eigentlech am Equiliber sinn, datt mer dës Joer e Budget hei presentéiert krien, deen och am Equiliber wier, mat dem Zil, datt, wann dat Joer dann um Enn ass, well de Budget jo an der Regel ëmmer besser ausgeet bei de Konten, wéi en an de Progressiounen am Budget war, datt een zum Schluss vum Joer 2019 méi e groussen Iwwerschoss erëm hätt.

Mä de Budget hei ass presentéiert mat engem Defizit vu 650 Millionen, wat eiser Meinung no onverantwortlech ass vis-à-vis vun der ekonomescher a finanzieller Situatioun.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- A wa mer kucken, datt mer dës Kéier fir d'Éischt déi europäesch Berechnung geholl hu wat de Budget ubelaangt, de SEC 2010, da musse mer wëssen, an dat huet de Finanzminister jo och hei bei der Presentatioun gesot, wa mer nach déi national Kontabilitéit geholl hätten, wéi et fir déi Budgete virdrun alleguer de Fall war, da wier den Defizit 200 Millioune méi héich. Wa mer also e Verglach maache mat de Budgete vun deene Jore virdrun, da sinn et keng 650 Millionen, mä 850 Millionen. Mä opgrond vun deem neien europäesche Berechnungsmodell sinn et der da 650, an an Zukunft geet et jo dann och an déi Richtung virun.

Ech wëll awer och fairerweis soen, datt mer an der Finanzkommissioun alleguer gesot hunn, datt mer mussen dovun ewechkommen, fir ëmmer mat deenen zwee Systemer parallel ze fieren, wou déi eng iwwert den europäeschen, déi aner iwwert déi national Kontabilitéit fieren. An deejéinegen, deen dat huet missen nolauschten, fir deen ass et nach méi komplizéiert komm, wéi et schonn de Fall war.

Et hätt also eiser Meinung no missen eng Missioun vum Stat sinn, bei dëser Konjunktur de Budget am Equiliber ze presentéieren, wéi gesot, fir beim Kont duerno d'Zil ze hunn, fir en Iwwerschoss ze realiséieren, dee mer dann eiser Meinung no hätte missen oder missten op den Zukunftsfong iwwerweisen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- An der Vergaangenheet ass deen Zukunftsfong och gespeist ginn, an der Regel mat 50 Millionen d'Joer, wat awer geléinte Sue waren, well dee Budget jo am Defizit war, a wat fir eis am Fong e Paradox war: datt mer engersäits Sue geléint hunn, fir se op en Zukunftsfong ze setzen. A spéiderhin, vu datt mer eis Scholde jo, wat d'Kapital ubelaangt, net zrëckbezuelt hätten, kënnen dann eben an 10, 20 Joer déi kommand Generatiounen déi Suen, déi mer op d'Säit geholl hunn, huele fir déi Suen, déi Schold, déi mer gemaach hunn. Dat war u sech e Paradox.

Eiser Meinung no muss en Zukunftsfong gespeist gi vun Iwwerschëss. Mam Zukunftsfong soll ee Scholden zrëckbezuelen oder et soll een higoen a se op d'Reserve leeën. D'Scholden, mir wëssen, wann déi oflafen, da gi se erëm verlängert. A vu d'Situatioun, wéi se haut ass, kritt de Stat jo do en onwahrscheinlech favorable Zënssaz, soudatt am Abléck drop gesat gëtt, fir d'Scholden dann einfach erëm ze verlängeren, wat d'Kapital ubelaangt, mat méi niddregen Zënse.

Duerfir proposéiere mir an enger Motioun, Här President, déi ech Iech heimadder ginn, datt mer den Iwwerschoss aus dem Joer 2018, déi 121 Millionen, sollen op den Zukunftsfong setzen. Dat ass Realpolitik, datt ee soll kucken, e positiven Ofschloss ze kréien an déi Suen op d'Säit ze setzen. An duerfir déi Motioun do.

### Motion 2

*D'Chamber stellt fest,*

- datt de Budget vun 2018 viraussichtlech en Iwwerschoss vun 121 Millionen Euro opweist;

- datt dësen Iwwerschoss op déi aussergewöhnlech weltwäit Konjunktur zrëckzeféieren ass;

- datt den Zukunftsfong (Fonds souverain intergénérationnel) agefouert ginn ass, fir den zukünftige Generatiounen bei eventuelle wirtschaftlechen oder finanzielle gréisser Problemer eng Reserv zur Verfügung ze stellen;

- datt grad an Zäiten, wou d'Statsfinanze gutt sinn, den Zukunftsfong soll gespeist ginn,

fuerdert d'Regierung op,

- den Iwwerschoss vum Budget 2018 integral an den Zukunftsfong ze iwwerweisen.

(s.) Gast Gibéryen.

D'Scholden u sech, Här President, d'Scholden u sech, déi klamme weider. Och dës Budget huet erëm en Emprunt virges vun enger Milliard, deen awer net muss onbedéngt opgeholl ginn. D'Fro, déi mer ëmmer erëm stellen: Wat geschitt mat deenen autoriséierten Emprunten, déi awer net opgeholl ginn?

D'Regierung argumentéiert, déi géifen autoriséiert bleiven, och iwwert d'Budgetjoer eraus. An der Cofibu, der Finanzkommissioun, hu mer vum Finanzminister eng Tabell kritt, wou eis am Fong opgefouert gëtt, wat fir eng Emprunten autoriséiert si ginn, wat dovunner gebraucht ginn ass a wat nach net gebraucht ginn ass.

Am Joer 2015 ass en Emprunt autoriséiert gi vun 1,5 Milliarden. Deen ass net benotzt, déi besteet also nach, déi Autorisation. 2016 ass erëm een autoriséiert gi vun 1,5 Milliarden, 1,150 Milliarde sinn opgeholl ginn, 350 Mil-





lioune bestinn nach autoriséiert. 2017 ass eng Milliard autoriséiert ginn, et ass eng Milliard opgehooll ginn. 2018 ass eng Milliard autoriséiert ginn an et ass keng opgehooll ginn. An 2019 elo gëtt erëm eng Milliard autoriséiert, wou mer och net wëssen, ob déi opgehooll gëtt. Iwwert déi fënnf Joer huet d'Chamber also sechs Milliarden Emprunten autoriséiert, dovun si bis elo 2,8 Milliarden opgehooll, also bleiwen 3,2 Milliarden, déi autoriséiert sinn, déi d'Regierung dann theoretesch nach kéint ophuelen.

Firwat? Wa mer also kucken, datt no dem Vott vun dësem Budget d'Regierung nach 3,2 Milliarden huet. D'Argumentatioun ass gewiescht an der Finanzkommissioun, datt gesot ginn ass, well en Deel vun de Leit an der Finanzkommissioun der Meenung sinn, datt, wann de Budget ofgeschloss ass an den Emprunt wier net geholl ginn, datt en da verfält. D'Regierung huet argumentéiert, datt ee sollt eng Reserv vu méiglechen Emprunte fir Noutsituatiounen am Land hunn.

Mir als ADR sinn domat d'accord, datt mer esou eng Reserv maachen, datt mer esou eng Reserv hunn, wann eng Kéier eng gréisser kuerzfristeg Situatioun kënnt - mir kënne eis erënneren, mir haten dat eng Kéier, wéi eng Bank huet misse gerett ginn -, fir datt dann de Stat och kéint kuerzfristeg op en Emprunt zréckgräfen. Mä mir géifen awer mengen, datt et dann awer besser wier, mir géifen als Chamber e Spezialgesetz maachen a mir géife soen: „Ma hei, mir autoriséieren zwou oder dräi Milliarden, déi eben d'Budget just déi Emprunten asetzt, déi ee brauch, fir de Budget an den Equilibre ze bréngen. A wa se dann och net gebraucht ginn, datt se dann erëm verfallen.“

Do kann een och eventuell sech da Regele ginn, wéi d'Chamber mat agebaut gëtt - dat muss net a Sëtzunge sinn, dat kann a Kommissiounssëtzunge sinn -, wou dann eben esou eng Reserv an enger Noutsituatioun ka gebraucht ginn. Mä datt een dann op där anerer Säit an de Budgete just déi Emprunten asetzt, déi ee brauch, fir de Budget an den Equilibre ze bréngen. A wa se dann och net gebraucht ginn, datt se dann erëm verfallen.

Ech mengen, dann hätt een eng kloer, transparent Situatioun iwwer autoriséiert Emprunten. An déi Situatioun, wéi mer se elo hunn, datt ass eiser Meenung no keng gesond Situatioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et gëtt also fir eis opgrond vun der finanzieller Situatioun och duerfir keng Ursaachen a kee Grond, fir Steier-erhijungen elo ze maachen, et sief, d'Regierung géif gär Steiererhijungen elo maachen, fir déi Suen erëmkreien, déi se virun de Wahlen als kal Wahlkaddoe verdeelt huet, Kaddoen, déi kee Mënsch gefrot huet, mä déi awer de Statsbudget an Zukunft wäerte permanent beaaschten. An dach ginn elo d'Pétrolspräisser gehéicht, een Cent beim Bensinn, een Cent (veuillez lire : zwee Cent) beim Diesel vum 1. Mee un. An dat Ganzt geschitt am Kontext vum Klimawandel.

Wat de Bensinn ubelaangt, ass deen, dee verbraucht gëtt hei zu Lëtzebuerg, am Joer 2017 vu 400 Milliounen op 450 Milliounen Liter eropgaangen. Dat ass eng Progressioun an engem Joer vun 12 % Méiverbrauch u Bensinn. Den Diesel ass vu ronn 2 Milliarden op 2,137 Milliarden eropgaangen. Dat ass eng Progressioun vu 7,4 % an engem Joer. Et ass also nach ni esou vill Bensinn an nach ni esou vill Pétrol hei zu Lëtzebuerg verkaaft ginn, wéi dat 2017 - an dat sinn déi lescht Chifferen, déi mer kruten - de Fall war.

Den Tanktourismus, Här President, dee bléit hei zu Lëtzebuerg wéi nach ni zevir! An dat ob-schonn ons gréng Kolleegen an der Regierung sinn an datt se, wéi se an der Oppositioun waren, dem Tanktourismus de Krich ugedéit hunn. Do gesi mer, datt mat hirer Participatioun an der Regierung esou vill Diesel an esou vill Bensinn verbraucht gëtt, wéi dat nach ni hei am Land de Fall war.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mä wat bréngt déi Erhéijung dem Stat dann elo un zousätzleche Recetten? Den Här Finanzminister schwätzt vun 2,5 Milliounen, also quasi eng käschtenneutral Operatioun. Mir erhéijen d'Präisser, mä et kënnt näischt weider an d'Statskeess eran.

Aner Verwaltungen, déi soen, datt doduerch, datt mer déi zwee Cent um Diesel eropginn, mer elo méi deier wiere wéi d'Belsch. An duerfir géifen 100 Milliounen Liter manner hei zu Lëtzebuerg getankt ginn an dat wier dann e Verloscht vu 75 Milliounen fir de Statsbudget.

Elo wësse mer net, ob hei de Statsminister, dee jo ëmmer seet, e géif op seng Verwaltungen, e géif op de Statec an op alles lauschten, ob en hei net op seng Verwaltung gelauschert huet, well hie schwätzt vun engem Plus vun 2,5 Milliounen an d'Verwaltung schwätzt vun

engem Minus vu 75 Milliounen. Wien huet recht? De Minister oder d'Verwaltung? Ech hunn lech virdru gesot, Här President, datt d'Vergaangenheet gewisen huet, datt de Verwaltungen hir Estimatiounen an de leschte Jore ëmmer ganz no bei der Realitéit louchen.

Mä Fakt ass awer och - well dat heite gëtt jo am Kader vum Klimawandel gemaach, wéi dat och gëschter hei erkläert ginn ass -, datt déi Transaktioun, déi mer do maachen, déi Augmentatioun vun den Akzisen, datt domadder dem Klima awer och net déi Boun gedéngt gëtt, gehollef gëtt.

(**Interruption**)

Et gëtt keen eenzege Liter dofir manner getankt!

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - E gëtt vläicht hei zu Lëtzebuerg manner getankt. Mä da gëtt en an der Belsch weider getankt.

déi gréng schéngen also de Klimawandel un national Grenzen ze bannen. Dat ass mer eng nei Ideologie, déi ech nach net verstanen hunn. Dat heescht, d'Haaptsaach ass - fir de Klima, et gëtt näischt geännert! -, mä d'Haaptsaach ass, et ass net hei zu Lëtzebuerg getankt ginn. Dann tanke se eben an der Belsch, a Frankräich oder an Däitschland, da geet et dem Klima anscheinend besser! Dat musse se eis emol eng Kéier erklären, wéi dat geet.

Tatsaach ass, datt opgrond vun där grénger ideologescher Politik do d'Lëtzeburger elo musse méi bezuele fir hire Bensinn a fir hiren Diesel an et ass näischt geschitt fir de Klima!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - A wann een da gesäit, wat dee gréngen Energieminister, den Här Turmes, de 27. Mäerz 2019 an engem „Tageblatt“-Artikel geschriwwen huet, ...

(**Interruption**)

... da versteet een dat, da versteet een dat! Den Här Turmes huet geschriwwen - et war e ganz interessanten Artikel ënnert dem Titel „Klimaland Luxemburg“ - an en huet zwou kloer Aussoen an deem Artikel gemaach. Déi éischt war iwwert d'Aarbecht vun der Gambia 1 an déi zweet ass, wéi hien, den Här Turmes, sech d'Klimapolitik hei zu Lëtzebuerg an Zukunft virstellt.

Zu 1, der Aarbecht vu Gambia 1, seet den Här Turmes am „Tageblatt“: „Laut Statistik sind wir“ - also „wir“ heescht Lëtzebuerg - „europäisches Schlusslicht, was den Anteil an erneuerbaren Energien betrifft“, gab Turmes zu.“ An da stellt ee sech d'Fro: Wéi ass esou eppes méiglech, datt mir hei zu Lëtzebuerg d'Schlusslicht sinn, wou déi gréng fënnf Joer an enger Regierung sinn? Si hunn et emol net op déi zweetlescht Plaz geschafft!

(**Hilarité**)

Neen, mir sinn nach ëmmer déi Lescht an Europa, trotz grénger Participatioun an der Regierung. An da seet den Här Turmes e ganz flotte Saz: „Ich kann aber dabei ganz entspannt bleiben, ich war bisher kein Regierungsmitglied.“

(**Hilarité**)

Dat heescht, e seet ganz kloer: „Dat war déi Regierung virdrun“! E seet ganz kloer: „Et ass eng Datz fir d'Gambia 1, déi dote Politik“, an et war eng flatsch an d'Gesicht, riets a lénks, vu senger Parteikolleegein, der Ëmweltministers Carole Dieschbourg, déi hei vum Här Turmes zertifiziert krut, datt se fënnf Joer näischt gemaach hunn, datt mer d'Schlusslicht sinn an datt hien awer esou frou ass, datt en net an där Regierung derbäi war.

Dann zu 2, wéi d'Klimapolitik hei zu Lëtzebuerg an Zukunft sollt ausgesinn. Den Här Turmes seet: „Meine Aufgabe ist es, das Land ultraeffizient zu bekommen“, so Turmes. „Ein Weg dorthin führt über den Geldbeutel der Konsumenten.“!

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Gréng Politik! „... den Geldbeutel der Konsumenten. Diese Regierung muss die Besteuerung hochfahren“, sagte Turmes.“ An da gëtt et ganz interessant, da seet en: „Um zu verhindern, dass empörte Bürger sich der Gelbwestenbewegung anschließen, schlägt er kleine Schritte vor.“

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - „Wenn die Ökosteuer auf Raten eingeführt wird, werden es die Verbraucher nicht bemerken“, hofft Turmes.“!

► **M. Roy Reding (ADR).** - déi gréng halen d'Leit fir domm!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, fir wéi domm halen den Här Turmes an déi gréng d'Lëtzeburger? Menge si, si kéinten

d'Steieren héichfueren, ganz lues, etappeweis, net driwwer schwätzen, kengem eppes soen - d'Leit merken et just duerno -, a kee Mënsch am Land géif dat merken? Fir wéi domm ...? Et gesäit een, datt den Här Turmes laang an Europa an an der Welt ronderëmgegeschtert ass an net vill vun der Realpolitik hei zu Lëtzebuerg matkritt huet, woubäi et, niewebäi gesot, jo politesch net ganz intelligent war, esou eng Ausso ze maachen. Dat heescht also, mir gesinn, haut kréie mer den éischte Schotz ganz leise, een, zwee Cent geet se an d'Luucht, an déi nächst lues Schrëtt, déi komme bäi.

An ech soen lech, all Dir Lëtzeburger, déi dobaussen nokuckt, Dir mierkt näischt dovun - Dir mierkt näischt dovun! -, well déi gréng hoffen dat zumindest, datt Der näischt dovunner mierkt. Wann elo hei alles gréng gëtt, dat gëtt deier, hu mer nach ëmmer gesot. Elo gëtt et nach méi deier, et gëtt ganz offiziell. Et ass just schued, datt d'DP an d'LSAP déi Politik ënnerstëtzen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - déi gréng maachen hei e Mëssbrauch mam Klimawiessel a se demonstréieren en Aktivismus, fir de Leit e schlecht Gewëssen ze maachen a fir Suen aus der Keess ze huelen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Klimawandel a Liewensqualitéit ass all zweet Wuert, wat mer bei deene Gréngen an enger Ried héieren. Hei gëtt e Spill mat der Angscht gemaach, e Spill mam schlechte Gewësse gemaach.

Mä wéi ass dann elo d'Wierklechkeet vun deene Gréngen? Kommt, mir kucken emol Google, fir e rezent Beispill ze huelen!

Hu mer schonn eppes héieren, wat Google ubelaangt, mam Energieverbrauch, Elektresch, Waasserverbrauch?

► **Une voix.** - Neen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Nach näischt héieren. Wou gëtt déi Energie hiergeholl? Ass dat déi erneierbar Energie, wou mer déi lescht Plaz an Europa anhuelen? Huele mer do déi Energie hier, fir Google ze beliwweren? Oder gi mer vläicht awer iwwer siwen Ëmwéeër, kréie se vu Cattenom?

Wou huele mer dat Waasser hier, wat Google gär hätt? Et gëtt gesot: „aus der Baach“. Mä mir leeën awer emol virsichtshalber eng SEBES-Leitung gäre mat bis an d'Googlewierk. Dat ass jo net nëmme, fir d'Hänn ze wäschen! Mä all Mënsch weess, datt déi Baachen haut scho bal kee Waasser méi do hunn an dann zesumme bal guer kee Waasser méi hunn! A fir datt dann de Betrib fonctionnéiert, ma da gëtt SEBES-Waasser geholl, fir Google ze beliwweren.

A wann dann d'Oppositioun, an dësem Fall war et d'CSV, hei eng Heure d'actualité wëllt iwwer Google ufroen, da gëtt vun der Regierung alles gemaach, fir datt déi Aktualitéitsstonn net zustane soll kommen. Et gëtt mat allen Argumenter argumentéiert, fir keng esou eng Aktualitéitsstonn ze maachen. Mä well eist Reglement et awer kloer seet, huet se misse kommen, d'Aktualitéitsstonn. Mä da gëtt direkt gesot: „Oh, wann dat doten awer elo esou kënnt, da musse mer d'Reglement änneren!“

Dat ass schrecklech, Här President, wann ech esou eppes gesinn! Mir hunn e Reglement, wat dem Parlament Rechter gëtt, a wann d'Oppositioun vun deene Rechter wëllt profitéieren, ma da musse mer d'Reglement änneren! Gëtt dann och elo nach versicht, der Oppositioun e Maulkuerf opzesetzen?! Eng Regierung, déi ugetratt ass, d'Fënstere grouss opzerappen, Transparenz an d'Land ze bréngen, awer d'Oppositioun muss de Mond halen! Et därer ee keng Debatt maachen, a wann eng Debatt kënnt, da muss d'Reglement geännert ginn.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wou si mer hei hikomm an deem Land?

En anert Beispill niewent Google ass d'Jugurtsfabrik. Mir wëssen, wann déi kënnt tèschent Beetebuerg an Diddeleng, datt do esou vill Waasser verbraucht gëtt, wéi eng Gemeng Diddeleng selwer verbraucht. Also, wou huele mer dat Waasser hier?

An dann héiere mer, datt am Ëmweltministère scho géif geplangt ginn, fir Etüden ze maachen, fir aus der Musel Drénkwaasser ze maachen. Dat ass bejot gi vun der Ministesch an der Kommissioun. Stëmmt et?

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, et stëmmt! Dat heescht, déi gréng sinn derfir, datt Google an d'Jugurtsfabrik Drénkwaasser kréie vum SEBES an aus de Quellen, an d'Leit kréien herno d'Muselwaasser ze drénken.

(**Hilarité**)

Dat ass Är Politik, déi hei an der Realitéit gemaach gëtt! Well ech gleewen net, datt se SEBES-Waasser op d'Musel schécken a Muselwaasser op Diddeleng an d'Jugurtsfabrik schécken. Dat heescht, dat ass Är Politik. Wann Dir esou virufuert, da kréien d'Leit herno d'Waasser aus der Musel ze drénken, ...

(**Hilarité**)

... an d'Jugurtsfabrik a Google, déi kréien ... Dir laacht driwwer, mä et ass leider d'Realitéit!

(**Interruption**)

Sinn dat der Gambia hir Moosnamen am Kampf géint de Klimawiessel? Ass dat déi zukünfteg Liewensqualitéit, déi vun der DP an LSAP matgedroe gëtt?

Ass dat déi nei Liewensqualitéit, wann d'Leit ëmmer méi am Stau stinn?

Ass dat déi nei Liewensqualitéit, wann d'Elteren hir kleng Kanner moies mussen um hallwer sechs, sechs Auer aus dem Bett huelen, an den Auto, sech an de Stau stellen, fir an d'Crèche ze kommen, dann erëm an de Stau stellen, fir op d'Aarbecht ze kommen, an owes datselwecht zréck, mat de Kanner moies an owes am Stau? Ass dat déi nei Liewensqualitéit? An ass dat déi nei Liewensqualitéit net, wann d'Eltere wëllen doheim bleiwen, fir hir Kanner ze erzeien oder fir hinnen ze hëllefen? Déi kréie vun dëser Regierung keen Cent Ënnerstëtzung! Ass dat déi nei Liewensqualitéit, déi vun dëser Regierung hei am Land ugestriift gëtt?

D'Wuesstumsdebat. A wat mécht d'Regierung, fir der Entwécklung entgéintzewierken? Ma guer näischt! Si mécht souguer just de Contraire a setzt weider op e strammen an net ze kontrolléierende Wuesstum. D'Regierung baut exklusiv op méi Wuesstum an domadder op kuerzfristeg méi Recetten, awer mëttel- a laangfristeg méi Problemer, manner Liewensqualitéit. Dat ass eng Politik op d'Käschte vun de kommende Generatiounen, déi mer mat där Politik virun onléisbar Problemer stellen.

D'Scholde klamme weider, obwuel mer héije Wuesstum hunn. Am Klimawiessel gëtt just Aktivismus virgespillt, awer an der Realitéit geschitt näischt. Wa mir wierklech eppes am Klimawiessel a bei der Liewensqualitéit wëlle bewegen, musse mer eis d'Fro iwwert de Wuesstum stellen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Do gëtt et kee Wee derlaanscht. Wann d'Regierung weider op Rekordwuesstum setzt, soll se ophalen, iwwer Moosnamen ze schwätzen, déi am Kader vum Klimawandel misste geholl ginn, genausou wéi dat mat der Liewensqualitéit de Fall ass.

De Budget, deen op Rekordwuesstum setzt, d'Konsequenz vun deem Wuesstum, d'Entwécklung vun der Awunnerzuel; d'lescht Joer 13.000 bis 15.000 nei Awunner an d'Land!

De Logement, de Statec huet net méi spéit wéi gëschter nei Chiffere bekannt ginn. Bei engem Wuesstum vun 3 % muss Lëtzebuerg 228.000 zousätzlech Wunnenge bis 2060 bauen. Dat si 7.000 Wunnenge pro Joer, déi musse gebaut gi bei engem Wuesstum vun 3 %. Wann de Wuesstum méi héich geet bis op 4,5 %, mussen et souguer 7.500 Wunnenge pro Joer sinn, déi gebaut ginn.

D'Land gëtt zoubetonéiert, wat mer mat deem Wuesstum hunn. A wien da kënnt a seet, mir hätte méi Liewensqualitéit, wéi et haut ass, dee muss de Leit dat erklären. Da sëtzen d'Leit a Siloen an et geet ëmmer méi héich. A wéi déi gréng am Stater Schäfferot mat d'Responsabilitéit haten, dunn ass de Ban de Gasperich entwéckelt ginn. A gitt emol dohinner kucken! Gitt emol dohinner kucken, dat si Wunnengen do an de Bëtonsklotzen, wou d'Leit just vis-à-vis op en anert Bëtonshaus kucken! Dat ass gréng Politik, dat ass Liewensqualitéit, wéi déi gréng sech se virstellen. Dat ass net déi Liewensqualitéit, déi mir wëllen! A mat dësem Wuesstum, deen hei bedriwwen gëtt, gëtt herno d'ganz Land an déi dote Situatioun gesat.

An dann d'Präisentwécklung beim Logement. Laut Eurostat ass an der Eurozon eng Entwécklung duerch d'ganz Eurozon gekuckt vu 4,2 %. Hei zu Lëtzebuerg d'lescht Joer 9,3 % Augmentatioun vun de Logementspräisser! An der leschter Legislaturperiod, fënnf Joer Gambia, sinn d'Präisser global zesummen am Logement 40 % an d'Luucht gaangen! 40 %! An da schwätze mir dovun, et géif de Leit gutt goen!

Haut si 40.000 bis 50.000 Lëtzeburger, déi an d'Grenzregioun wunne musse goen, well se sech hei zu Lëtzebuerg keng Wunneng méi kënne leeschten. Gambia, huet gëschter d'Ma-





damm Lorsché hei gesot, Gambia géif dem Problem Logement endlech en Enn setzen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ugoen, hunn ech gesot.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Neen, en Enn! Ech hu mer et opgeschriwwen, wéi Der et gesot hutt. Ech hu mer et direkt opgeschriwwen. Ech hu geduecht: Dat do ass e formidabele Saz, dee muss de op dengem Block verankeren! Dunn hunn ech deen direkt opgeschriwwen, dat kënnt Der herno am Chamberblietchen noliesen: „Problem Logement endlech en Enn setzen“.

Ech hu geduecht: A vu wat dreemt se nuets? A vu wat, ...

(*Hilarité générale*)

... a vu wat dreemt se nuets, wa si mengt, wa mer 7.500 Wunnengen hunn, mat deem Rhythmus, dee mer elo hunn, géif déi Gambia dem Logementsproblem en Enn setzen?

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dat ass net wouer!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dach, Madamm Lorsché, ech sinn 100%eg sécher. Ech hunn et ...

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dir hutt en Deel vum Saz ewechgelooss.

(*Interruptions*)

Dir sot Hallefwouerechten hei.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ma mir maachen emol eppes géint de Wuesstum, well wa mer ons mat där Fro net ausenanersetzen, kréie mer aner Problemer ...

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ech hunn dat do net gesot.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dir hutt dat dote gesot.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ech hunn dat do net gesot.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Mir kënne souguer d'Band lauschteren.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dat ass net de ganze Saz.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Wann Der wëllt, gi mer herno d'Band lauschteren.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Jo, gären.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dir hutt dee Saz do esou gesot, wéi ech e gesot hunn, ...

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Neen!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ... well ech hunn en direkt mat opgeschriwwen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Neen, ech hunn en net esou gesot.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- No fënnef Joer, wa mer déi Chifferen alleguer kucken, wéi d'Präisser an d'Luucht ginn a wat d'Besoine sinn, da kann ee just soen, datt no deenen éischte fënnef Joer Wunnengspolitik vun deser Regierung d'Situatioun esou katastrofal ass wéi nach ni. A wann een da mengt, an deenen nächste fënnef Joer géif een dee Problem léisen, da kann een och erëm un de Kleesche gleewen.

Da komme mer bei d'Mobilitéit. Wa mer soen, mir hunn hei am Joer 7.000 bis 8.000 Frontaliere weider, déi heihinner schaffe kommen, mir hunn 13.000 bis 15.000 Leit weider, déi an d'Land wunne kommen, dann hu mer also iwwer 20.000 Leit d'Joer, déi sech pro Dag hei am Land bewegen. A fir dann ze mengen, mir géifen de Mobilitéitsproblem an de Grëff kréien, sief et iwwer ëffentlechen Transport, sief et iwwer Autoen oder Gott weess wéi, da kréie mer en ni an de Grëff. Do lafe mir ëmmer hannendrun, well d'Augmentatioun vun der Zuel vun deene Leit, déi sech hei am Land bewegen, vill méi séier geet, wéi mir iwwerhaupt kënne Projete realiséieren, woubäi mer jo schonn een enorme Retard opzehuelen hunn.

Mir musse Rekordchifferen an Infrastrukturen investéieren, fir der Wunnengsentwécklung, fir der Entwécklung hei am Land iwwerhaupt kënne entgéintzetrieden. Et gëtt ëmmer gesot, et géif zu Rekord investéiert ginn. Et gëtt vis-à-vis vum PIB net méi investéiert wéi déi Jore virdrun. Mä mir mussen e Maximum investéieren, well soss géif de Chaos nach méi fatal hei am Land ginn! Mir mussen also net investéiere fir déi, déi nach kommen, mä mir musse schonn esou vill investéiere fir déi Problemer, déi mer am Abléck schonn hunn. An duerfir komme mer ni no mat deem Wuesstum, fir déi Problemer do geléist ze kréien. An trotz deem

Rekordwuesstum, wéi gesot - dat hu mer scho gesot -, hu mer Scholden, déi mer un déi kommand Generatioun weiderginn.

Gëschter war ech zwar frou, wéi mer d'Madamm Lorsché héieren hunn iwwert d'Rente schwätzen. Et war e positive Moment, well d'Madamm Lorsché och hei gesot huet, et misst een déi Diskussioun ugoen. Och wa mer haut gutt dostinn, och wa mer haut vill Reserven hunn an nach iwwer 15, 20 Joer mat de Reserve kommen, da geet et erof an dann op eemol ass näischt méi do. Datt een dat misst ganz objektiv ugoen a jiddweree misst kënne doriwwer diskutéieren, dat ass eng Approche, déi mir als ADR virun de Wahlen ëmmer gesot hunn. A mir waren net eleng: D'CSV huet dat och gesot.

► **Une voix**.- An all déi aner net.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- A vun hinnen alleguer, vun der Majoritéit huet ee soss näischt héieren, wéi wann d'CSV an d'ADR elo wëilten d'Pensioun kieren, datt se de Pensiounsalter wëilten eropsetzen. Dat ass systematesch gesot ginn. Soubal wéi ee vun eis oder vun der CSV gesot huet: „Mir mussen eis Gedanken iwwert d'laangfristeg Ofsécherung vun de Pensioun maachen“, ass direkt domadder geschoss ginn. An elo op eemol no de Wahle sollt een do ganz fein eragoen, et sollt ee kengem e Virwurf maachen, huet ...

► **Une voix**.- Et ass ni engem e Virwurf gemaach ginn.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Majo ... Also, ech ka mech awer elo erënneren, datt virun de Wahle vun deser Regierungspartei permanent, soubal wéi een iwwert d'Rente wollt schwätzen, direkt gesot ginn ass: ...

(*Interruptions*)

... „Ma, déi wëllen d'Pensioun kieren oder de Pensiounsalter eropsetzen!“ Dat wollt ni ee vun eis a sécher och net vun der CSV. Mir wollte just driwwer diskutéieren, datt mer eis Gedanke maachen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Jo, Dir kënnt jo direkt fusionéieren!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat, wat Dir gëschter proposéiert hutt, ...

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ... hu mir virun de Wahle proposéiert.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ma da macht et och!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat ass just deen eenzegen Ënnerscheid. An dat, wat Dir gëschter gesot hutt - an et soll een duerfir net een, deen dat wëllt maachen, verdonneren -, mä genau dat ass virun de Wahle vun der Regierungsparteie geschitt.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ganz richtig!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Mir hunn lech nach ni verdonnert.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Da schwätze mer iwwert de Chômage. De Chômage ass, no deene leschte Chifferen, déi mer virun e puer Deeg kritt hunn, 386 Unitéiten zrëckgaangen op ee Joer.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Herr, lass diesen Kelch an mir vorübergehen!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat ass eng positiv Entwécklung. An esou ass et och schonn déi Jore virdru gaangen. Mä wa mer déi awer an d'Relatioun stelle mat deene geschafenen Aarbechtsplazen: Also am Zäitraum vum 1. März 2018 op 1. März 2019 ass de Chômage ëm 386 Unitéiten zrëckgaangen, mä an deemselwechten Zäitraum si 15.670 nei Aarbechtsplaze geschaaft ginn! 15.670 nei Aarbechtsplazen, an de Chômage ass knapps 300 Leit zrëckgaangen! Do muss ee sech awer och d'Fro stellen: Wéi ass et méiglech, datt mer esou vill Aarbechtsplaze schafen an datt mer op där anerer Säit net eis Leit op deen Aarbechtsmarché erakréien?

An dann ass dat, wat mäi Frënd Fernand Kartheiser ëmmer seet: Wa mer eng Schoulpolitik maachen, wéi mer se an deene leschte fënnef Joer gemaach hunn, wou am Fong « nivellement vers le bas » d'Richtlinn vun der Schoulpolitik ass, da brauche mer eis net ze wonneren, wann herno eis Ofgänger vun de Schoulen den zweete Präis kréie vis-à-vis vun de Frontalieren. Dat heescht och dat doten, 16.000 Aarbechtsplazen zousätzlech an nëmmen 300 Leit Chômage zrëck, ass eng Konsequenz vun der Schoulpolitik vun deser Regierung.

Een anert Thema, wat net allze vill ugeschwat ginn ass, dat ass awer d'Aarmut hei zu Lëtzebuerg. Mir bretzen eis permanent hei am Land an och, wa mer am Ausland sinn, wéi gutt datt et eis geet, wéi räch datt mir wieren, wat fir e gudd Sozialsystem datt mer hätten, a mer vergiessen awer ëmmer ze soen, datt trotz deem

Rächtum, dee mer hei am Land schafen, ëmmer méi Leit ënnert d'Aarmutsgrenz falen.

D'Chambre des Salariés huet an hirem Panorama social, dee se elo kierzlech verëffentlecht huet, gesot, datt de Prozentsaz vun de Leit, déi ënnert der Aarmutsgrenz sinn, nach permanent steigt an datt, wat och virdrun de Fall war, och nach ëmmer d'elengerzéiend Mammen déi gréisst Betraffe vun där Aarmut do wieren. An dann huet se awer eppes Neies dës Kéier mat erabuecht, well se seet, huet festgehalten, datt eng fest Aarbechtsplaz haut net méi e Garant ass a Schutz ass virun Aarmut, well 12,2 % vun de Leit, déi eng Vollzäitbeschäftegung hunn - eng Vollzäitbeschäftegung hunn! -, géifen haut hei zu Lëtzebuerg och ënnert d'Aarmutsgrenz falen. An zu Lëtzebuerg wäre mer an där Statistik och leider déi Lescht an Europa.

Traureg fir e Land wéi Lëtzebuerg! Mir wuessen a wuessen an ëmmer méi Leit falen ënnert d'Aarmutsgrenz! A wéi ech scho gesot hunn, duerfir mussen och ëmmer méi Leit an d'Grenzregioun wunne goen.

Här President, wann d'Gambia wierklech mengt, wa mir weider esou wuessen, datt et den normale Leit duerfir géif besser goen, datt déi méi Liewensqualitéit kriterien, datt dat méi nohalteg wier, datt de Klimawandel duerfir besser géif ginn, soe mir ganz kloer: Neen, dat ass net de Fall!

D'Politik, déi d'Gambia elo schonn zënter fënnef Joer mécht, stellt déi kommand Generatioun virun onléisbar Problemer. Dese Budget ass, wéi och déi lescht Budgeten, duerfir - ech soen et kloer - e Verbräichen un de kommende Generatiounen! An dorunner wëlle mir eis net bedeelegen a stëmmen duerfir géint dese Budget.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Gibéryen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, et ass eng speziell Situatioun, dass mer elo zu dësem Zäitpunkt iwwert de Budget schwätzen, net nëmmen, well den allzäit beléifte Grand-Duc Jean vun eis gaangen ass, mä well mer och de Budget nom éischte Véierel vum Joer oder éischten Drëttel vum Joer eréischt diskutéieren, an dat opgrond vun de Wahle vum Dezember, well et do net méiglech war, direkt e Budget opzustellen.

Ech mengen, dass déi speziell Situatioun et dofir och hätt missen erméiglechen, dass mer d'Zuele vum éischten Trimester hätte kënne gesinn, ier mer hei zu dëser Debatt komm sinn. Dozou ass et leider net méi komm. Mä ech hoffen, och wann dat zwar dëst Joer de Fall war, wa mer nach eng Kéier an déi Situatioun sollte kommen, dass mer se da gesinn, ier et esou wäit ass an ier mer déi Diskussiounen iwwert de Budget kréien.

Ech wëll dem André Bauler e grouse Merci soe fir säi Rapport, säi Budgetsrapport, an och, dass en de Punkt vun der Digitaliséierung mat an de Mëttelpunkt gestallt huet, d'Digitaliséierung, wou d'CSV am Joer 2018 en Dokument herausginn hat iwwert d'Meenung (veuillez lire : hir Bedeutung) am Sozialliewen an d'Geforen an d'Erausforderungen, déi d'Digitaliséierung mat sech bréngt. Dofir ware mer och frou, dass den Här Bauler säi Rapport an de Kader vun der Digitaliséierung gestallt huet.

Dës Woch, an den honorabelen Här Gast Gibéryen huet et scho gesot, ass och de Sozialpanorama vun der Chambre des Salariés erauskomm. Net méi spéit wéi leschten Dënschdeg sinn déi neisten Zuelen erauskomm. An de Sozialalmanach vun der Caritas an de Bericht vum Statec „Travail et cohésion sociale“ an eben elo och de Panorama vun der Chambre des Salariés soen alleguer datselwecht, näamlech dass d'Aarmut hei zu Lëtzebuerg trotz Wirtschaftswuesstum ëmmer méi grouss gëtt an dass ëmmer méi Leit och hei zu Lëtzebuerg vun Aarmut beträff sinn.

D'Schéier tëschent Aarm a Räich gëtt ëmmer méi grouss. An do gëllt et, dass déi Leit och zilgerecht gehollef kréien, well et schwéier gëtt, mat generelle Mesuren déi Schéier erëm zouzekréien, mä dass mer deene Leit mussen hëllefen.

An dofir wëll ech och soen, dass d'CSV d'Unhiewe vum Mindestloun ausdrécklech begreist. An ech wëll drun erënneren, dass mäi Kolleg Gilles Roth scho bei de Budgetsdebatten virun zwee Joer dovun geschwat huet, dass et wichteg wier, dass mer bei der Steuerpolitik eppes géife maachen, dass mer de Mindestloun géife steuerbefreien, an dass mer och eng Motioun deemools hannerluecht hunn, fir ze soen, de Mindestloun misst steuerbefreit ginn. An ech wëll just drun erënneren, et ass deemools vun de Majoritéitsparteien, wat jo déiselwecht sinn elo wéi deemools, ofgeleent

ginn! Ech wëll dat just nach eng Kéier an de Mëttelpunkt stellen, well sech gëschter verschidde Leit selwer op d'Schéier geklappt hunn, well et elo endlech dozou komm ass.

Ech wëll lech just soen, wann et der CSV no-gaange wier, wier dat schonn zwee Joer éischter geschitt, well mir hunn déi Fuerderung scho virun zwee Joer gestallt.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Wat d'Aarmut ubelaangt, u sech hätte mer jo och, an d'Madamm Minister huet eis d'lescht Woch, oder net d'lescht Woch, mä leschte Mount, virgestallt, gären eng Etüd gehat iwwert d'Office-socialen hei zu Lëtzebuerg. Déi Etüd, déi um Pabeier glänzt an och gutt ausgesäit. Mir haten deemools an der Kommissioun gesot, mir hätte gären d'Méiglechkeet, fir mat den Akteure vum Terrain ze schwätzen.

D'Madamm Minister hat gréng Luucht ginn, an ech hoffen, dass d'Kommissioun vun der Chamber - well et ass un der Chamberskommissioun, elo do d'Initiativ ze huelen - derfir suergt, dass et endlech zu där Diskussioun mat deene Responsable vum der Etüd kënnt, fir dann och kënne à vive voix mat deene Leit, déi d'Etüd erstallt hunn, awer och mat deene Leit vum Secteur iwwert déi eenzel Punkten ze schwätzen. Dat ass ganz wichteg, fir dann och do ze héieren, wéi si et gesinn, oder ob et och nëmme fir si ..., well et héiert een déi eng oder aner Kriticke vun hirer Säit un der Etüd, dass mer dann och offen an éierlech kënne doriwwer schwätzen an da vläicht och méi spéit eng Debatt hei am Plenum féieren. Mä da soll ee fir d'Éischt déi Leit eng Kéier komme loossen an déi zoustänneg Kommissiounen.

Mir wëllen och eppes maachen, an ech mengen, dat ass ganz wichteg, fir déi eeler Generatiounen. Déi eeler Generatiounen, d'Fleegeversécherung ass d'lescht Joer oder d'lescht Legislaturperiod geännert ginn. Do si vill Problemer entstanden. Do sinn nei Problemer entstanden, déi d'Leit virdrun net kannt hunn. An och do gëllt et, mat de Leit vum Terrain - mat de Leit vum Terrain, da mengen ech d'COPAS, ech mengen awer och d'Familljen an d'Familljememberen, déi ganz gutt wëssen, wat fir eng Problemer sech do stellen - ze schwätzen.

Mir mussen iwwert d'Fleegebetter schwätzen. Just virun de Wahlen huet d'Madamm Minister hei nach zwee Projeten deposéiert gehat, fir nei zousätzlech Fleegeheimer ze schafen. Ech wëll awer erënneren - ech weess, ech schreiwen och ëmmer der Madamm Minister Question-parlementairen dozou, ech wäert hir och domadder op de Wecker goen, mä dat ass mir awer egal - un d'Situatioun vu Rëmeleng, wou elo d'Leit schonn iwwer zéng Joer an engem Chantier liewen, wou do Sträit ass tëschent dem Architekt an dem Bauträger.

An ech géif hoffen, dass do sech déi Partner endlech géife fannen, well et ass a) net schéi fir déi Leit, déi do wunnen, well dee Bau scho plazeweis ugefaangen hat. Et ware scho Planungen, et si schonn Haier ofgerappt ginn an op eemol ass dat alles gestoppt ginn, well e juristeschen - ech betounen dat awer: e juristesche - Problem ass. Mä et wier wichteg fir déi Leit, déi do wunnen, a virun allem och fir e richtegt Zeechen ze setzen, dass déi eeler Leit och net vergiess sinn, dass mer do endlech géifen dee Problem geléist kréien an dass et do géif zu enger Eenegung kommen tëschent dem Bauträger an dem Architekt, fir dass et do endlech och ka virgoen.

An ech maachen nach eng Kéier en Appell un d'Madamm Minister, fir bei de Verrieder vum Stat, déi an dem Verwaltungsrot vun deem Gremium sinn, ze intervenéieren, dass et do endlech zu enger Léisung kënnt, well sage und schreibe 18 Joer geet elo schonn dee ganzen Dossier, de Sträit, juristesche nach keng 18 Joer, mä vun der Planung hier, wou dat de Leit an Aussicht gestallt ginn ass a wou nach ëmmer näischt geschitt ass.

Doriwwer eraus ass et awer och wichteg, dass mer eppes ënnerrhuele géint d'Vereinsamung vun de Mënschen. D'Vereinsamung vun de Mënschen trëfft ëmmer méi eeler Leit, déi keng Familljebindunge méi hu respektiv déi eleng gi sinn, déi e Partner verluer hunn an dann net méi wëssen, eppes mat sech unzefänken, fir et elo emol ganz krass auszedrécken. Dass et do wichteg ass, dass mer Mesuren huelen an dass mer déi Organisatiounen, déi benevoll Organisatiounen um Terrain, déi sech dorëms bekëmmern, ënnerstëtzen, dass mer deenen déi Hëllef zoukomme loossen, fir deene Mënsche kënne ze hëllefen.

An do musse mer och driwwer nodenken, wa mer aus wirtschaftleche Grënn bei Banken, bei Post a bei anere Betriber Agencen zoumaachen a Servicer net méi ubidden, op déi déi al Leit ëmmer zrëckgegraff hunn an déi déi al Leit och gebraucht hunn, net nëmme fir d'Iwwerwei-





sungen ze maachen oder fir de Scheck ausze-fëllen, mä och fir de soziale Kontakt, deen déi Leit awer halen. A wann een dat eent ofschaaft, muss een awer och gläichzäiteg derfir suergen, dass déi Leit net an eng Vereinsamung erakommen. An dofir, mengen ech, wier et wichteg, dass do nei Akzenter géife gesat ginn an dass mer deenen Organisatiounen, déi sech ëm déi Leit bekëmmere, och déi Hëllef zoukomme loossen, déi gebraucht ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, a wa mer da vun deem Soziale schwätzen, dann hu mer och gëschter héieren, an dat ass och richtig, mir gesinn et jo och an den Aise vum Stater, mir schwätze vu fantasteschen Zuelen um Aarbechtsmaart. Déi esou gutt si wéi scho laang net méi. An ech wëll soen, dass mir dat ausdrécklech begreifen, dass esou vill Leit hei zu Lëtzebuerg an der Beschäftegung si wéi nach ni.

Mä et sinn och nach ëmmer Leit am Chômage! An ee Mënsch am Chômage ass ëmmer een ze vill. An och an deem Sozialpanorama vun der Chambre des Salariés, deen en Dëschdeg erauskomm ass, gëtt nach eng Kéier drop higewisen, dass a verschidde Situatiounen d'Gefor ëmmer méi grouss gëtt. Dat ass déi vun den eelere Chômeuren. An den Alter, fir als eeler Chômeur ze gëllen, dee geet ëmmer weider erof. Wann een näämlech ab engem bestëmmten Alter eng Kéier d'Plaz verléiert, ass et bal onméiglech, nach eng Kéier zrëckzekommen an d'Beschäftegung. Et sinn déi Leit, déi am Reclassement sinn, déi eng Kéier duerch iergende Gebrieche déi eng oder aner Aarbecht, déi se haten, net méi konnte maachen, oder et sinn och Leit, déi an der Mobilité réduite sinn, déi oft Schwierigkeeten hunn, fir um Aarbechtsmaart kënnen ënnerdaach ze kommen. An do ass et wichteg, dass mer deene Leit hëllef, dass mer nei an zousätzlech Mesurë maachen.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

An ech mengen, dass do souwuel d'ëffentlech Hand, d'Gemengen an de Stat eng prioritär Verantwortung hunn, mä dass mer och alles dat musse kucken, wat am Aarbechtsrecht virgesinn ass, dass déi Betriber Hëllef kréien, wa se Leit an där doter Situatioun astellen, dass mer méi dorop opmierksam maachen a se och emol drun erënneren, dass och do eng sozial Verflechtung ass, souwuel vun dem Privat-secteur, mä awer och vum ëffentleche Secteur, dorop zrëckzegräifen, fir déi Hëllef ze beanspruchen an och déi Leit, déi an där Situatioun sinn, kënnen anzustellen.

Ech géif elo op eppes anescht ersagoen an deem Panorama social, an do geet et näämlech ëm d'Gesondheet, ëm d'Inegalitéit vun der Gesondheet. Dat kënnt Der noliesen am Panorama social vun der Chambre des Salariés op der Säit 42 bis 46, dass et hei zu Lëtzebuerg Leit ginn, déi sech verschidden Traitementer net kënnen leeschten. Dat sinn net déi Traitementer, déi d'Krankekeess eent zu eent rem-bourséiert, mä dat sinn déi Traitementer, déi doriwwer eraus ginn, déi net vun der Krankekeess rem-bourséiert gi respektiv nëmmen deelweis rem-bourséiert ginn.

An dat eent, an dat kenne mer alleguer an dat wësse mer alleguer, well déi Debatt hu mer och schonn hei an der Chamber gefouert, sinn d'Traitementer vun den Zänn, dass do „ganz vill“ - „ganz vill“ ënner Guillemeten -, 1 % vun deene Leit oder 2 % vun deene Leit d'Moyenen net hunn, fir déi Traitementer, wat d'Zänn a wat d'Aen ubelaangt, ze kréien. An ech mengen, dass mer do eng sozial Verflechtung hunn, dass dat net vläicht onbedéngt ëmmer nëmmen eleng d'CNS ass, mä dass mer och do eng Verflechtung hunn, fir dat ze kucken, fir och deene Leit kënnen ze hëllef, well an engem Land, wat jo als Steierparadäis, net vun eis, mä vun den Auslänner, duergestallt gëtt, misst et och méiglech sinn, dass een Traitementer, d'Gesondheet u sech, dass jiddweree sech déi kéint leeschten an dass mer do wirklech a richtige Lëtzeburger Verhältnissen sinn zu 100 % vun de Bierger an net an amerikanesch Verhältnissen ofrutschen, wou mer jo wëssen, dass dat do net gang und gäbe ass.

Ech mengen, dass et och do wichteg ass, wa mer schwätzen, „eise Land geet et gutt, eis Zuele si fantastesch“, da solle mer och déi Leit, deenen ënneschten op der Leeder, dee fantastesche Sozialstat Lëtzebuerg spiere loossen an deenen och déi Hëllef ginn, déi se brauchen.

D'Madamm Familljeministesche hat an der leschter Legislaturperiod en neie REVIS op de Plang bruecht, wou een och do muss wësse beim REVIS, dass de Gros vun deene Leit, déi vum REVIS profitéieren, de fréiere Revenu minimum garanti, Leit waren, déi a Beschäftegung waren, déi Complémentë kritt hunn opgrond vun där Situatioun, an där se sinn, an net hu misse schaffe goen. Mir haten deemools ofge-maach, mir géifen e Bilan zéien. Ech mengen,

wann dëst Joer eriwwer ass, da wier d'Zäit komm, dass mer de Bilan géife maachen an dass mer elo scho vläicht driwwer nodenken, wat mer gären alles an deem Bilan hätten, an dass mer elo scho vläicht e Katalog an der Kommissioun géifen ausschaffen, wat mer gären alles hätten, wat an deem Bilan soll gekuckt ginn, ënner wat fir enger Form et soll gekuckt ginn an op wat fir eng Aart a Weis.

Well wa mer waarden, bis d'Joer eriwwer ass, an da maache mer eis eréischt Gedanken, wéi mer déi Ausschreiwung maachen, dann ass Zäit verluer. An dofir mäin Appell hei un d'Regierung, fir dass mer eis elo schonn an der zoustänneger Chamberskommissioun, zesumme mat der zoustänneger Ministesch, domat beschäftegen, wat mer gären alles bei dem REVIS an déi Analys mat eran hätten, fir dass mer duerno kënnen op konkrete Punkten agéieren. A wann ech der Madamm Minister hiert Kappnickte richtig interpretéieren, gesinn ech dat als jo, an dat géif eis ausseruerdentlech freeën.

Een anere Punkt, deen een awer och do muss an Ugrëff huelen, dat ass d'Prozedur vun der Iwwerverscheldung. Mir hu viru siwe Joer e Gesetz gestëmmt iwwer och d'Iwwerverscheldung an d'Privatfaillite, fir et emol esou auszedrücken, wou Leit kënnen gehollef kréien, wa se iwwerverscholt sinn, dass se dann iwwert d'Ligue médico-sociale an iwwert d'Service vum Familljeministère Hëllef kréien. Och do wär et wichteg, dass mer e Bilan géifen zéien, well do si Leit, déi fille sech ..., an enger Hissicht si se frou, dass se gehollef kritt hunn, aus där fierchterlecher Situatioun erauszekommen, an där anerer menge se awer heiansdo, dass se net richtig géife behandelt ginn.

Ech erkläre mech. Ech hat dee Mann net méi spéit nach wéi d'lescht Woch bei mer setzen. Deen ass iwwer eng Beschäftegungsmesure duerno bei e Patron public komm, bei eng Gemeng, fir et net anescht auszedrücken. An dee schafft elo schonn do véier Joer, an d'Gemeng ass ausseruerdentlech zefridde mat em. En huet och scho Promotiounen kritt fir déi gutt Aarbecht, déi e mécht. Mä ënnert dem Stréch behält en ëmmer datselwecht, näämlech 350 Euro de Mount Täschegeld, an de Rescht gëtt alles vu senger Pai direkt geholl, fir allegueren déi Fraisen ze bezuelen, déi nach opstinn duerch d'Schold.

Do huet e mer eng Kéier gesot: „Da sinn ech jo en Eefalt! Ech gi mech drun, ech ginn all Samschdeg, all Sonnden, all Feierdag, wann de Patron ríft, dohinner an da kréien ech alles ewechgeholl, ech bleiwen ëmmer op darselwechter Zomm. An deejeinegen, deen an där Situatioun ass an näischt mécht, dee behält och nach ëmmer all Mount 350 Euro iwwreg.“ An do, mengen ech, mist een awer kucken, ob een dat net kann anescht staffelen, dass déi Leit, déi wirklech all Feierdag an all Sonndeg da schaffe ginn, fir och eppes ze maachen, och méi e groussen Undeel vun där Zomm kënnen fir sech behalen. Ech weess, dass dat eng schwierig Diskussioun wäert ginn, mä ech wier frou, wann een och deen Dossier géif opmaachen, well et wichteg ass, fir deene Leit ze hëllef.

Well wa mer déi Leit, déi wëlle schaffe goen, an déi Leit, déi sech druginn, all Kéiers och nach bestrofen, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, dann ass net grad d'Motivatioun ganz grouss, fir do eppes ze maachen. Dann ass dat e falscht Zeechen. An ech mengen, do ass et grad un eis als ëffentlech Hand, als Stat, do muss de Geste sinn, fir deene Leit och kënnen ze hëllef, fir doraus erauszekommen.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Marc Spautz** (CSV). - Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, d'sozial Froe vum leschte Jorhonnert ware Pensionsversicherung a Sozialversicherung. Déi gréisste sozial Fro an de soziale Problem, dee Lëtzebuerg de Moment kennt, ass de Logement. Ech erkläre mech.

Wann näämlech esou e groussen Undeel vum Loun dropgeet, fir wunnen ze goen, dann ass et normal, dass et schwierig ass, fir digne duerch d'Liewen ze kommen. De Gilles Roth ass scho gëschter am Detail a senger exzellenter Ausféierung dorop agaangen.

Nach an den 80er Joren ass hei zu Lëtzebuerg 10 % bis 15 % vum Revenu vun engem Stot dropgaange fir de Logement. A 85 % vun de Leit, kënnt Der noliesen an de Berichter, aus der Mëtt 80er Joren, do ware 85 % vun de Residentë Propriétaire vun engem Haus an et waren nëmme 15 % vun de Leit, déi am Locatif waren. Mä de Gros vun de Lëtzeburger, net nëmmen de Lëtzeburger, mä vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, ware Propriétaire. A mir feieren elo gläich den 100. Joresdag vun der Grënnung vun der Société nationale des habitations à bon marché, enger Wunnengsstruktur, déi vum Stat gegrënnt ginn ass nom Eischte Weltkrich, fir de Leit ze hëllef, zu engem Eegenheem ze kommen.

Mir haten och an där Zäit, an do gëtt et en exzellent Buch vun der Madamm Antoinette Lorang, do sinn et Betriber ginn, déi Wunnenge geschaaft hunn. An dee gréisste Promoteur hei zu Lëtzebuerg ëm den Eischte Weltkrich an och direkt nom Eischte Weltkrich war keen anere wéi d'ARBED, déi deemools Wunnenge gebaut huet fir hir Leit, fir dass mer de Problem vum Stau net sollte kréien, dass d'Leit kéinte bei de Betrib wunne kommen. An dat war jo net nëmmen e Selbstzweck, mä dat war awer och, well se wussten, wann d'Leit méi séier op der Aarbecht sinn, da si se och éischter do, wa mer ruffen.

Mä déi sozial Responsabilitéit vun de Betriber, déi kenne mer haut net méi. Mir hu se nach an de 70er an an de 60er Jore kannt um Bau, wou ganz vill Bauentreprisen deene Leit, déi se komme gelooss hunn aus Portugal an aus Italien, Wunnengen zur Verfügung gestallt hunn, fir dass se konnten dohinner schaffe kommen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, firwat soen ech dat? 10 % bis 15 % sinn déizäit dropgaange vun de Revenu vun engem Partner an där Famill, dee schaffe gaangen ass, well do ass meeschtens den zweete Partner doheem bliwwen. An et ass awer duergaangen, mat deene Suen en Haus ze kafen, en Haus ze bauen oder och digne wunnen ze goen.

Haut bleiwe mer bei 30 % bis 40 % vun de Revenuen, déi dropgi fir de Logement, an net de Revenu vun enger Persoun, mä de Revenu vum Menage, déi zu zwee schaffe ginn, fir sech dat nach kënnen ze leeschten! An et ass do, wou et gëllt, Akzenter ze setzen. A wann ee jo d'Terrainspräisser hei zu Lëtzebuerg kuckt, plazeweis ass et hei zu Lëtzebuerg jo méi deier wéi zu München, zu Frankfurt an am Bering vu Paräis. Wann een nëmmen eleng de Präis kuckt, fir hei zu Lëtzebuerg kënnen ze bauen, wann ech do d'Stad Lëtzebuerg an de Speckgürtel ronderëm kucken, wat Der do fir en Ar-Präis bezuelt, do kritt Der och schonn eppes an deene Groussstied fir aner Präisser an och fir méi bëlle, wéi dat hei de Fall ass. An ech mengen, dass et do wichteg ass, eppes dohinzusetzen.

A wann et am Ufank nëmmen de Präis vum Terrain war, deen de Bau verdeiert huet, stelle mer jo fest - an et si jo och ganz vill Kommunalpolitiker, déi stellen dat all Dag fest, wa se elo Soumissiounen opmaachen, wat se do Iwwerraschungen hunn, wéi déi Soumissiounen do op eemol duerch de Plaffong ginn.

Ech hunn net méi spéit wéi d'lescht Woch vun engem Syndikat héieren, déi haten 12 Milliounen virgesi fir e Projet. Elo, wou se d'Soumissioun opgemaach hunn, waren et der 19 Milliounen, wat dee Bëllesten eraginn huet, déi elo awer e bësse staunen, wat do alles geschitt ass, an déi elo musse kucken, wou se déi 7 Milliounen, déi se jo net previsionnéiert haten, dann elo hierkréien, fir hire Projet awer kënnen ze maachen. Et ass bei engem Kläranlagesyndikat - Kläranlagen ass jo e gutt Thema -, déi do wirklech net méi wëssen, wéi se dann elo do d'Enner zesumme kréien.

Mir wëssen et alleguer: D'Gemenge wäerte méi bezuelen an dann ass et fäerdeg. Mä et ass awer och do, wou ee gesäit, wéi de Bau ëmmer méi deier gëtt, an dass mer och musse kucken, fir eppes do ze maachen, well wa mer ëmmer méi investéieren, dann ass et jo kloer, dass gläichzäiteg de Bau méi deier gëtt, well wa méi Aarbecht um Marché ass wéi déi, déi ka gemaach ginn, da ginn och d'Präisser an d'Luucht. An och dat där een net vergies sen.

An et sinn och gläichzäiteg, an dat ass scho vu Kollegen heibanne gesot ginn, ëmmer méi Lëtzeburger, déi an d'Ausland ginn. A wann déi Chifferen, déi ëmmer virgefuert ginn - ech ka se net kontrolléieren, mä d'Regierung huet dat bestëmmt -, richtig sinn, da ginn ëmmer méi Lëtzeburger Frontalieren an hirem eegene Land, an déi Zuel géif sech an Tëschenzäit tëschent 16.000 a 25.000 Leit bewegen, mengen ech, wat och net grad e gutt Zeechen ass. An ech bedauern et och, ech hat lescht Kéiers an enger Zeitung gelies, wou do ee gesot huet: Maja, da sollen d'Lëtzeburger an d'Ausland wunne goen, da kënnen se sech dat besser leeschten, déi schlecht Gestallten; da kënnen mir gutt bezuelten Auslänner an d'Land huelen. Ech mengen och, dass dat engem Land wéi Lëtzebuerg net gerecht gëtt.

Ech mengen, an dat huet d'Martine Hansen gëschter gesot, dass mer müssen en Émdenke maachen. Hatt ass op d'Beispill agaange vun de Plan-sectoriellen. Wéi d'Regierung Bettel 1 ugetratt ass, ware se op Clierf an e Seminar. Ech weess net, ob de Clierfer Buergermeeschter hinnen do eppes afgelösst hat. Si haten duerno gesot, dat wier elo alles séier geregelt an déi véier Plan-sectorielle kéimen. D'Plan-sectorielle sinn zrëckgezu ginn. Et sollen ëmmer neier kommen. Well dat ass den A an den O an där ganzer Geschicht: Wou sollen d'Industriezonen hikommen? Wou soll de

Wunnengsbau hikommen? A wéi soll et mam Transport viruoen?

Well haut stinn d'Leit tëschent eng an zwou Stonnen den Dag am Stau, fir schaffen ze goen, well se esou laang brauchen. Do, wou d'Aarbechtsplaz sinn, hate mer nach fréier, dass de Patron, wann en Aarbechtsplaz geschaaft huet, Wunnenge gebaut huet, ob dat an enger Faïencerie war, ob dat war bei de Brauereien, ob dat war an der Siderurgie. Dat ass esou haut net méi de Fall. An da komme se duerch de Fläschenhals all Moien eran, ronderëm d'Stad Lëtzebuerg an an d'Stad Lëtzebuerg, fir dohinner schaffen ze kommen, a stinn annerhalfe Stonn am Stau. A mir hätte gär, dass et zu enger Dezentraliséierung kënnt, dass d'Aarbechtsplazen erëm bei de Leit sinn, dass d'Aarbechtsplazen do geschafe ginn, wou d'Leit wunnen.

Dofir brauche mer onbedéngt déi Plan-sectoriellen. An ech géif nach eng Kéier en Appell maachen, dass et awer elo esou lues Zäit gëtt, fir dat dann alles ze bréngen, wat schonn 2014 anscheinend fäerdeg war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng grouss Zukunft wäert och bei der Digitaliséierung sinn. Ech ënnersträichen dat nach eng Kéier, wat den André Bauler gesot huet, an och dat Dokument vun der CSV „Eng sozial Visioun fir den digitalen Zäitalter“. Mir brauchen Digitaliséierung um Aarbechtsmaart, an der Schoul an am Liewen. Awer et gëllt och do de richtige Kader ze schafen. De richtige Kader ze schafen, do gëllt et virun allem och Ängscht bei de Leit ofzebauen, Ängscht virun allem bei deenen eelere Generatiounen.

Ech hunn et am Ufank gesot: Wa mer d'Agence vun der Post zoumaachen, d'Agence vun der Bank zoumaachen an dann äntwerte mer hinnen: „Dir kënnt elo elektronesch dorop zrëckgräifen“, dann ass et och vläicht wichteg, dass mer d'Leit mat der Hand huelen an deenen hëllef, dat unzibidden, wéi se sech digitaliséiere kënnen, a gläichzäiteg hinnen och soen, dass dat keng Gefor ass, mä dass et eng Vereinfachung ass, dass et hinnen d'Liewen a ville Punkte ka vereinfachen. An do wier et wichteg, eng Werbung, ech nennen et eng Werbung, eng Campagne ze maachen, fir hinnen iwwert d'Virdeeler vun der Digitaliséierung ze schwätzen an net nëmmen iwwert d'Nodeeler.

Mä ier een esou eng Campagne ka maachen, muss ee sech awer ee Kader ginn. An do ass et och wichteg, bei deene Schaffenden déi Ängscht ofzebauen, well Dir hutt verschidde Secteuren, wou d'Ängscht uleeft, wann et heescht: Wat maache mer mat der Digitaliséierung? Wann Der an e Supermarché gitt mat enger elektronischer Keess oder wann nach e Mënsch dosëzt, fir nëmmen dat Beispill ze huelen, fir dass ee mat deene Leit schwätzt, dass een net nëmmen Aarbechtsplazen domadder ofschaaft, mä dass een och nei Aarbechtsplaz bei der Digitaliséierung ka schafen, dass dat e Wandel ass, dee kënnt.

Dofir wier et wichteg, dass mer eng Kéier eng Diskussioun hei am Parlament géifen dozou féieren, wéi mer et an der Digitaliséierung gesinn, wat mer als Virdeeler, wat mer als Nodeeler gesinn. An do weess ech, dass eng Kollegin vu mir esou eng Debatt wäert ufroen, fir dass mer kënnen esou eng Diskussioun heibanne féieren iwwert d'Digitaliséierung, fir op d'Virdeeler an d'Nodeeler hinzewiesen, dass dat eng ganz grouss Wichtegkeet huet. Well och do muss een definéieren, aarbechtsrechtlech gekuckt, wéini een dann am „on“ a wéini een am „off“ ass.

Wann ech eis alleguer heibanne kucken, wa mer elo allegueren heibanne wieren zu 60, dann hu mer allegueren esou en Apparat an der Täsch. An dee geet bei deenen enge 24 Stonnen op 24 Stonnen, déi aner maachen en emol heiansdo aus, a wann et och nëmmen ass, fir ze lueden. Mä, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, heiansdo ass ee jo ganz frou, wann een deen Apparat derbäi huet, mä heiansdo nervt een dat jo och ganz schéin!

An elo si mir net an engem Salarisverhältnis, mä et ass wichteg fir déi Leit, déi an engem Salarisverhältnis sinn, déi en Handy oder e Computer zur Verfügung gestallt kritt hunn, dass et net ka sinn, dass déi müssen do 24 Stonnen op 24, 7 Deeg op 7 an 365 Deeg am Joer zur Verfügung stoen, soudass et och wichteg ass, do deen néidege Kader ze schafen, fir dat alles kënnen ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, de Virdeel vun der Digitaliséierung ka sinn, d'Aarbechtswelt an d'Famill besser openeen ofzestëmme. D'Aarbechtszäiten, nei Technologie wéi den Teletravail kënnen sécher dozou bidden





droen. Et geet drëm, dat an de Kader ze setze vun der Humaniséierung vun der Aarbechts-welt. Et géllt och, Leit am Beruffsliewen déi Zäit fir d'Famill ze ginn, déi noutwendeg ass.

D'CSV ass fir eng modern Familljepolitik, eng Familljepolitik, wou een all Liewensformen ënnerstëtzt an net déi eng géint déi aner ausspillt. D'CSV ass fir de Choix.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, d'CSV-Fraktioun hat op hirem Fraktiounsdag d'Familljepolitik an de Mëttelpunkt gestallt. An déi 21 Deputéiert, zesumme mat de Mataarbechter vun der Fraktioun, hunn do Projeten ausgeschafft, Propositionen ausgeschafft, wou ech d'Eier an d'Freed hunn, déi hei kënnen elo ze presentéieren, fir eng modern an eng sozial Familljepolitik. Dat si Punkte fir de Familljemodell. Dat geet em eng aner Aarbechtszäitorganisatioun. Dat geet em eng sozial Ofsécherung, fir do de Leit besser kënnen de Choix ze loossen, wat se wëlle maachen an a wat fir eng Richtung si hiert Familljeliewe wëlle gestalten.

D'CSV schléit eng Politik vir mat méi Zäit, méi Flexibilitéit, méi Fräiheet a méi finanzielle Mëttel fir all Famill. De Stat soll ënnerstëtzen, ouni de Leit hiert Liewe virzeschreiwen. Fir d'CSV ass d'Familljepolitik keng Ideologie. De Stat dierf net de Familljemodell virginn. Dofir wëllt d'CSV och Familljen ënnerstëtzen, bei deenen ee Partner bewosst fir d'Erzéiungsaarbecht doheem bleift.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Marc Spautz** (CSV).- D'CSV deposéiert elo an e puer Minutte siwe Motiounen a fënnef Proposition-de-loien, déi et erméiglechen, jiddwerengem dat Familljeliewen ze geneemegen, dat sengem Liewensmodell, dat senger Philosophie entsprécht.

Mir hätté gär d'Aféierung vun engem Familljendësch, fir kënnen beim Familljendësch emol eng Kéier all déi Diskussiounen ze féieren, an net dass déi Associatiounen sech géigesäiteg mat Communiquéé soen: „Déi eng, dat sinn déi modern, dat anert sinn déi onmodern“, mä dass d'Regierung soll e Familljendësch mat all den Akteuren aus der Gesellschaft, déi sech ëm d'Famill bekëmmern, zesummeruffen, fir d'Suergen an d'Besoinen vun de Leit mat deenen ze debattéieren an och kënnen konkret Propositionen auszeschaffen.

Dofir proposéieren ech hei eng éischt Motioun, Här Vizepresident.

## Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant la recomposition des liens sociaux dans la société luxembourgeoise ;

- considérant les profondes mutations des familles à tous les niveaux ;

- rappelant l'importance de la famille qui transmet des valeurs et des normes et produit un lien social fort ;

- constatant que le libre choix du modèle de vie familial n'est souvent qu'une liberté théorique pour les familles concernées ;

- considérant qu'une amélioration de la politique familiale nécessite un grand débat d'idées nationales et sociétales pour arriver à des réponses nouvelles et durables pour toutes les personnes concernées ;

invite le Gouvernement

- à instaurer un « Familljendësch » pour dresser objectivement et scientifiquement un état des lieux des problèmes des familles et de la législation y afférente ;

- à rassembler dans ce cadre tous les acteurs concernés ;

- à arriver ainsi à un large débat d'idées innovatrices aboutissant à des propositions nouvelles et concrètes afin d'optimiser les réponses et tenir compte des besoins de tous les modèles familiaux.

(s.) Marc Spautz, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Georges Mischo, Marco Schank.

En zweete Punkt ass dee vum schoulesche Plang. Mir stellen och fest, a PISA huet dat bewisen, dass ëmmer méi Kanner Schwierigkeiten hunn, an der Schoul mat virunzekommen, dass verschidde Kanner an ëmmer méi Kanner duerch de Sift falen, dass do d'Sprooch doudsëcher e ganz grouse Problem ass, net nëmmen d'Sprooch vun der Schoul, mä och d'Sprooch, déi doheem geschwat gëtt.

A wann Der doheem Elteren hutt, déi där enger oder där anerer Sprooch, déi a Lëtzebuerg normal sinn, net mächtig sinn, bleiwen déi Kanner meeschtens op der Streck. Dat geet

och aus de PISA-Etuden an aus aneren Etuden ervir. An dofir proposéiere mer, dass misst eng gratis Hausaufgabenhëllef hei zu Lëtzebuerg agefouert ginn, dass all Kand am Fundamental ka gratis op d'Hausaufgabenhëllef zrëckgräifen.

Här President, ech ginn lech domadder eng zweet Motioun vun der CSV.

## Motion 4

La Chambre des Députés,

- constatant qu'il ressort tant du dernier rapport PISA 2015 sur le Luxembourg que du Rapport national sur l'éducation au Luxembourg de 2018 que l'acquisition et le développement des compétences des élèves dépendent e. a. de leur contexte migratoire ainsi que du statut socio-économique des parents ;

- constatant également que de plus en plus de parents travaillent de nos jours tous les deux à plein temps, de sorte qu'ils ont peu de temps pour s'investir dans les études de leurs enfants ;

- considérant que le succès scolaire d'un enfant ne doit être tributaire ni du milieu socio-économique de ses parents ni de leur niveau socio-culturel ou encore de leur disponibilité ;

- constatant encore que de nombreux prestataires d'accueil et d'encadrement d'enfants organisent d'ores et déjà une supervision des devoirs, lors de l'accueil des enfants y inscrits ;

- constatant également que cette mission de supervision, pour importante et nécessaire qu'elle soit, n'est pas suffisante, si on veut offrir à chaque enfant une réelle chance de développer ses facultés et talents et réduire ainsi les inégalités d'accès au savoir ;

- considérant encore que l'accompagnement scolaire ne saurait être considéré comme un élément autonome se situant complètement en dehors du système scolaire ;

- considérant, au contraire, que la réussite de l'accompagnement scolaire passe par une étroite collaboration entre l'école et les prestataires de l'accueil et de l'encadrement ;

- concluant qu'au nom de l'égalité des enfants, chaque enfant, y compris celui qui ne bénéficie pas des prestations d'accueil et d'encadrement, devrait pouvoir être suivi dans ses études ;

invite le Gouvernement

- à œuvrer dans le sens d'une collaboration plus étroite entre l'école et les structures d'accueil et d'encadrement concernées ;

- à prévoir et soutenir dans ce contexte la mise en place de projets pilotes destinés à optimiser la collaboration entre les maisons relais et l'école ;

- à initier avec les parties concernées un dialogue en vue d'implémenter au niveau de l'école fondamentale l'aide et le soutien gratuit aux devoirs et à l'apprentissage.

(s.) Marc Spautz, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Georges Mischo, Marco Schank.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance.- Merci.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- En anere Punkt ass deen am Kader vun de Kannerbetrieungsstrukturen. Do si mer der Meenung, dass déi Aarbechten an déi Definitioun vun deenen Agent-régionallen, déi d'Qualitéitskontroll maachen ...

Wou ech zwar eng Klammer maachen, dat hu mer elo net an der Motioun geschriwwen, mä ech mengen nach eng Kéier, et misst een driwwer nodenken, ob een dat net misst an en anere Gremium setzen, net bei de Service national de la jeunesse, mä ob een do net misst iergenden anere Gremium schafen, wou déi wierklech komplett onofhängeg déi Aufgab géife maachen.

Déi Klammer maachen ech erëm zou, an dat soen ech och hei a betounen ech, dass dat just meng reng perséinlech Meenung ass. Mä ech fannen dat net gutt, dass dat innerhalb vun dem Service national de la jeunesse ugesidelt ass, mä et wier besser - d'CSSF ass jo och net ugesidelt beim Här Finanzminister -, wann een e Kontrollorgan hätt, dass een dat och vläicht do géif usidelen, wou et net direkt mat deem Ministère a mat deem Minister eppes ze dinn hätt.

Mä d'Motioun freet, dass do d'Méiglechkeet besteet, dass d'Agent-régionale méi Qualitéitskontrollen kënnen maachen an den Accueilstrukturen an dass se do och d'Méiglechkeet hunn, ouni sech musse laang am Virfeld unzemellen. Well Dir kënnt lech nach alleguerten erënnere: Wa fréier den Inspekter an d'Schoul komm ass, dann ass ënnert der Bänk geraumt ginn, wann den Inspekter sech ugemellt hat, an dann ass och alles schéin tiptopp an der Rei gewiescht, wann den Inspekter komm ass.

Dofir si mer der Meenung, dass et besser wier, déi Kontrollen wiere spontan a si géifen net nach laang am Virfeld ugemellt ginn, well da wiere se bestëmmt och méi effikass. An déi Pro-

blemer, déi d'Leit mellen, géifen dann och vläicht éischter constatéiert ginn, wéi wann ëmmer fir d'Éischt eng Umeldung do ass.

Här President, ech ginn lech dozou eng drëtt Motioun vun der CSV.

## Motion 5

La Chambre des Députés,

- rappelant que la loi du 24 avril 2016 portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse institue la création d'agents régionaux « enfance et jeunesse » ;

- sachant que selon l'article 8 du règlement grand-ducal du 27 juin 2016 concernant l'assurance de la qualité dans l'activité de l'assistance parentale, dans les services d'éducation et d'accueil pour enfants et dans les services pour jeunes, les contrôles par les agents régionaux sont prévus deux fois par an ;

- sachant encore que les visites des agents régionaux sont annoncées au moins deux semaines en avance et par voie écrite au gestionnaire ou à l'assistant parental participant au dispositif du chèque-service accueil ;

- notant que la mission des agents régionaux consiste dans le contrôle et le monitoring de la qualité pédagogique et éducative des services d'accueil et d'éducation pour enfants, des assistants parentaux et des services pour jeunes ;

- précisant que les contrôles des agents consistent à rassembler les faits constatés sur place et à émettre des avis et recommandations aux services responsables du ministère qui pourront décider, le cas échéant, d'enlever la qualité de prestataire CSA ;

- considérant que le secteur de l'accueil de la petite enfance est un secteur particulier sensible qui mérite qu'on y attache une grande attention notamment en assurant aux agents régionaux les moyens leur permettant d'effectuer un contrôle efficace ;

- constatant in fine qu'il serait souhaitable de renforcer dans les structures ou auprès des prestataires concernés la promotion d'une culture de sensibilisation, d'information et de contrôle en matière de qualité de l'encadrement et de l'accueil des enfants et des jeunes ;

invite le Gouvernement

- à étendre les missions des agents régionaux en prévoyant dans leur chef de réelles missions de contrôle de qualité et de recherche d'infractions ;

- à prendre les mesures nécessaires afin de permettre aux agents régionaux de se rendre librement et sans avertissement préalable auprès du gestionnaire ou de l'assistant parental participant au dispositif du chèque-service accueil afin d'y effectuer les contrôles nécessaires.

(s.) Marc Spautz, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Georges Mischo, Marco Schank.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance.- Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Marc Spautz** (CSV).- E weidere Punkt ass deen, wat d'Motioun ubelaangt vum „service public“: Dir wësst, dass beim Gesetz vun der Jeunesse vun 2016 do verschidden Termen drastinn, wéi „mission de service public“ an „bénéfice raisonnable“, „Bénéfice raisonnable“, ech muss lech soen, den Här Gramegna huet do doudsëcher eng aner Virstellung, wat en „bénéfice raisonnable“ ass wéi ech. An ech ka mer virstellen, den Här Schneider huet och eng aner Meenung dozou wéi d'Martine Hansen, wat en „bénéfice raisonnable“ wier, soudass een net an engem Gesetz einfach schreiwe sollt vun engem „bénéfice raisonnable“, mä dass een dann och definéiere sollt, wat deen „bénéfice raisonnable“ ass.

Well wa mer elo am Gesetz kucken, do schreiwe mer ëmmer dran, de Benefiss muss rasonabel sinn an da kucke mer weider. Do wier et kloer an et wier och gutt fir d'Bedreiwer vun deenen Haiser, dass déi wësst, wat konkret den „bénéfice raisonnable“ géif bedeuten.

Här President, dofir ginn ech lech eng véiert Motioun vun der CSV dozou of.

## Motion 6

La Chambre des Députés,

- sachant qu'au Luxembourg la situation de l'éducation et de l'accueil extrafamilial et extrascolaire a évolué de manière considérable au cours des dernières années ;

- notant en effet que l'offre totale de places en structures d'éducation et d'accueil (« SEA ») se chiffre à quelque 56.000 places en 2017<sup>1</sup> ;

- constatant que les SEA se sont vu reconnaître, par la loi du 24 avril 2016 modifiant la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse, une mission de service public ;

- constatant que cette mission n'est définie nulle part ;

- constatant encore que pour déterminer les coûts occasionnés par l'exécution des obligations découlant de l'accomplissement de la mission de service public par le prestataire, sont pris en considération les coûts variables occasionnés par la fourniture desdites prestations, s'il y a lieu une contribution proportionnelle aux coûts fixes communs au service en cause et à d'autres activités, ainsi qu'un « bénéfice raisonnable », qui n'est pas défini ;

- considérant que ces structures interviennent dans un contexte, celui de la jeunesse, où il échet de fixer de manière claire et précise les attentes de la politique envers ces structures pour que celles-ci puissent prendre toutes les mesures nécessaires afin de remplir leurs obligations, et ce d'autant plus que seuls les coûts liés à la mission de service public sont pris en compte par l'État ;

- considérant encore que le paysage SEA a beaucoup évolué ces dernières années ;

- constatant que si d'une part les contraintes, qu'il s'agisse de contraintes liées à la qualité de l'accueil ou liées à l'enseignement plurilingue, ont considérablement augmenté, de nombreuses structures ont investi dans des concepts offrant des prestations ou des services spécifiques supplémentaires afin de se démarquer des autres entités et mieux répondre aux besoins et attentes des familles et des enfants en diversifiant l'offre en prestations ;

- considérant qu'il est dans l'intérêt des familles et des enfants de préserver un paysage des structures SEA diversifié ;

- considérant qu'il n'est pas toujours aisé de savoir quelles sont les prestations dont les coûts sont pris en charge par l'État, car tombant dans la catégorie des prestations qualifiées de missions de service public, et quelles sont les prestations spécifiques supplémentaires pouvant être facturées au-delà du tarif maximal de six euros de l'heure correspondant à l'aide maximale de l'État au titre du CSA ;

- constatant que de telles précisions sont importantes pour les structures, et plus spécialement pour les petites structures, afin de gérer leur quotidien et planifier leur avenir ;

invite le Gouvernement

- à définir, dans les plus brefs délais, de manière précise les tâches qui incombent aux SEA au titre de « mission de service public » et à procéder, le cas échéant, à la modification des textes législatifs et réglementaires y relatifs ;

- à définir également clairement les prestations spécifiques supplémentaires qui peuvent être facturées au-delà du montant maximal que l'État est prêt à prendre en charge ;

- à définir in fine de manière précise la notion du « bénéfice raisonnable » et à modifier, le cas échéant, également les textes législatifs et réglementaires y relatifs.

(s.) Marc Spautz, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Georges Mischo, Marco Schank.

A wa mer da vum Congé parental schwätzen, wat jo och nach fir all Familljemodell deeselwechten ass, do hat, wéi deen neie Congé parental komm ass, meng Kolleegin Françoise Hetto eng Hällewull Amendemente gemaach, wou d'Ministesch duerno gesot huet an der Kommissioun, et wier e bëssen ze spéit gewiescht. Do muss ech awer soen: Dat ass vläicht richtig gewiescht; vläicht och net, well et hätt een, wann awer de Willen do gewiescht wier, dat och aneschtens kënnen maachen!

An dofir géif ech lech hei och eng Proposition de loi gi vun der CSV betreffend de Congé parental, wou mer awer och gläichzäiteg der Meenung sinn, dass de Congé parental misst kënnen ausgebaut ginn, wou een och kéint d'Méiglechkeet hunn, dass deen ee Partner deem anere säi Congé parental iwwerhëlt. An eppes, wat mer 2013 an eiseem Wahlprogramm stoen haten: Wann Der och nach Grousselteren hutt bei engem Kand, déi aktiv sinn, dass een och do d'Méiglechkeet misst schafen - well de Congé parental ass jo fir d'Kand do -, dass, wann d'Elteren aus wat fir enge Grënn och ëmmer net kënnen op dat Angebot zrëckgräifen, dat och kéint op d'Grousselteren ausgebaut ginn.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Wannechgelift, hei ass d'Proposition de loi.

**7434** - Proposition de loi portant flexibilisation du congé parental et extension de l'exercice du congé parental aux grands-parents et modifiant 1. le Code du travail, 2. le Code de la sécurité sociale, 3. la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État et 4. la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

<sup>1</sup> Rapport MEN 2018





► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance.- Merci.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, ech wëll dann och nach eng aner Proposition de loi eraginn, dat ass dat Gesetz modifié vun 2008 iwwert d'Jeunesse, wou mer och gären hätten - do geet et och ëm de Congé parental -, dass do och nach eng Kéier muss definiert ginn, wat d'Duréeë vum Congé parental ubelaangt, dass een déi och ka staffelen, véier respektiv sechs Méint, an dass een do och kann, wat de Chèque-service ubelaangt, aner Dispositionen huelen.

Dofir ginn ech lech och do eng Proposition de loi.

**7435** - Proposition de loi portant modification de loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse

Elo muss ech oppassen, dass ech mat de Proposition-de-loien a mat de Motiounen laanschteneekommen.

Dann ass et eis och drëm gaangen, mir hunn et virdu gesot, mir hunn iwwer berufstäteg Eltere geschwat, mir hunn iwwert d'Digitaliséierung geschwat, mir hunn iwwert den Teletravail geschwat, dass et do och wichteg ass, dass mer do méi maache fir den Teletravail, den Teletravail am öffentliche Secteur, den Teletravail am Privatsektor. Am Teletravail ass et en Accord ginn, do waren den Här Gramegna an ech - dunn hate mer nach allen zwee aner Aufgaben - och mat involved, wéi tëschent de Sozialpartner deemools an de Berufschamberen e fräiwëlle-gen Accord fonnt ginn ass iwwert den Teletravail. Mir sinn der Meenung, dass een dat alles nach eng Kéier misst an Ugrëff huelen, souwuel am öffentliche Secteur, wou et jo och plazeweis leeft, mä och am Privatsektor, fir den Teletravail vill méi ze fërderen.

An dofir géif ech lech eng Motioun dozou ginn.

#### Motion 7

La Chambre des Députés,

- considérant que le télétravail, encouragé par la mondialisation économique et l'optimisation des technologies modernes de l'information et de la communication, est un mode de travail qui ren- contre un succès grandissant ;

- constatant que le télétravail est lié à de nom- breux enjeux sociaux, économiques et environne- mentaux ;

- constatant ainsi plus précisément que si des garanties réelles sont données aux salariés, et si notamment le droit à la déconnexion est respecté, le télétravail constitue un mode d'organisation de travail garantissant aux salariés une meilleure qualité de vie et à l'entreprise des salariés plus motivés et partant plus performants ;

- considérant en effet que le télétravail favorise une meilleure conciliation entre vie professionnelle et vie privée/familiale en assurant notamment aux parents un gain de temps précieux qu'ils peuvent passer avec leurs enfants plutôt que sur les trajets ;

- constatant que le travail à distance peut éga- lement être un outil du développement durable en réduisant le trafic du transport collectif et privé du Luxembourg et de la Grande Région, et de ce fait en diminuant les émissions CO<sub>2</sub> responsables du réchauffement climatique et autres agents pol- luants ;

- notant que le développement du télétravail s'ins- crit aussi dans la mise en œuvre des conclusions de l'étude Rifkin, alors que ce mode de travail figure en haut de la liste des domaines d'application concrets de la troisième révolution industrielle ;

- notant que dans le secteur privé, le télétravail fait l'objet d'un encadrement juridique via une convention signée entre les partenaires sociaux en 2006 et reconduite à plusieurs reprises, et que cet accord et ses reconductions ont été déclarés d'obligation générale par règlement grand-ducal ;

- notant encore que dans le secteur public, le télé- travail dispose d'une base légale depuis 2003 complétée en 2012 via règlement grand-ducal ;

- constatant que selon le Statec en 2015, 6,1 % des actifs résidents étaient concernés par le télétravail ;

- constatant encore que dans la fonction pu- blique, l'ancien Ministre de la Fonction publique avait, sur base de l'étude Rifkin, lancé en octobre 2017 un projet pilote « Télétravail » dont le but est e. a. d'identifier les problèmes potentiels et de formuler, sur base des expériences faites, des re- commandations au niveau législatif ;

- constatant qu'une centaine de fonctionnaires répartis sur onze établissements ont participé à ce projet pilote et qu'en septembre 2018, le Ministre de la Fonction publique de l'époque a tiré, lors d'une conférence de presse, les premières conclu- sions de celui-ci ;

- notant que ce dernier a clairement affirmé lors de la conférence de presse que le cadre législatif n'est plus adapté ;

invite le Gouvernement

au niveau du secteur public ou assimilé :

- à montrer l'exemple en étendant le télétravail aux entités étatiques et aux entités assimilées qui ont montré un réel intérêt pour ce mode de travail voire qui ont la possibilité de recourir à cette forme de travail à distance ;

- à finaliser le plus rapidement possible l'évalua- tion définitive du projet pilote de 2015 et de pro- céder aux modifications nécessaires qui s'im- posent afin de mieux encadrer la mise en œuvre du télétravail ;

au niveau du secteur privé :

- à voir avec les partenaires sociaux concernés s'il ne serait pas opportun de légiférer en la matière et de donner ainsi une base légale générale au télétravail en s'inspirant des dispositions de la Convention de 2006 telle que reconduite voire en y apportant les modifications qui s'imposent, quitte à ce que les spécificités propres aux diffé- rents secteurs ou entreprises peuvent être prises en compte dans le cadre des conventions collec- tives ou accords interprofessionnels ;

- à s'assurer que le cadre légal prenne en compte les implications que le télétravail entraîne e. a. au niveau du travail, du droit fiscal, du droit de la sécurité sociale ou de la législation en matière de protection de la vie privée ;

- à mobiliser les efforts en vue de trouver tant sur le plan européen en général et sur le plan de la Grande Région en particulier des solutions adé- quates pour les salariés frontaliers ;

en tout état de cause,

- à s'investir dans la promotion du télétravail tous azimuts et à prendre les mesures qui s'avéreront nécessaires ;

- à promouvoir dans ce contexte notamment les différentes formes de travail à distance et notam- ment les espaces de cotravail (coworking spaces) dans les zones périphériques situées à proximité de pôles multimodaux pour avantage de flexibi- lité.

(s.) Marc Spautz, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, Georges Mischo, Marco Schank.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance.- Merci.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- A wa mer dovu schwätzen, fir den Teletravail méi ze fërderen, da menge mer, dass dat legislativ muss ge- schéien, an da géife mer awer och nach gären eng Kéier op dat zrëckkommen, wat schonn eng Kéier heibannen diskutéiert ginn ass a wou och ee vu menge Kollegen, deen och nach gläichzäiteg Buergermeeschter ass, déi Diskus- sionen schonn eng Kéier gefouert huet: fir Ge- baier ze schafen, dass direkt op de Grenzen d'Leit do kënnen schaffen. Well mir wësse jo beim Teletravail, dass mer ënnerschiddlech Be- handlungen hunn, jee nodeem ob dat Däitschland, Frankräich oder d'Belsch ass, well dat bilateral Accorde sinn, an dass et do net méiglech ass. Deemno wéi laang Der do schafft, da gitt Der näamlech net méi nom Lët- zebuerger Modell, mä nom däitschen, fran- zesischen oder belsche Modell behandelt, sou- dass een do och muss déi néideg Punkten ugin.

Ech ginn lech nach deen Ziedel, dee kënnst nach bei deen aneren derbäi, Här President, net dass Der duerjerneekommt.

#### (Interruption par la présidence)

Da geet et ëm deen nächste Modell, dee mer wëllen hunn. Deen nächste Modell, dee mer hunn, dat ass dee vun de Betribscrëchen. Mir hätten och gären, dass een driwwer nodenkt, fir Betribscrëchen ze maachen. A wann ech soen „Betribscrëchen“, dann ass et och gläich- zäiteg, dass dat net muss eleng op de Betrib reduzéiert sinn, dat kann och an enger Zon sinn. Mir wëssen, dass vill Betriber net déi kritesch Mass hunn, fir et elo emol esou ausze- drécken, fir ze soen, dass et sech géif bei hinne rentéieren, fir eng Betribscrèche ze maachen. Mä wann een awer déi Betriber, déi an deem ganze Zoning sinn, mat géif eranhuelen, da wier déi Méiglechkeet do.

Dofir hätte mer gären, dass een do alles géif maachen, fir dass méi där Crèchë géifen ent- stoen, an dass een do iwwer e Crédit d'impôt fir Betriber kéint fueren, fir deene Betriber, déi eng géife schafen, déi Ureegung an déi Hëlle- fen ze ginn, déi se brauchen, fir Betribscrëchen ze maachen.

Dozou déi heite Motioun, Här President.

#### Motion 8

La Chambre des Députés,

- rappelant qu'au Luxembourg la situation de l'accueil extrafamilial et extrascolaire a évolué de

manière considérable au cours des dernières années ;

- notant que l'offre totale de places en services d'éducation et d'accueil et en assistance paren- tale est passée de quelque 7.700 places en 2004 à plus de 59.000 places en 2019<sup>3</sup> ;

- constatant cependant que la demande en places d'accueil est toujours très grande et que beau- coup de parents ont toujours du mal à trouver une place d'accueil pour leurs enfants ;

- constatant que parmi les critères de recherche d'une structure d'accueil pour enfants figure la proximité de la structure du domicile des parents ou celle avec le lieu de travail ;

- constatant que plusieurs entreprises offrent à leurs salariés la possibilité de faire garder leurs enfants dans une crèche dans l'enceinte entrepre- neuriale, il n'en demeure pas moins que pour faire fonctionner une crèche qui peut aussi être financée, une certaine masse critique est nécessaire ;

- constatant que de nombreuses entreprises, notamment la plupart des PME, ne sauraient offrir un tel service à leurs salariés ;

- notant d'autre part que de nombreuses entre- prises seraient cependant prêtes à s'investir dans un tel projet, dès lors qu'il serait porté par plu- sieurs entreprises ;

- considérant dès lors qu'à côté des crèches d'en- treprises au sens strict qu'il échet de continuer à promouvoir, il appert que la création de crèches inter-entreprises ou de crèches communes à plu- sieurs entreprises permettrait d'augmenter l'offre en places d'accueil disponibles et prendrait égale- ment en compte les attentes des parents ;

invite le Gouvernement

- à encourager, à côté des crèches d'entreprises, la création de crèches inter-entreprises ; notam- ment via l'attribution d'un label d'employeur de qualité ;

- à examiner la possibilité de la mise en place d'un « crédit d'impôt » pour les entreprises qui mettent en place une crèche au sein de l'entre- prise respectivement qui entendent mettre leurs moyens en commun pour offrir à leurs salariés une structure d'accueil commune.

(s.) Marc Spautz, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, Georges Mischo, Marco Schank.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Da geet et nach ëm alles dat, wouriwwer mer rieds hate beim Congé parental. Mir haten och deemools rieds, dass ee misst kucken, wat fir eng Auswierkun- gen e Congé parental op kleng a mëttel Betri- ber huet, op d'Betriber am Allgemengen. Do si vill Betriber, déi käichen, do si Betriber, déi käiche manner.

Op där leschter Etüd, déi mer kritt hunn, wou d'Madamm Minister eis déi Detailler ginn hat iwwer alleguerten déi Leit, déi géife Congé pa- rental froen, wou mer jo op 50 % ukomm sinn tëschent Männlein und Weiblein, hu mer awer och festgestallt, opgrond vun der Nott vun der Sécurité sociale, wou een d'Secteur gesäit, dass a verschiddene Secteuren dat exzellent leeft an a verschiddene Secteuren dat awer nach ëmmer mat Schwierigkeete verbonnen ass, de Congé parental.

Dofir géif d'CSV do virschloen, dass mer géifen eng Etüd maachen, wou ee géif kucken ze- summe mat deene Betriber aus deene Secteu- ren, wat fir eng Auswierkungen de Congé pa- rental fir si huet op d'Produktivitéit. An et ass och wichteg, fir do ze kucken, fir d'Patronen ze encouragéieren an och, wat ee kéint alles maa- chen, fir déi Remplacemter ze generéieren.

An dofir géif ech lech nach eng Motioun ginn, Här Vizepräsident.

#### Motion 9

La Chambre des Députés

- considérant que la conciliation entre vie profes- sionnelle et familiale est depuis longtemps une priorité politique ;

- notant que les mesures mises en œuvre pour atteindre cet objectif doivent tenir compte des réalités sociétales et offrir aux familles les meil- leures conditions possibles ;

- sachant qu'il importe de continuer l'analyse des moyens mis en œuvre pour concilier vie profes- sionnelle et vie privée, dont notamment le disposi- tif du congé parental ;

- notant qu'un congé parental nécessite souvent des modifications et adaptations dans la planifi- cation d'une entreprise, et ceci notamment pour les petites et moyennes entreprises ;

- concluant qu'un bilan et une analyse profonde des modalités du congé parental s'impose auprès du secteur privé, et plus particulièrement auprès des petites et moyennes entreprises (« PME ») ;

invite le Gouvernement

- à lancer une étude approfondie portant sur les modalités du congé parental dans le secteur privé ainsi que sur les besoins des patrons et salariés du secteur privé ;

- à analyser dans le cadre de cette étude la possi- bilité de la mise en place d'un « pool de rem- plaçants » pouvant effectuer une partie des rem- placements générés par des congés parentaux dans le secteur des PME ;

- à prévoir et soutenir également dans ce contexte des initiatives et des projets pilotes destinés à optimiser la planification et l'organisation interne des PME en cas de congés parentaux.

(s.) Marc Spautz, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, Georges Mischo, Marco Schank.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance.- Merci.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, da fuere mer viru bei deenen nächste Punkten. Da geet et nach ëm dee vum Congé parental, wou et d'Méiglechkeet wier fir d'Grousselteren ..., do hat ech lech scho vir- drun déi Proposition de loi ginn.

#### (M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Mir sinn awer och der Meenung, dass een d'Diskussioun bei den „raisons familiales“, bei dem „congé pour raisons familiales“ sollt féieren. An ech weess, well mer eng ganz in- tensiv a flott Diskussioun an der Chambers- kommission haten, dass et oft do schwierig ass, och duerch d'Familles composées a recom- posées, fir heiansdo deen ze fannen, dee ka beim Kand bleiwen an dee kann dovun Notzen hunn.

Mir proposéieren do, och do d'Méiglechkeet ze ginn, dass dee Congé op d'Grousseltere kann ausgebaut ginn, dass och do d'Grousseltere vun de Kanner d'Méiglechkeet hunn, op dee Congé parental zrëckzegraifen, wa se nach am Berufsliewe sinn, well et awer wichteg ass, wann dat Kand eng Persoun bei sech huet, wann et am Spidol ass, wann et iergenden Trai- tement huet, dass et déi kennt. An do ass et méi einfach, wann dat dann een ass vun der Famill, wéi wann dat een ass vun iergendenger Struktur.

Dofir géif ech lech déi heite Proposition de loi och ginn, Här Minister, pardon, Här President - do war ech nach an der Vergaangenheet!

#### (Hilarité)

**7436** - Proposition de loi portant extension du cercle des bénéficiaires du congé pour raisons familiales aux grands-parents et modifiant le Code du travail

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Merci.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, da geet et nach ëm eng Allocation complémentaire. Dat ass och näischt Neits. D'Madamm Minister weess dat, wéi mer d'Vereenheetlechung vum Kannergeld ge- maach hunn, dass ech do am Numm vun der CSV gesot hunn, dass mer Problemer hätte mat enger Vereenheetlechung vum Kannergeld. Well virdrun hate mer jo eng Staffellung 1. Kand, 2. Kand, 3., 4., 5. an esou weider, well et awer fir Leit, déi méi wéi zwee Kanner hunn, also ab dem drëtten Kand, heiansdo Schwierig- keete ginn, well se sech dann aner Uschafunge musse maachen, déi nach net verlaangt sinn, wann Der der eent oder zwee hutt. An dofir hate mer deemools schonn eppes an d'Ge- spräch bruecht, wat mer genannt hunn, dass ee géif eng extra Allocatioun aféiere fir Famillje mat méi Kanner, ab deem drëtten Kand.

Do géif ech lech och elo eng Proposition de loi ginn - déi ass natierlech sozial gestaffelt jee no de Revenuen -, dass mer gären hätten, dass eng Primm, eng extra Allocatioun agefouert géif fir alleguerten déi Leit mat méi wéi dräi Kanner (veuillez lire : mat méi wéi zwee Kanner), déi awer dem Revenu vun den Elteren no - ech betounen: net vun de Kanner, well déi hu keen, mä vun den Elteren - gestaffelt ass.

An deem ganze Kader, wéll ech awer och soen, huele mer awer och nach eng Propos mat op, déi mäi Kolleeg Gilles Roth schonn eng Kéier gemaach hat dëst Joer beim Débat sur l'état de la nation, oder net État de la nation, mä bei der Regierungserklärung. D'Regierung huet an hi- rem Koalitiounsprogramm stoen - an d'Martine Hansen hat dat deemools och ënnerstrach -, dass se am Laf vun dëser Legislaturperiod d'Kannergeld erëm géif indexéieren.

Ech wëll soen, mir hunn deemools eng Mo- tioun gemaach a mir hu gesot, mir géifen d'Re- gierung opfuerderen, dat direkt ze maachen. An no deene fantasteschen Zuelen, esou wéi

<sup>2</sup> [https://fonction-publique.public.lu/fr/plus/actualites/articles-actualites/2018/07/20180727\\_teletravail.html](https://fonction-publique.public.lu/fr/plus/actualites/articles-actualites/2018/07/20180727_teletravail.html)

<sup>3</sup> Rapport 2018 Ministère de l'Éducation nationale





den Här Gramegna eis dat jo gezielt huet, gesi mer net an, dass een elo do nach muss fënnef Joer waarden oder nach véier Joer waarden, bis d'Kannergeld erëm indexéiert gëtt!

D'Kannergeld ass desindexéiert ginn deemools zu engem Zäitpunkt, wou et dem Land net esou gutt gaangen ass, an et war eng vun deene Spuermoosnamen. Mä ech hunn awer elo déi lescht Stonnen an Deeg vun der Majoritéitssäit vun der Chamber héieren an och vun där vis-à-vis hei vum Riednerpult, dass et dem Land esou gutt geet weí nach ni an dass mer net nëmme schwaarz Zuele schreiwen, mä och nach plus, plus, plus! Dofir si mir als CSV der Meinung, dass een d'Kannergeld direkt kéint indexéieren, réckwierkend op den 1. Januar 2019, an dass dann ab dem 1. Januar 2019 réckwierkend d'Kannergeld erëm géif weider mam Index lafen, fir domadder och de Leit de Kafkraaftverloscht beim Kannergeld zoukommen ze loosssen.

Wannechgelift, Här President.

**7437** - *Proposition de loi portant modification du Livre IV du Code de la sécurité sociale relatif aux prestations familiales*

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci.

► **M. Marc Spautz** (CSV). - An Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, dann eng lescht Proposition de loi, déi mer géife maachen ...

► **Une voix.** - Dir sidd awer elo esou gutt lancéiert!

► **M. Marc Spautz** (CSV). - An eng lescht Proposition de loi géife mer maachen. Mir kréie jo ëmmer virgeworf, wa mer soen, dass mer gären hätten, dass d'Leit kënnen hire Familljemodell selwer decidéieren, a wann do ee Partner weíll doheem bleiwen, da sollt deen d'Méiglechkeet hunn, doheem ze bleiwen, dann heescht et ëmmer: „Oh, Dir sidd lech jo net bewosst, wat Der maacht. Dir kuckt d'Scheedungsrat net. Dir wësst net, wat dat fir dee Partner bedeit, wa se herno gescheet ginn a si falen ... Da froe se méi spéit eng Pensioun un, dann hu se e Problem.“

Dofir hu mer eng Proposition de loi ausgeschafft, fir ze soen, dass d'Babyjoren hei zu Lëtzebuerg vun zwee op véier Joer an d'Luucht ginn, dass dann domadder dat Lach net méi do ass, mä dass d'Leit jo dann awer sozialverséichert sinn an dass dat an hire Pensiounen net verluer geet an dass jiddweree während véier Joer Babyjore ka kréien, deen e Kand op d'Welt setzt, wann e sech dann dofir opfert, fir doheem ze bleiwen - oder fir déi Freed ze hunn, „opferen“ ass e schlecht Wuert, fir déi Freed ze hunn, ...

**(Brouhaha)**

... fir déi Freed ze hunn, fir kënnen beim Kand doheem ze sinn!

An, Här Kox, ob dat dann och fir d'Deputéiert gëllt oder net, dat ass net un eis mat dran, mä dat kënnen déi gréng dann duerno decidéieren.

► **Une voix.** - déi gréng mat hiren ...

► **M. Marc Spautz** (CSV). - Ech géif lech och domadder déi heite Proposition de loi iwwerreechen.

**7438** - *Proposition de loi portant modification du Livre III du Code de la sécurité sociale relatif aux années bébé (« Baby Years »)*

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, dat hei waren net alles meng Iddien, mä dat hei ass eppes, wat d'CSV-Fraktioun an engem extrae Retrait ausgeschafft huet, wou mer duerno alleguerten déi Punkte gekuckt hunn, wat gutt a wat schlecht leeft. An ech wëll och alleguerten deene Leit Merci soen - Dir wësst, beim Proposition-de-loi-Schreiwen, dat rëselt Der net aus dem Aarm, a bei de Motiounen bei esou enger grousser Unzuel och net - vun der CSV-Fraktioun ronderëm d'Nadia Rangan fir déi Aarbecht, déi se gemaach hunn.

An Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech, ech gi jo dovun aus, dass d'Motiounen direkt alleguerten hei mat der Unanimitéit wäerte gestëmmt ginn, a bei de Proposition-de-loie freeën ech mech op d'Avisé vum Conseil d'État, well ech dovunner ausginn, dass déi och elo direkt weidergereecht ginn, fir dass mer duerno kënnen en connaissance de cause dovun schwätzen an déi Saachen an d'Realitéit emsetzen, déi bluttnoutwendeg si fir d'Lëtzebuerg Land, fir d'Familljen am Lëtzebuerg Land a fir eng gutt Sozialpolitik.

An ech hu gëschter iwwerall op der Majoritéitssäit héieren, weí wichteg d'Sozialpolitik ass. Dir Dammen an Dir Hären, hei ass e grouse

Schrëtt an der Sozialpolitik. Wann Der dat matstëmmt, matdrot, dann hutt Der de richtige Wee geholl fir d'Sozialpolitik.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci villmools, Här Spautz. Nächstes ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen** (LSAP). - Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, an dëser Budgetsdebatt e puer Iwwerleeungen zu de Gemeengefinanzen ze ginn, d'autant plus dass jo d'CSV en Amendement eragereecht huet am Kader vun dëser Budgetsdebatt, wat de CDA Ettelbréck-Dikrech ubelaangt an an deem Kontext och vun der Nordstad.

Ech hunn elo déi Debatten hei nogelauschert an ech hunn ausser dem Amendement vun der CSV an dem Statement, dass si mat där Reform vun de Gemeengefinanzen net averstanen ass an och net wäert sinn, an dem Depot vum Amendement just vum Alex Bodry héieren, wat iwwert d'Gemeengefinanze gesot ginn ass, wat ech natierlech och nëmme kann deelen, dass déi Reform vun de Gemeengefinanzen, déi ënnert där leschter Legislaturperiod gemaach ginn ass, ronn de Gemengen elo eng Mise à disposition vu 95 Milliounen mécht.

Ech kommen net zrëck op d'Debatten, déi hei bei der Reform gefouert gi sinn. Ech weess, dass mer do ënnerschiddlech Meinung waren. Dat kann ee sinn. Et fënnt een och bei enger Reform vun de Gemeengefinanze keen 100%eg gerechte System, weí een dee kann unwenden. Mä ech gesinn awer, dass et net zu finanziellen Diskussiounen féiert bei enger Budgetsdebatt an dat hei e Konsens fënnt, dass déi 95 Milliounen, déi dann en plus bei d'Gemeenge kommen, och wëllkomm si vun de Gemengen, d'autant plus dass een och mierkt, dass den Investissement vun de Gemengen an och déi ganz Reform richtig ukomm sinn.

Wat den Amendement ubelaangt, denken ech jo net - an ech ënnerstellen der CSV dat och net -, dass hei elo op eemol géif Parteipolitik gemaach ginn am Kader vun der Nordstad, fir ze soen, dass hei elo misst iwwert d'Population ajustée ee Koeffizient vu 5 %, 1,05, ugewannt ginn, fir dass notament fir d'Gemeng Ettelbréck an d'Gemeng Dikrech méi Suen aus der Enveloppe vun de Gemeengefinanze kënnt.

Ech kommen awer ganz kuerz dorobber ze schwätzen.

D'Initiativ, denken ech emol, vun deem heiten Amendement ass vu mengem Kolleg, dem Ettelbrécker Buergermeeschter, ausgaangen, deen ech och respektéieren, wou mer och a Gremien zesumme sëtzen. Ech mengen, et ass do Drock gemaach ginn. Bon, dat ass de bonne guerre.

En Interview an der Press, wou gesot ginn ass, dass iwwert dës Loi budgétaire den Ajustement vun der Population ganz einfach géif - ech mengen, et war - „in Beton gegossen“ ass. Ech denken net, dass eng Loi budgétaire do ass, dass et „in Beton gegossen“ ass, mä et war eng Doleance an et war eng Revendication, notament och vun der CSV, fir déi Koeffizienten, wat d'CDaen ubelaangt, wat d'Determination vum der Population ajustée ubelaangt, notament fir d'Stad Lëtzebuerg, fir d'Stad Esch a fir déi aner CDaen, fir dat an d'Loi budgétaire ze kréien.

Et ass also genau dat gemaach ginn, wat an der Interieurskommissioun vun der leschter Legislaturperiod - wou ech d'Éier hat, President ze sinn, a well ech och Rapporteur war vun der Reform vun de Gemeengefinanzen - proposéiert ginn ass, well gesot ginn ass, iwwer Règlement grand-ducal, dat wär just de Contraire an dass an der Chamber ebe kann dann diskutéiert ginn, wann et am Kader vun der Loi budgétaire ass.

Richtig ass och, dass an dësem Budget, dat heescht an der Loi budgétaire, de Koeffizient vun der Stad Lëtzebuerg, der Stad Esch a vun den CDaen festgehal ginn ass. A richtig ass och, dass Ettelbréck an Dikrech net als CDA do festgehal ginn.

Elo kann ee sech natierlech froen: Firwat ass dat esou? Firwat ass dat net an d'Loi budgétaire ageschriwwen ginn? Ech wëll do e bëssen op dat zréckgräifen, wat deemools an der Kommissioun diskutéiert ginn ass.

An der Kommissioun ass diskutéiert ginn, dass d'CDaen ëmmer nëmme kënnen remuneréiert ginn iwwert d'Population ajustée, wann et Uertschafte sinn. Wann et awer iwwer eng Nordstad geet - an iwwert déi schwätze mer hei, denken ech -, da sinn dat oder waren dat sechs Gemengen. Elo nom Vott vu Colmer, denken ech, sinn et der nach fënnf. An déi fënnf Gemengen hu sech zu Fusiounsgesprécher afonnt, weí Der alleguerte wësst.

Wann een dat also gemaach hätt ... An ech mengen, et war souguer eng Observatioun vum Statsrot. Well d'Nordstad nach kee Ganzt ass, well et nach keng Entitéit ass, kann een dat guer net maachen. Also misst een dat an déi Gemenge verdeelen, déi an der Nordstad sinn. Nach eng Kéier: Déi Zäit waren et der sechs, haut si mer nach zu fënnf.

Wann een also op dee Wee gaange wier - an dat ass richtig, et kann ee jiddwerengem eppes ginn -, da wëll ech lech just soen, dass dann d'Enveloppe, wann een hei verdeelt, au détriment vun deenen anere Gemenge geet. Ech hoffen, dass dann och jiddweree sech däers bewosst ass. Ech weess net, weí d'Stad Lëtzebuerg géif reagéieren, wa se op eemol manner kréich, wann dat dote gemaach gi wier, oder d'Stad Esch oder aner Uertschaften, vu dass dat jo och deemools an der Kommissioun diskutéiert ginn ass.

An deem Amendement gräift d'CSV op d'Joer, ech mengen, 2003 zrëck. An do gëtt iwwert de Bipol Ettelbréck/Dikrech geschwat. Okay, Bipol Ettelbréck/Dikrech, dat war déi Zäit vläicht d'Terminologie, fir ze soen: „Mir huelen Ettelbréck, Ierpeldeng an Dikrech.“ Ech stelle mer dat esou vir, well Ettelbréck nach ëmmer net un Dikrech stéisst, an Dikrech nach ëmmer net un Ettelbréck. Do hu mer eng Uertschaft der-tëschent. Déi heescht Ierpeldeng.

Wa mer also vum Bipol schwätzen, da schwätze mer vun deene Gemengen, déi do concernéiert sinn. Dat ass déi éischt Remark, déi ech do wëll soen, mat der Remark, dass ee jo da muss oppassen, wat dat fir déi aner Gemenge géif bedeuten.

Elo wëll ech awer zum Amendement selwer kommen. Weí gesot, d'Initiativ kënnt vum Buergermeeschter vun Ettelbréck. An dat, wat mech am Ufank e bëssen erstaunt huet, dat ass, dass notament Ettelbréck ëmmer gesot huet: „Mir kréien duerch d'Reform vun de Gemeengefinanze manner Sue fir d'Stad Ettelbréck.“

Ech hu mer dat eng Kéier ugekuckt an ech hu mer déi Montanten eng Kéier ausgerechent. Iwwerens kënnt Der dat och maachen, well d'CSV huet iwwert den honorabelen Deputéierten Här Lies eng Question parlementaire gestallt, wou en och genau déi Dokumenter krut. Ech denken, dat war de leschte Mount. Dofir war et fir mech och méi einfach, fir dat och ze kucken.

D'Nordstad kritt iwwert d'Reform vun de Gemeengefinanzen 8,1 Milliounen Euro d'Joer méi. Dovu kritt d'Stad Ettelbréck 3,5 Milliounen pro Joer méi. Wann een also an deem heite Kontext seet, Ettelbréck an Dikrech, wou - dat ass eng Decisioun vun der CSV - emol net mat Dikrech driwwer geschwat ginn ass, ob se dann op dee Wee ginn ... Et ass och komesch, dass vläicht e Buergermeeschter hei géif stoen a soen: „Ech wëll déi 5 % net.“

Ech wëll awer op dat Ganzt agoen am Kader vun der Fusioun. Da muss ech awer soen, dass d'Nordstad an deem Domän, wou keng vun deene sechs Gemenge verluer huet a substantiellem bäikritt huet, ganz zefridden ass mat där Reform.

Elo kënnen mer alleguerte kucken, wat déi eng Gemeng kritt huet a wat déi aner Gemeng kritt huet. A mir kënnen d'Solidaritéit tëschent de Gemengen ausspülen. Ech denken net, dass dat actuellement dee richtige Wee ass, d'autant plus dass mer elo a Fusiounsgesprécher sinn. A wa mer a Fusiounsgesprécher sinn, ass dat Schlechtst, wat een de Bierger dobausse ka vermëtteln: „Hei geet et just ëm d'Finanzen.“

Wann déi fënnf Gemenge sech eens ginn - an dat ass och an der Interieurskommissioun vun der leschter Legislatur festgehal ginn, op jidde Fall gesot ginn; déi Leit, déi do dra waren oder haut nach dra sinn an där neier, wëssen dat; an ech denken, dass d'Ministesch och do herno kann eng Ausso maachen -, dass, wann eng Fusioun kënnt an der Nordstad, mat der ganzer Nordstad géif d'Population ajustée gekuckt gi mat 1,25 %. Et kéimen also 25 % bäi. Wann een dat mécht, dann ass et mir och kloer hei, an ech denken eis alleguerten, dass dann och d'Enveloppe budgétaire muss eropgesat ginn, well soss geet et au détriment vun deenen anere Gemengen am Land. An da ka jiddweree sech eng Kéier ausrechnen, wat dat bedeit.

An dofir wier et net gutt, wa mer elo schonn iwwert d'Finanze géife schwätze bei engem Projet, dee grad eréischt an de Kannerschong ass a wou et eng grouss politesch Volontéit gëtt, fir op eng Fusioun ze goen.

An eng Fusioun mat fënnf Gemengen ... Also, weí gesot, ech hunn nach ni eng Fusioun mat-gemaach. D'Gemeng Dikrech huet déi Chance, dass se just d'Stad Dikrech huet. Mä eng Fusioun vu fënnf Gemenge mat fënnf ënnerschiddleche Charakteristiken, rural an urban, dat schëddelt een net einfach esou aus der Hand. An do muss een e Konsens kréien, weí

een op dee Wee geet. Do kann een natierlech och elo direkt soen: „Mir huelen de Bipol Ettelbréck/Dikrech als CDA an da sinn déi, déi déi 5 % froen, egal wien dat ass, dat sinn déi Gutt, an déi, déi dat net wëllen, aus wat fir enger Ursaach och ëmmer, dat sinn déi Schlecht.“

De Moment vun de Fusiounsgesprécher ass awer och gepräagt vun enger Konventioun, déi ronn - ech misst elo kucken, ech mengen - vun 2006 u leeft. Dat sinn dräi Konventiounen, déi scho gemaach gi sinn. An d'Konventioun mat der Regierung, wat den Developpement vun der Nordstad - den Developpement vun der Nordstad! - ugeet, déi iwwerens am Amendement vun der CSV steet, mä de finanziellen Aspekt steet net dran ...

**(Interruption)**

Dee steet net dran!

Dat bedeit, dass d'Nordstad - wat een och 2006 ënner „Nordstad“ verstanen huet - bis haut ronn 2 Milliounen Euro krut. Dat ass eppes, woumat mer eis an der Nordstad mat de Gemengen alleguerte mussen ausernee-setzen, well deen CDA, déi 5 %, déi do gefrot ginn, déi si jo fir den Developpement an der Regioun ze maachen.

Et muss ee sech d'Fro stellen: Firwat da just Ettelbréck an Dikrech? Déi kréien déi aner dräi Gemengen net. Déi géife par contre verléieren; net vill, mä se géife verléieren. Do musse mer eis da selwer, och d'Stad Dikrech, mat der Nues huelen a soen: Vun deene Suen, déi eng Mise à disposition vun der Regierung kruten, vu verschiddene Regierungen, vun 2010 bis 2017, waren dat 1,5 Milliounen - 1.540.000, fir genau ze sinn - iwwer Konventioun.

Do hu mer 919.000 Euro gebraucht a mir hu bis haut 621.000 Euro net gebraucht - net gebraucht! - fir de regionalen Developpement. Da muss ee sech froen - an dat ass ee Reproche un déi Gemenge vun der Nordstad, an och un d'Stad Dikrech -, firwat dass dat esou ass, vu dass jo d'Suen do waren. Dat ass also eppes, wat mech e bësse perturbéiert, d'autant plus dass elo d'Rendez-vous fir d'Verhandlungen - an „Verhandlungen“ ass ee grousst Wuert - fixéiert sinn, fir eng nei Konventioun ze maachen.

Éischt Fro bei där neier Konventioun, wa mer iwwer CDaen schwätzen, wa mer iwwert de Finazement schwätzen: Ass an där neier Konventioun Colmer mat derbäi oder net? Colmer huet an hirem Gemengerot eng Decisioun geholl, fir net Member vun der Nordstad ze ginn. Also scheet se aus der Nordstad aus. Dat ass, weí wann een an engem Fussballclub ass, et ass een do licenciéiert an et spillt een enzwousch anescht. Dat schéngt mer schwéier ze goen, souguer beim Sport.

Da gëtt jo och de Montant gekuckt vun där Konventioun. An ech weess, dass dat d'Loi budgétaire ass, an ech weess dat mam CDA an ech kennen déi juristeschen Bedenken, dass dat esou ass, an dofir kommen ech drop zrëck.

Wann et eng Fusioun gëtt, weí séier kréie mer déi hin? Déi eng hätte se gäre virun 2023. Bon, ech si kee Frënd vun Datumen, déi mer eis fixéieren, fir eis esou ënner Drock setzen ze loosssen, dass mer eppes iwwert de Knéi briechen. Da muss ech och kucken, wat elo an déi Konventioun kënnt. Dat heescht: Wat fir ee Montant spillt do? An dee Virstouss hei fir deen Amendement verstinn ech scho guer net, vu dass mer jo elo als fënnf Nordstad-Gemenge soen: „Ma Regierung, mir fänken elo Fusiounsgesprécher un.“

Mir waren eis eens mat engem Syndicat à vocation multiple, iwwert dee vill diskutéiert ginn ass. Eng Zone artisanale ZANO ass entstanen.

**(Interruption)**

Gelif? ZANO, jo. Ech kann och ZANO soe weí den Zorro, mä ech nennen et ZANO.

► **Une voix.** - „Z“ !

► **M. Claude Haagen** (LSAP). - „Z“, jo.

Soudatt Beméiunge sinn. Eng Entwécklungsgesellschaft ass gegrennt ginn. Soudatt also vill gemaach gëtt an der Nordstad an dass elo wierklech de falsche Moment ass, fir dat doten ze maachen, d'autant plus dass déi Iwwerleeung, fir dass dann déi fënnf Gemengen an der Nordstad een Urecht kréien op eng Augmentatioun vun der Dotatioun, dat vläicht an enger Konventioun kéint festgehal ginn bis déi nächst sechs Joer. Déi lescht Konventiounen waren ëmmer mat enger Durée vu fënnf Joer. Da maache mer fënnf Joer draus an da gesi mer, weí wäit dass mer mat der Fusioun kommen. An da wäert dat souwisou an 1,25 % Majoratioun ëmgewandelt ginn.

Dann hunn ech mer e bëssen, ... well sech jo da Suergen hei gemaach gëtt ëm den Investissement vun dëser Regierung an der Nordstad. Ech muss lech soen, dass - an Dir hutt de Bud-





get jo alleguerge gekuckt, op jidde Fall dee vun dësem Joer, dee vum leschte Joer, an ech war och eng Kéier Budgetsrapporteur - an deenen nächste Jore ronn 500 Milliounen, also eng hallef Milliard Euro an d’Nordstad gestach ginn. Dat fänkt mat der Ettelbrécker Gare un, dat fänkt mat de schouleschen Infrastrukturen un, dat fänkt ...

## (Interruption)

Gelif?

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dat ass scho lancéiert mat der Ettelbrécker Gare.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Ass se lancéiert?

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Déi war an der Regierung virdu schonn decidéiert ginn.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Do ginn ech lech recht. Do ginn ech lech recht. Et geet jo och net doréms!

Ech denken, datt hei sämtlech Leit, sämtlech Parteien eng Nordstad wëllen. Ob dat an der leschter Regierung, an der nächster oder an der iwwernächster Regierung decidéiert gëtt, dat, muss ech lech soen, ass mir als Buergermeeschter vun Dikrech an als Member vun der Nordstad egal! Dat soen ech emol eng Kéier ganz kloer.

An ech akzeptéieren och net, datt elo op eemol d’Impressioun géif opkommen, datt hei Partei-politik mat enger Nordstad gemaach gëtt. Grad elo an engem Moment, wou mer wirklech um Depart sinn, fir dat ze lancéieren! An da kommen do Propositionen ... Well de Bierger do-bausse versteet jo net, datt ee seet: „Ma déi 5 % Augmentatioun iwwer Population ajustée, déi huele mer elo net.“ Dat ass schweier soen.

Ech kann lech awer soen, wat geschitt, vu datt et iwwer Loi budgétaire gemaach gëtt: Wann d’Fusioun näischt gëtt an déi 1,25 % kommen net, da wäert natierlech all Gemeng als CDA Demandeur sinn, an do wäert dat och erakommen. An den Zäitpunkt, fir et ganz einfach an enger Finanzkommissioun ze froen, wou Der horgenee wësst, an, ech mengen, et ass deen eenzeggen Amendement, deen hei läit, wou Der horgenee wësst - an dat wëssen d’Leit allegueren heibannen -, datt dann een Avis supplémentaire beim Statsrot hätt misse gefrot ginn, datt mer haut net an der Budgetsdebatt waren ... Elo kënn den Amendement erëm eran, ouni - dat betounen ech nach eng Kéier - datt iwwerhaupt mat enger Stad Dikrech geschwat ginn ass. Ech denken, a vu datt d’Initiativ vun Ettelbréck kënn, an dat ass net op iergendeng ...

## (Interruption par M. Michel Wolter)

Neen, dat ass net de Problem.

... an net op iergendeng Rivalitéit erauszegoen. Dat ass et net.

## (Interruption par M. Michel Wolter)

Fairerweis ...

Här Wolter, wësst Der, Dir stoungt schonn oft hei an Dir hutt Är Meinung gesot. Ech soe se haut och eng Kéier!

## (Brouhaha)

A wann een dat dote mat lech gemaach hätt, da wier hei d’Gebai ze kleng gewiescht! Dofir probéieren ech dat hei objektiv ze maachen. An ech weess och ...

## (Interruption par M. Michel Wolter)

Ech si laang genuch derbäi, fir ze wëssen, op wat datt Der hei wëllt erauskommen. Dat bestëmmen ech nach ëmmer, well et ass ëmmer nach meng Ried! Wann Dir anerer Meinung sidd, kënn Der dat maachen. Dat ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Haagen, erlaabt Der, datt d’Madamm Hansen lech eng Fro stellt?

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Jo, jo, d’Madamm Hansen. Jo.

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech hu soss näischt gesot.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Ech wollt u sech reagéieren, well elo schonn, ech mengen, gefillte 25-mol gesot ginn ass, ech hätt op Drock an op Initiativ vum Ettelbrécker Buergermeeschter reagéiert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Neen, dat hunn ech net gesot. Et ass op Initiativ ...

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dir hutt et elo grad nach gesot gehat. An ech wëll dat einfach elo emol kloerstellen. Also, ech si scho méi wéi zweemol 18 Joer al an ech kann och selwer reagéieren. An ech hunn net op Drock vum Ettelbrécker Buergermeeschter reagéiert. Ech hunn deen doten Artikel am Budgetsgesetz gesinn. Mir hate scho Question-parlementairen, déi an déi Richtung gaange sinn. An dofir hu mer hei nach eng Kéier nogehaakt gehat.

A wann ech da soen ... Dir sot: „Déi Ettelbrécker an Dikrecher Gemenge krute bei de

Gemegefinanze bäi“, ma da muss ech soen: Och alleguer déi aner CD Ae krute bei de Gemegefinanze bäi. Esch huet bei der Reform 6,6 % bäikritt, Déifferdeng zum Beispill 3,9 %. Dat heescht, och alleguer déi krute bäi an zousätzlech nach den CDA berücksichtegt.

Dann de Bipol Ettelbréck/Dikrech ass u sech d’ordre moyen klasséiert. Och Esch huet 25 % bäikritt, och an de Gemegefinanzen, ... neen, elo zousätzlech. An och dat geet dann, wann ech lech wëll zitéieren, au détriment vun deenen anere Gemengen. Dat fannen ech awer komesch, datt Dir dat sot, well dat doten ass u sech Är Initiativ.

Dann dat anert: Bipol Ettelbréck/Dikrech huet regional Aufgaben. Dir sot elo grad, wann d’Fusioun näischt géif ginn, da géift Der déi 5 % froe wéinst deene regionalen Aufgaben. Mä da verstinn ech net, firwat Der se elo net direkt wëllt hunn, well Dir hutt jo elo nach keng Fusioun ...

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Well mer ...

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- ... an Dir hutt déi regional Aufgaben.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Merci, Madamm Hansen, fir Är Fro.

Well mer momentan am Kader vun enger Konventioun sinn, fir dat auszehandelen. Well mer jo genau an deem Moment ... 2019, elo am Abrëll, leeft déi Konventioun aus, op déi Dir an Ärem Amendement hiweist.

Dann, fir ze soen: Et ass richtig, datt bei deenen CD Aen déi aner Gemengen och bäikréien. Ech wëll lech just dat heite soen: Ech hu mer dat och ausgerechent. Wann de Bipol Ettelbréck/Dikrech ... Dat ass fir lech Ettelbréck an Dikrech?

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Jo.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Ierpeldeng net?

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- D’Gemengen hu mengen Informatiounen no do och matenee geschwat gehat. An et si virun allem Ettelbréck an Dikrech, déi am Moment déi regional Aufgaben ze erfüllen hunn. Virun allem hunn déi zwou Gemengen déi regional Aufgaben ze erfüllen.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Da sinn ech frou, wann déi zwou Gemengen da matenee geschwat hunn, well ech kennen de Buergermeeschter vun där enger Gemeng ganz gutt.

## (Hilarité)

Wann déi matenee geschwat hunn. Bon, dann ass dat esou. Dann huelen ech dat zur Kenntnis.

## (Hilarité)

Ech wëll dann ...

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Här ...

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Ech wëll just soen, fir d’CDA 5 %, dat géif am Kader vun deem, wat hei verlaangt ass am Amendement, bedenken, datt zwar Ettelbréck an Dikrech Montante bäikriten, mä datt déi aner Gemengen an der Nordstad manner kriterien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Neen!

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Soll ech lech d’Zuelen nennen? Soll ech lech d’Zuelen nennen? Dat ass jo awer net de Problem.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dir hutt jo och net gerechent, wat déi aner Gemenge manner kriterien, wann Esch 25 % bäikritt.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Ma neen! Madamm Hansen, ech gi vun deenen Zuelen aus, déi elo hei um Dësch leien, esou wéi deen Amendement formuléiert ass. Do kann ech lech just dat soen. Et ass jo einfach, fir dat ze verifiéieren. Macht eng Question parlementaire un d’Ministesch, da wäert sech confirméieren, datt dat esou ass!

Bon, ech gesinn actuellement als Buergermeeschter vun der Stad Dikrech, an dat ass mäi Schlusswuert heizou, net den Zweck an, fir deen CDA vu 5 % hei iwwert deen Amendement guttzeheessen, well mer, éischstens, solidäresch an der Nordstad sinn, zweetens, well an der Konventioun eng Decisioun muss getraff ginn, ob Colmer an enger Konventioun bleibt oder net. Da sinn et nach fënnf Gemengen. An drëtzens sinn ech der Meinung, datt et, wann déi Fusioun eppes soll ginn, op jidde Fall elo net fir zwou Gemengen, déi regional Aufgabe maachen, dat ass richtig, datt awer och vum Stat kofinanzéiert ginn, au détriment vun deenen anere Gemenge soll sinn, déi an der Nordstad sinn.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Dat ass fir eis net akzeptabel.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Haagen, erlaabt Der, datt den Här Lies lech nach eng Fro stellt?

► **M. Marc Lies (CSV).**- Ech wollt just eng Fro stelle respektiv eng Suggestioun maachen. Den Här Haagen huet mech virdrun ernimmt gehat opgrond vun enger Question parlementaire, déi ech gestallt hat, wou et drëm gaangen ass, an de Joren 2015, 2017 an 2018, wat dann effektiv d’Attributioun vum Stat par tête d’habitant un déi jeeweileg Gemenge sinn.

An ech stellen do awer fest ... Bon, an ech mengen, déi Fro, déi ass awer pertinent, vu datt d’Nordstad an deenen nächste Joren awer soll eng gewëssen Importenz hei am Land hunn.

An ech mengen, déi Fro, wat d’Gemegefinanzen ugeet, ass vusäite vun der CSV-Fraktioun awer net méi wéi pertinent, wann ee kuckt: 2017 - par tête d’habitant wuelverstanen - war d’Stad Dikrech op 70. Plaz, d’Stad Ettelbréck op 94. Plaz. An 2018 war d’Stad Dikrech op 74. Plaz an d’Stad Ettelbréck op 84. Plaz vun all de Gemengen hei am Land.

Duerfir, mengen ech, dokumentéiert dat awer ganz kloer, datt net onbedéngt d’Nordstad elo wirklech, wat d’Gemegefinanzen ugeet, absolutt d’Prioritéit hei am Land huet. Dat just als Remark.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Ech wëll lech just op déi Fro äntwerten, datt d’Nordstad pro Joer 8,1 Milliounen no der Gemegefinanzreform méi krut. Wann déi also éischer komm wier, zéng Joer virdrun, da kënn Der lech de Montant jo ausrechnen.

Dann déi Plazen do, datt ass richtig. Dofir hunn ech jo virdu gesot: Wann eng Fusioun vun der Nordstad kënn a wann dat dann iwwert d’Population ajustée mat 25 %, dat heescht mol 1,25 % multipliziéiert gëtt, da muss déi Regierung, déi dann och do ass, op jidde Fall d’Enveloppe budgétaire eropsetzen. Well wa se et net mécht, da géif dat bedeuten, mat deenen Zuele vun 2017, déi ech hunn, zum Beispill, datt d’Stad Lëtzebuerg 3 Milliounen Euro géif verléieren. Als Beispill.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Haagen. Den nächsten ageschriwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Ech wëll mech fir d’Éischt deene Wieder vum Här Gast Gibéryen uschlëssen, déi e fonnt huet, fir eis déif Trauer matzedeelen, well eise Groussherzog Jean eis verlooss huet.

Ech wëll och dem Här Bauler a mengem Numm Merci soe fir de Rapport. Ech mengen, dat ass wirklech eng exzellent Aarbecht gewiescht, fir déi mer him alleguer dankbar sinn.

Wann ech haut heihinnerkommen an d’Wuert huelen, dann ass et eigentlech just, fir nach e puer Motiounen mat an d’Diskussioun eranzebréngen, déi sech haaptsächlech mat der Verdeelegungspolitik, mat der Elektromobilitéit beschäftegen an och e bësse mat der Zukunft vun der Europäescher Unioun.

Ech wëll vläicht ufänke mat der Verdeelegungspolitik, déi eis besonnesch interesséiert, well et déi éischte Kéier an der Geschicht vun eise Land ass, datt dee Ressort vun engem grénge Minister assuréiert gëtt. Dat ass natierlech interessant, och wann een d’Geschicht vun der gréngeger Partei kuckt, eng Partei, déi aus enger pazifistescher Vergaangenheet kënn, déi dacks d’Ofrëschtung verlaangt huet, déi sech, soulaang se net an der Regierung war, ganz offensiv mat der Verdeelegungspolitik ausenargest huet, fréier d’Ofschafung vun der Arméi gefuerdert huet an eben elo higeet an dee Ressort an hirem Vertrauen, an hirem Zoustännegkeetsberäich muss féieren, dann ass et fir eis interessant, fir ze kucken, wéi dat da geschitt.

An do gëtt et, elo no enger gewëssener Zäit, wou deen neien Här Minister, den Här Minister Bausch, sech domadder befaasst, och scho Rumeuren an Entwécklungen, déi eis Suerge maachen. Eng vun deenen, dat ass de Rekrutement vun auslänneschen Offizéier an Enneroffizéier. Ech wëll just an Erënnerung rufen, datt mer hei am Beräich vun de souveräne Rechter vun engem Stat sinn, vun engem Domaine réservé, wat d’Fonction publique ugeet, datt mir eis ëmmer als ADR derfir ausschwätzen, datt déi Funktiounen mussu vu Lëtzeburger Statsbierger ageholl ginn, wou och Lëtzeburgergesch geschwat gëtt. An ech mengen, et wär e falsche Wee, fir elo ze probéieren, auslännesch Spezialisten als Offizéier oder och Enneroffizéier ze rekrutéieren, fir elo do engem Personal-mangel entgéintzewirken.

Wann ee wëllt engem Personal-mangel an der Force publique entgéintwierken, da geet dat

duerch Motivatioun. Et geet duerch nei Iddien, zum Beispill och duerch d’Finanzéierung vu Studien, fir dat herno mat engem Engagement an der Arméi oder an der Police ze kompenséieren. Et gëtt vill Gedankemodeller, déi een do kann adaptéieren. Et muss een net op de Wee goen, et soll een net an et dærf een net an eisen Aen op de Wee goen, fir ze soen: „Da rekrutéiere mer elo auslännesch Kaderen an deenen Domänen, wou d’Souveränitéitsrechter exercéiert ginn.“

Wa mer dat maachen am Kader vun der Force publique - Arméi/Police -, dann dauert et net laang, da kommen déi nächst Fuerderungen, fir auslännesch Diplomaten, fir auslännesch Riichter an aner Funktiounen eben esou ze verdeelen. Ech mengen, et wär ee falsche Wee, deen hei ugeduecht gëtt an der Defense, a wou mir elo scho warnend soen: Op deen dote Wee gi mir net mat!

Et ass och esou, datt am Regierungsprogramm op e puer Plazen eng Kontinuitéit an der Defense ugeduecht gëtt ... neen, net ugeduecht, gefuerdert gëtt. Et ass zum Beispill esou, datt gesot gëtt: Am Satellitteberäich solle Synergien entwéckelt ginn tëscht dem militäresche Beräich, den Observatiounssatellitten an deem, wat mer am ziville Weltraumberäich kënnen leeschten. Dat steet explizitt am Regierungsprogramm.

Et steet explizitt am Regierungsprogramm, datt eng Fiabilitéit an eng Kredibilitéit am Programm sinn. Eng Fiabilitéit an eng Kredibilitéit, eng Kontinuitéit och vun der Lëtzeburger Verdeelegungspolitik. An dat gëllt an eisen Aen eben och an deene Beräicher, déi an de Lignes directrices festgeluecht gi sinn.

Déi Lignes directrices sinn eréischt virun e puer Joer vun der leschter Gambia-Regierung festgeluecht ginn, mam Accord vun deene Grénge. Et ka jo net sinn, datt eng Regierung Lignes directrices presentéiert an der Verdeelegungspolitik, déi eis op fënnf, sechs Joer festleeën an an dësem Regierungsprogramm, am Accord de coalition nach eng Kéier confirméiert goufen an hirer Kontinuitéit, an dann higeet an, wann eng aner Partei dann d’Verantwortung op eemol iwwerhëlt, sech distanzéiert vun deene Lignes directrices, déi mat dem Accord vun deene Grénge geholl goufen.

Dat gëllt am Beräich vun der Satellittentechnologie, wou jo och ausdrécklech op d’Noutwendegkeet vu Synergien higewise gouf. Et gëllt awer och an deene Capacitéiten, wou notament um Niveau vun der NATO Lacunne bestinn, wéi Transporthelikopter, Evakuatioun, och medezinnesch Evakuatioun, a fir dat dann elo erëm alles a Fro ze stellen.

Budgetär, an dofir soulevéiere mer déi Fro hei am Kader vun de Budgetsdebatten, ass et och esou, datt mer net kënnen higoen an engem Domän, wou esou deier Investissementer gemaach gi wéi an der Arméi, fir dann eng Politik vun hott an har ze hunn, ouni laangfristeg Planung.

Well deen Abléck komme mer an eng Situatioun eran, wou mer net militäresch plangen oder sënnvoll Kontributiounen zu engem gemeinsamen Effort de défense wëlle maachen, wéi et jo och am Regierungsprogramm verlaangt gëtt, mä da komme mer an eng Politik, wou mer Sue verschwëngen, wou mer se an de Sand setzen, amplaz eng zouverlässeg Roll ze spillen als Partner an der NATO.

Et wonnert eis och, datt am Regierungsprogramm gesot gouf, datt déi gréng notament Suerge hunn iwwert d’europäesch Verdeelegungspolitik an dann awer, soulaang se hei an der Regierung waren, och de Projet vun enger europäescher Arméi, oder déi Iddien, ouni Kritik matgedroen hunn.

Dofir ass eis éischt Motioun, datt mer eng Kontinuitéit verlaangen an der Verdeelegungspolitik - Här President, an déi ginn ech lech -, fir datt déi Lignes directrices esou ëmgesat ginn, wéi se vun där leschter Regierung ugeholl goufen an domadder där Gefor vun der Verschwendung vu Geld am Verdeelegungsberäich entgéintgewierkt gëtt.

Villmools Merci.

## Motion 10

D’Chamber vun den Deputéierten

notéiert,

- datt a ville Politikberäicher, an deene ganz komplex Investitiounen gemaach a grouss Projekte geréiert ginn, eng laangfristeg operationell a finanziell Planungssécherheet noutwendeg ass;

- datt zu dëse Beräicher och d’Lëtzeburger Sécherheits- a Verdeelegungspolitik gehéiert;





rifft an Erënnerung,

- datt ënnert där viregter Regierung sougenannten « Lignes directrices de la défense luxembourgeoise à l'horizon 2025 et au-delà » iwwert d'Verdeedegungspolitik ugehall goufen;

fuerdert d'Regierung op:

- wichteg Projeten, déi an dësen « Lignes directrices » zréckbehale goufen, wéi z. B. am Weltraumberäich de LuxGovSat an den „Wideband Global Satellite Communications System“ an am Loftberäich d'Uschafung vu militäreschen Helikoptere fir den takteschen Transport an déi medezinnesch Evakuéierung, virunzeféieren.

(s.) Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Déi zweet Motioun, déi mer wëlle presentéieren, dat ass och eppes, wat mer der grénger Partei virun allem wëllen un d'Häerz leeën. Am Regierungsprogramm steet, an ech wëll dat hei zitieren, u sech eng gutt Intentioun. Ech zitieren dat op Franséisch, well de Programm op Franséisch ass, wann d'Entreprise - privat Entreprises - hir Produiten op de Marché hei werfen, datt se solle kucken, datt déi ganz Fournisseurs, alles dat, wat an där Chaîne matwierkt, an enger Verantwortung agéieren: an enger Verantwortung géintiwuer dem Respekt virun de Mënscherechter an an enger Verantwortung géintiwuer eiser Ëmwelt.

Et steet wuertwärtlech am Programm: « (...) garantir le respect des droits humains et de l'environnement tout au long de leur chaîne de valeur et représenterait une mesure complémentaire au Plan d'action national sur les entreprises et les droits humains qui souligne l'importance de la diligence raisonnable pour prévenir des violations des droits humains et des dommages environnementaux. »

Mä wann dat vun den Entreprises verlaangt gëtt, da muss de Stat jo awer mat guddem Beispill virgoen. An hei sinn ech beim Punkt vun der Elektromobilitéit. D'Regierungsparteien, an notament déi gréng, wësse jo - si wëssen et! -, datt dee Kobalt an de Lithium, déi ofgebaut gi fir d'Elektromobilitéit, souwuel Mënscherechtsverletzungen provozéiere wéi och enorm Ëmweltschied.

Wann also d'Regierungsparteien dat wëssen a si subventionéieren déi dote Form vun Energie, wéi kënne se da vun de Privatentreprisé verlaangen, déi ganz Chaîne de fournisseurs no moralesche Kritären ze beuerteelen, wann de Stat higeet a Kanneraarbecht am Kongo subventionéiert an de Waasserverloscht zum Beispill an de chilenesche Wüsten duerch den Ofbau vun Lithium?! Do ass dach eng eklatant Kontradiktioun!

A wann ee vun de Privatentreprisé verlaangt, d'Mënscherechter ze respektéieren, firwat brauch d'Gambia-Regierung, firwat brauch déi gréng Partei d'Mënscherechter net ze respektéieren, wann d'Kanneraarbecht am Kongo zu Ärer Elektromobilitéit bäidréit?!

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat geet net! A mir wäerten als ADR hei déi Motioun maachen, well da kënne déi gréng ofstëmmen. Well si wëssen et. A mir hunn et haut hei nach eng kéier gesot: Dee Kobalt, dee kënnt vun der Kanneraarbecht! A mir verlaangen, datt eng Subventionéierung soulaang net gemaach gëtt, bis déiselwecht Kritäre vun Zouverlässigkeet fir de Stat gëllen, wéi se och fir déi Privatentreprisé gëllen.

An dofir, Här President, iwwerreechen ech lech déi zweet Motioun.

## Motion 11

D'Chamber vun den Deputéierten

notéiert,

- datt d'Regierung decidéiert huet, fir Subventionen fir d'Elektromobilitéit ze bezuelen;

sech bewosst,

- datt d'Elektromobilitéit mat Batterie fonctionnéiert, déi rar Materialien an Elementer enthalen, wéi z. B. Kobalt a Lithium;

déif besuergt doriwwer,

- datt den Ofbau vu Mineralien, déi Kobalt a Lithium enthalen, grouss mënschlech an ekologesch Problemer mat sech bréngt;

- datt z. B. den Ofbau vu Lithium am Chile grouss Ëmweltschied verursacht an duerch den héije Verbrauch vum Grundwaasser zu der Verdréchnung vun deene betraffene Regione bäidréit an de lokale Baueren hir Liewesgrondlag entzitt;

- datt e substanziellen Deel vum Kobalt aus klengen an dacks ongesécherte Minnen am Kongo staamt, an deenen ënnert dacks mënschenonwiederde Konditiounen muss geschafft ginn;

- datt besonnesch och am Kongo dacks Kanneraarbecht bei der Extraktioun vu kobalthaltege Mineralie benotzt gëtt;

erënnert drun,

- datt d'Regierung an hirem Koalitionsaccord besonnesch op déi sozial Verantwortung vun den Entreprises agaangen ass:

« Le Luxembourg soutiendra des initiatives européennes pour renforcer la responsabilité sociale et environnementale des entreprises transnationales dans la gestion de leurs chaînes d'approvisionnement et s'engagera au niveau européen pour une législation contraignante et effective. Dans ce contexte, la possibilité de légiférer sur le devoir de diligence pour les entreprises domiciliées au Luxembourg sera étudiée, dans la mesure où ce dernier permettra de garantir le respect des droits humains et de l'environnement tout au long de leur chaîne de valeur et représenterait une mesure complémentaire au Plan d'action national sur les entreprises et les droits humains qui souligne l'importance de la diligence raisonnable pour prévenir des violations des droits humains et des dommages environnementaux engendrés par les activités des entreprises. » (Accord de coalition, S. 218; Ervirhiewung am Text duerch den Auteur vun der Motioun)

fuerdert d'Regierung op:

- beim Respekt vun de Mënscherechter an dem Schutz vun der natierlecher Ëmwelt mam gudden Beispill virzegoen;

- d'Subventionen fir d'Elektromobilitéit ze stoppen, bis d'Fournisseure vun der Automobilindustrie beweise kënne, datt déi Elementer, déi besonnesch an der Batterieproduktioun benotzt ginn, ënner ethesch an ekologesch akzeptable Bedingungen extrahéiert ginn.

(s.) Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Déi drëtt Motioun, déi befaasst sech mat der Europäescher Unioun. An hei wëll ech mech e bëssen un d'Kollege vun der Sozialistescher Partei adresséieren.

D'Sozialisten hunn eis e Wahlprogramm presentéiert, deen heescht „Europa kloer anescht“, oder esou äänlech, an do stinn zwou Saachen dran, déi awer mussen interpelléieren, déi all Lëtzebuerger soll wëssen, wann e sech decidéiert, wien e wëllt wielen an der Europawahl. Ech géif mat der Partei zitieren, mat der CSV: „Gitt gutt informéiert an d'Wahlkabinn!“, well wat fuerderen d'Sozialisten? Si fuerderen, d'Eestëmmegkeet a Steierfroen ofzeschaffen!

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Neen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dach, dach, dach, dach!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Nee, nee, nee!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, et ass gutt! D'Eestëmmegkeet a Steierfroen soll iwwerduecht ginn.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Maja! Esou zitéiert Dir andauernd falsch! Dat ass typesch ADR-Politik.

## (Interruptions)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Wann een dat an ee Wahlprogramm schreift, Här Bodry, wat ass dann do ze iwwerdenken? Mir stinn zu der Eestëmmegkeet. An ech kommen elo dorop.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dir hutt falsch Zitater ugefouert, wéi Der et ëmmer maacht!

Fake-News-Spezialiste sidd Der!

## (Brouhaha)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat heescht, datt Dir d'Eestëmmegkeet wëllt opginn. Oder, Här Bodry, eng Alternativ: Stitt hei op, elo, an da verspricht Der dem Lëtzebuerger, datt d'Sozialisten no den Europawahlen ni drun denken, d'Eestëmmegkeet an de Steierfroen opzeginn! Da sidd Der kredibel. Elo sidd Der et net!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen, dat maache se net. Dat maache se net!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dir wëllt d'Eestëmmegkeet a Fro stellen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Iwwerdenken.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An, elo kommen ech op deen nächste Punkt. An Ären nächste Punkt, zwou Zeile méi wäit, dat ass ... oder zwou Zeile virdrun, eng Finanztransaktionssteuer wëllt Der aféieren. Eng Finanztransaktionssteuer! Wësst Der, wat dat fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg géif bedeuten? Wësst Der,

wat dat fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg bedeit an enger Konkurrenzsituatioun zu London, dat dann net méi an der Europäescher Unioun ass?

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dat gesi mer nach.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Dir gesitt et nach, op d'Käschte vun deem wichtegste Wirtschaftszweig vum Lëtzebuerger Land.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Wannech gelift! D'Mikro sinn ageschalt, si funktionéieren, dofir kënnt Der e bësse méi lues maachen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President.

## (Brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Hutt Der dat och zum Här Bodry gesot, Här President, well deen huet gejaut, datt d'Mauere gewackelt hunn?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dat gëllt fir jiddwereen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech wëll d'Sozialisten eppes froen: Wou mengt Dir an Ärer Sozialpolitik oder an Ärem Engagement, datt déi Suen hierkommen, déi Der mat Recht wëllt verdeelen, mir alleguer, fir de Räichtum hei am Land ze verdeelen an der sozialer Nout entgéintzewierken an dem Aarmutsrisiko entgéintzewierken an de Mindestloun ze erhéijen, Saachen, déi mer alleguer deelen, wa mer d'Finanzplaz ruinéieren?

Wéi wëllt Dir justifiéieren, datt mir eng Finanztransaktionssteuer aféieren zum Nodeel vun der Finanzplaz Lëtzebuerg? Dat géif heeschen, datt dat alles oder zu engem groussen Deel géif an d'Ausland verlagert ginn, wou eise Wuelstand drop berout. Dat ass eng vollkomme verantwortungslos Politik, déi Dir hei proposéiert! An ech kann de Lëtzebuerger a mengem bescheidenen Rôle nëmme recommandéieren, Parteien net ze ruinen, déi déi Lëtzebuerger Ekonomie wëlle ruinéieren doduerch, datt se europäesch Steieren aféieren, déi d'Finanzplaz Lëtzebuerg an eng Situatioun setzen, wou se net méi kompetitiv ass.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Sidd Dir fir Steiergerechtegkeet?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dir sidd op jidde Fall ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Also wëllt Der et maachen? Also wëllt Der et maachen!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech ginn lech d'Antwort drop, Här Bodry. Wa mir dat dote fäerdegbréngen um Niveau vun der OECD, wou all Finanzplazen op der Welt dat do matmaachen, dann ass dat eng aner Diskussioun. Mä wann Dir heihinnerkommt an Dir sot, eng Finanztransaktionssteuer, wuel wësend, datt eisen Haaptkonkurrent do dann net dovou beträff wär, da kann ech mech wierklech nëmme froen: Wou ass d'Verantwortung vun der LSAP, fir esou eppes ze maachen? Dir sidd einfach net wielbar! Dir sidd net wielbar!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Är Stëmm wëll ech net.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An dofir wëll ech lech hei nach eppes un d'Häerz leeën. Mir hunn hei och eng Tendenz, an d'Finanztransaktionssteuer ass eng vun deenen, fir ze soen: Mir mussen nei direkt europäesch Steiere schafen! An d'Finanztransaktionssteuer ass wahrscheinlech eng, déi als Ressource propre soll un d'Europäesch Unioun goen. An och do soe mir: neen. D'Besteuerung ass eng national Kompetenz. A mir wëllen net, datt d'Europäesch Unioun ... Et ass och néierens an der Europäescher Unioun, ausser vläicht hei zu Lëtzebuerg, iwwerhaapt drun ze denken, datt d'Länner domadder d'accord wären, datt d'Vëlker dat laangfristeg géife matdroen! Mir wëllen net, datt d'Besteuerung an Europa decidéiert gëtt.

An och do soen ech lech aus sozialem Gewësen eraus: Wéi mengt Der, datt de Sozialstat Lëtzebuerg kéint fonctionnéieren, wann op eemol d'Besteuerung vun de Staten net méi hei decidéiert gëtt, mä am Europaparlament oder op anere Plazen? Dir denkt Är Propositionen net bis zum Schluss. An dofir soen ech lech nach eng kéier, d'LSAP ass net wielbar an den Europawahlen, well se net nëmme d'Finanzplazinteressen a Fro stellt, mä och dat soziaalt Wuel vun de Lëtzebuerger.

An dofir, Här President, iwwerreechen ech lech déi drëtt Motioun am Numm vun der ADR an ech soen lech villmools Merci.

## Motion 12

D'Chamber vun den Deputéierten

notéiert,

- datt dat Vereenegt Kinnekräich vu Groussbritannien an Nordirland viraussichtlech am Laf vun dësem Kalennerjoer déi Europäesch Unioun verléisst; bedauert,

- datt duerch de Verloscht vum Vereenegte Kinnekräich déi Europäesch Unioun ee vun hire politesch an ekonomesch bedeutendste Memberstate verléiert;

stellt fest,

- datt déi Europäesch Unioun duerch dësen Austrëtt gläichzäiteg och ee vun hire gréissten Netto-bezueler verléiert;

sech bewosst,

- datt duerch dësen - och finanziellen - Verloscht fir déi Europäesch Unioun Drock op déi aner Memberstaten entsteet, fir déi finanziell Abousen am EU-Budget mëglecht komplett auszegläichen an hir Kontributionen zum EU-Budget entsprechend ze erhéijen;

- datt och nees méi Drock entsteet, fir nei, sougenannten „eege Ressourcen“ fir den EU-Budget ze schafen, also praktesch nei direkt europäesch Steieren anzeféieren, zum Beispill am Beräich vu finanziellen Transaktiounen oder dem Ausstouss vun Zäregasen;

fuerdert d'Regierung op:

- den europäesche Budget nom Austrëtt vum Vereenegte Kinnekräich no ënnen ze korrigéieren;

- de lëtzebuergesche Bäitrag zum EU-Budget net ze erhéijen;

- sech der Aféierung vun neien, eegene Ressourcë fir d'Europäesch Unioun strikt ze widdersetzen, besonnesch och a Form vun z. B. enger Finanztransaktionssteuer, enger Kuelendioxid-Steier oder Steieren, déi d'Mobilitéit vun de Bierger betreffen.

(s.) Fernand Kartheiser.

Ech kann lech garantéieren, déi nächste kéier, wann d'Mikroen ausfalen, mir ginn och esou eens.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Da géif ech d'Wuert ginn un déi honorabel Madamm Lorsché wéinst Fait personnel.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Jo, ech jäizen och net, soen awer d'Wourecht, Här President.

Heimat wëll ech kloerstellen, datt den Här Gibéryen mech net nëmme falsch zitéiert huet, mä hie mer e ganze Saz an de Mond geluecht huet, deen ech net gesot hunn. Déi Confirmatioun hunn ech vum Service Compte rendu vun der Chamber virdrun zougestallt kritt. Ech wëll inhaltlech net méi vill dozou soen, just awer bedauern, datt d'ADR sech net ze schued ass, fir esou Methoden hei unzewenden an de Leit Ligen hei wierklech ze ënnerstellen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Zweek Beispiller an enger Stonn, dat ass e Rekord!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Zweek an enger Stonn. Als gréng Fraktioun fanne mir dat do äusserst bedauerlech.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Gibéryen, wannech gelift!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech géif d'Madamm Lorsché bieden, dann de Saz hei ze soen, wéi si e gesot huet, da si mer kloer.

## (Interruption)

Dach, se soll e soen.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Ech soen de Saz ganz gär. Ech hu gesot: ...

► **Une voix.**- Eng Entschëllegung, dat wär dat Éischt emol.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dir hutt lech nach net entschëllegt, mä dat kann nach kommen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sot de Saz!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- „Net onwichtig ass d'Erhéijung vu 6,8 % vun de staatlechen Zommen, déi an de Logement fléissen, fir der Wunnproblematik méi geziilt entgéintzesteieren a fir de Problem vun de feelende Locationswunnengen hei am Land iwwerhaapt emol mat konkrete Moosnamen unzegoen.“ Dat hunn ech gesot an dat ass och esou vum Compte rendu mir elo zougestallt ginn. Voilà! An Dir hutt de Contraire hei behaupt. Wéi ech lech gesot hunn, ech hätt dat net esou gëschter gesot, dunn hutt Der gesot, dat wär net wouer, Dir hätt lech mäi Saz opgeschriwwen. Dann hat Der net gutt héieren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Gibéryen!

Da misste mer duerno awer schléissen. Ech mengen, dat ka jo dann duerno jiddwereen am Compte rendu noliessen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech géif och soen, mir sollten d'Band lauschteeren. D'Madamm Lorsché huet elo dat hei gelies, wat op hirem Blat stoung.



**(Brouhaha général)**

Jo, jo! Jo, jo! Ech hu mer dat näämlech gëschter hei ... D'Madamm Lorsché huet elo hei gelies, wat si op hirem Blat stoen hat. An de Compte rendu huet och déi Ried krit.

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

An ech hu kee Feeler gemaach, well ech hu mer dat gëschter hei opgeschriwwen. An ech wäert och duerfir d'Band lauschtere goen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Voilà, et ass vun der Madamm Claire Garçon ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo, jo!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... aus dem Service Compte rendu. Dat ass dat, wat ech gesot hunn.

**(Mme Josée Lorsché remet le texte à M. Gast Gibéryen.)**

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat ass genau Ären Text, wéi Dir en um Blat stoen hutt.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Deen huet si mir elo esou zougestallt als Bestätigung, datt ech mäin Text esou gesot hunn.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo, jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, dat dote kënne mer alleguerten am Compte rendu noliesen. An elo huet d'Regierung d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Da kéint Dir lech op d'mannst entschëllegen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo, wann ech eppes falsch gesot hunn, entschëllegen ech mech. Ech lauschteren d'Band.

**(Interruptions)**

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et ass kee Riedner méi ageschriwwen. Et huet och ...

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Ech hunn ee kannt, dee gesot huet: „Wann et eescht gëtt, muss ee léien.“ Dee kennt Dir och.

► **Une voix**.- Dee Mann huet et wäit bruecht.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et ass elo kee méi, deen d'Wuert huet, ausser der Regierung!

Wie vun de Regierungsmemberen hält fir d'Éischt d'Wuert, fir zu deene verschiddenen Interventiounen Stellung ze huelen?

Den delegéierte Minister fir Digitaliséierung, den Här Marc Hansen.

**Prises de position du Gouvernement**

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à la Digitalisation*.- Här President, léif Membere vun der Chamber, ier de Finanzminister natierlech och op déi verschiddenen Debate wäert reagéieren, géif ech, well och de Schwéierpunkt vun dem Rapporteur André Bauler d'Digitalisation un dat an deene leschten zwee Deeg en héije Sujet war op dëser Plaz, awer och lech wëllen annonciéieren, dass d'Regierung an deenen nächsten Deeg eng Consultatiounsdebatt iwwert d'Digitaliséierung wäert ufroen, fir hei an der Chamber eng Kéier mat deene verschiddene Parteien iwwert dee Sujet ze schwätzen.

Dat ass eppes, wat eis alleguerten iwwerpartei-lech beweegt, mat alle Facettë vun der Digitalisation vum Secteur privé, Secteur public, vun der Inclusion numérique, wéi mer mat deem Sujet hei zu Lëtzebuerg och ëmginn, wat d'Intelligence artificielle ugeet, an dass déi Demande an d'Chamber wäert agoen an deenen nächsten Deeg, fir an deenen nächste Méint och hei eng Kéier préparéiert do eranzegoen. Well dat eppes ass, wat ech awer erausgespuert hunn, dass dat an deene leschten Deeg an och an der Preparatioun vum Budgetsrapport en héije Sujet war, mengen ech, ass et och op dëser Plaz, wou mer déi Consultatioun eng Kéier sollte féieren.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Hansen. Dann ass et um Här Finanzminister, dem Här Pierre Gramegna.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här President, léif Regierungskollegen, Dir Dammen an Dir Härren Deputéierten, et ass jo Traditioun, dass de Finanzminister och zum Schluss vun den Debaten e puer Remarque mécht an op den Debat ageet. Dat wäert ech dann och elo maachen. Ech wäert op sechs Punkten zrëckkommen.

Éischte Punkt: Wéi zouverläslech sinn d'Zuelen?

Zweete Punkt: Sinn d'Zuele komplett?

Drëtte Punkt: Ass de Budget sozial genuch?

Véierte Punkt: Ass et e Budget, deen d'Weichen och fir d'Émwelt stellt?

Fënneftens: Ass den Defizit 2019 ze héich?

Sechstens: de Fonds souverain intergénérationnel. An dann eng ganz kuerz Konklusioun.

Ier ech déi sechs Froen, déi, mengen ech, vill diskutéiert gi sinn an deem Debat, uschwätzen, awer nach ganz kuerz e Rappel.

2018 hu mir fir d'Éischt säit 2007 an der Administration centrale positiv Zifferen geschriwwen. Ech mengen, doriwwer kann a muss ee sech freeën. Mir sinn an Europa am Joer 2018 dat Land, wat deen héchste Solde structurel hat, huet Eurostat virun zwee Deeg an enger Statistik publizéiert.

Wat 2019 ubelaangt, fannen ech et wichteg, nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass mer do e wichtege Deel vum Koalitiounsprogramm am Budget schonn erëmfannen. Ech rappeléieren, dass mer ënner anerem déi 100 Euro netto fir de Salaire social minimum doranner virgesinn hunn. Ech rappeléieren och nach eng Kéier, wéi ech et a menger Ried vum 6. März gesot hat oder vum 5. März, dass de Coût vun där Mesure ronn 60 Milliounen Euro ass, well ech och doriwwer eng Fro gestallt krut. Déi sinn natierlech an den Zifferen, déi deposéiert gi sinn, do erëmfannen.

Mir hunn d'Reduktioun vun der Kierperschaftssteuer vun 18 % op 17 % natierlech och budgetiséiert, souwuel wéi mer och budgetiséiert hunn, dass den Taux vu 15 % elo net nëmme bis 25.000 Euro spillt, mä bis 175.000 Euro. Déi zwou Mesurë kaschte ronn 50 Milliounen a sinn natierlech an den Zifferen dran.

Ass den Defizit vu 650 Milliounen ze héich? Dat ass e politesche Choix vun der Regierung gewiescht, fir dat ze maachen. Ech ginn net an den Detail eran, firwat mer dat gemaach hunn, mä den Hauptgrond, firwat mer et maachen, ass natierlech, well mer d'Investissementen wëllen héich halen. Dat ass déi eenzeg grouss Explikatioun, firwat dat ass. An ech wäert herno nach op dee Punkt zrëckkommen.

Leschte Punkt: D'Schold wäert 2019 ronn 20 % sinn. Wéi d'Regierung 2013 ugetrueden ass, war d'Schold ronn 24 %. Ech mengen, déi Zifferen eleng soen, wéi et dem Land geet, a beweisen, dass mer eng gesond Finanzpolitik maachen.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Sinn déi Zuelen zouverlässeg? Fir d'Éischt ginn ëmmer d'Fro gestallt iwwert de Wuesstum. Mir hunn dat all déi Jore gehat. Mir hu se erëm eng Kéier haut gehat. Mir haten, ech rappeléieren, an de leschte fënnf Joer eng Moyenne vun 3 % Wuesstum. Mir ginn dovunner aus, ouni elo an den Detail vun alle Joren ze goen, dass mer eng äänlech Croissance an den nächste Jore wäerten hunn. Mir haten an de leschte fënnf Joer praktesch duebel esou vill Croissance wéi d'Moyenne européenne! Jo, dat hate mir! A mir ginn dovunner aus, dass mer dat wäerten halen.

An ee vun de wichtege Grënn, firwat dass mer dat hunn, ass, well de Finanzsektor gutt geet! An de Finanzsektor ass natierlech ee mat grousser Valeur ajoutée.

Mir hunn d'Ziffere vum Statec geholl, esou wéi dat muss gemaach ginn. Mä ech si mat lech d'accord, well vill Deputéierten dat évoquéiert hunn: Mir hu méi eng grouss Incertitude, wat d'Wuesstumszifferen zu Lëtzebuerg ubelaangt par rapport zu anere Länner. An ech ënnerstëtzen et 100%eg, dass mer solle méi Efforte maachen, do, wou et néideg ass, fir méi Präzisioun an deenen Zifferen ze kréien, an deenen Zuelen ze kréien. De Statec schafft drun. Den CES schafft och drun. An ech kann lech soen, als Finanzministère ënnerstëtze mir dat, a wa mir kënnen och hëllefen, do méi Kloeerheet ze schafen, maache mir dat ganz gär.

Elo muss een awer och net déi Saach do dramatiséieren. Mir hate keng Variatiounen vum PIB, wéi Irland dat kannt huet, wou vun engem Joer op dat anert op eemol de PIB 15 % méi héich war. Ech wëll mer guer net virstellen, wat d'Situatioun kéint sinn an engem Land, wou op eemol vun engem Dag op deen aneren de PIB 15 % méi niddreg wär.

Dofir, et ass e seriöse Sujet, an ech si mer däers bewosst, dass mer do musse Progrès maachen. An ech wäert dat zesumme mam Étienne Schneider maachen, deen zoustänneg ass fir de Statec.

Dann ass gesot ginn, dass déi Prognosen ze vill optimisteschen wieren, well et esou vill Risikoe gëtt. Ech hunn déi Risikoen, déi Dir all och opgezielt hutt, selwer och opgezielt. An ech hunn lech jo en long et en large gesot, an Dir kënnt dat am Exposé des motifs vum Gesetz noliesen, dass mer jo Zeenariounen ausgerechent hunn, wat géif geschéien, wann. Ech invitéieren déi, déi immens kritiséiert hunn, dass mer esou en Exercice net sollen hätte gemaach hunn, dass dat gemaach ginn ass! Et ass eng Analyse de risque gemaach ginn. Ech mengen, dat muss

gemaach ginn, dat ass verantwortlech. An dat hu mer gemaach. Eis Ziffere sinn also menger Meinung no realistesch a si baséieren zu engem ganz groussen Deel op Zuelen, déi d'Verwaltungen ausgerechent hunn.

An da vläicht dat Alleriwuerzeegendst, wat eis Previsibilitéit ubelaangt a wat d'Éierlechkeet vun eisen Zifferen ubelaangt, dat ass dat heiten: Mir hunn 2014, 2015 an 2016, wat d'Previsiounen vun de Recetten ubelaangt, eng Punktlandung gemaach, eng Punktlandung! Dat hat et nach ni ginn.

2017 an 2018 hu mer eis, ware mer ze vill pessimisteschen, an do ass eppes geschitt, wat och den Här Gibéryen, deen och elo hei erakënn, ganz richtig geschildert huet. 2017 an 2018 ass d'Kierperschaftssteuer ganz séier an d'Luucht gaangen, wéi mer dat säit Joren net gesinn haten, an dat war net previsibel. An dat selwecht ass 2018 geschitt. An 2018 cumuléiert ass och d'Retenue d'impôt sur les traitements et salaires relativ méi an d'Luucht gaange wéi virgesinn. Mä ech fannen, dat ass eng remarkabel Zensur, déi mer do op fënnf Joer haten! Mir hunn ni iwwerschat, ni iwwerschat, dräimol Punktlandung an zweemol virsiichteg.

An ech soen lech, am selwechten État d'esprit hu mer de Budget vun 2019 gemaach. Mir hunn Erfahrungswäerter an ech hoffen, dass déi Erfahrungswäerter och 2019 wäerte valabel sinn.

Sinn d'Zuele komplett? Jo, se si komplett. Se sinn esou komplett wéi méiglech. An ech wëll och dorop hiweisen, dass et viru fënnf, sechs Joer iwwerhaapt kee Budget pluriannuel gouf. Dat muss ee sech emol virstellen! Wann ech all déi Kriticken héieren, an et waren der jo, et ass jo och e bëssen de Sport, wann een an der Opposition ass, vill ze kritiséieren. Mä esou vill Informatiounen an esou vill Transparenz, wéi mer an deem heite Budget an an deem viregten haten, huet et nach ni zu Lëtzebuerg ginn! Nach ni! Et kann een et natierlech ëmmer besser maachen.

Mä ech kann lech och soen, ech vergläichen dat mat den Zifferen, déi een am Ausland krit, déi gi guer net esou wäit, wat de Pluriannuel ubelaangt. Mir sinn eent vun de Länner, wat déi meescht Informatiounen iwwert de Pluriannuel gëtt!

► **Une voix**.- Ganz gutt!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An da kréien ech virgeworf, da krit d'Regierung virgeworf, mir hätten eng Rëtsch Mesuren, déi am Koalitiounsprogramm stinn, nach net chiffriert. Majo, et kann ee se jo nach net chiffriéieren! Wéi wëllt Dir dann eng Mesure chiffriéieren, wou d'Modalitéiten nach net ausgeschafft sinn, wou nach keng Fiche financière gemaach ginn ass? Kommt, mir sinn dach rasonabel! Mir kënnen nëmmen dat chiffriéieren, wat an engem Gesetzesprojet virbereet ginn ass, wou eng Fiche financière dran ass. A wann dann dee Gesetzesprojet dat Joer soll gestëmmt ginn, da kann een dat integréieren. Sou ass dat iwwregens och ëmmer an der Vergaangenheet gemaach ginn.

Ech si frou, op där anerer Säit festgestallt ze hunn, dass all Partei begréisst, dass mer e Rapprochement tëscht dem europäesche System SEC 2010 an dem Lëtzeburger Kontabilitéitsgesetz vun 1999 gemaach hunn. Mir wäerten och weider dorop schaffen. Mir hunn elo e Modell, dee gutt ass, a mir wäerten deen elo emol eprouvéieren an da kucken, ob mer nach méi e Rapprochement an Zukunft kënne maachen. Ech wäert dat och natierlech zesumme mat der Chamber, mat der Cofibu ausschaffen, wann dat an Zukunft néideg ass.

Ass de Budget sozial genuch? Bal 50 % vun den Dépenses si sozial Dépenses. Mir hunn déi Steiermesure geholl, fir déi 100 Euro netto auszebezuken. Wann dat keng sozial Mesure ass, da froen ech mech, wat sozial Mesurë sinn!

Wann ech zrëckkucken, wat d'Steierreform 2017 gemaach hat. Nach ni ass eng méi sozial Steierreform gemaach ginn. Si ass jo grad fir de Mëttelstand a fir déi Klengverdienger cibléiert ginn! An da kréien ech als Kommentar, dass dese Budget net kohärent wier an net genuch fir d'Wellness, den „well-being“ oder de Bien-être maache géif! Ma fir wie maache mer dann dat Sozialt? Ma fir d'Leit a fir soss keen!

Dofir, wann een elo wëllt en neie Vocabulaire erfanne fir sozial Mesuren, ech hu kee Problem domat.

**(Hilarité)**

Mä eis ze soen, dass mer net genuch sozial maachen, ass net kredibel.

Ass de Budget gutt, andeem en d'Weiche stellt fir d'Émwelt? Bon, mir hu vill geschwat iwwert déi Mesure vun der Augmentatioun vun engem Cent fir de Bensinn a vun zwee Cent um Diesel. Ech weess, dass et Verschiddenen

iwwerhaapt net gefält, Verschiddenen fannen et mëttelméisseg gutt, Verschiddenen fannen, dass et net wäit genuch geet. Sou ass dat an der Politik mat ville Saachen. Mä d'Glaskugel huet keen, an hei ass Glaskugelliesen, fir den Effet vun esou enger Mesure virauszegesinn. An den Effet vun esou enger Mesure erauszerechnen, dat ass eben eppes Komplizéiert. Firwat? Well eng Dynamik, eng wirtschaftlech Dynamik hannendrustéicht. An dat versteet jiddwereen.

Wann den Diesel zwee Centimes eropgeet an da vum 1. Mee un zu Lëtzebuerg lichter méi deier ass fir professionell Transporteuren, wéi en an der Belsch ass, ass dann d'Konsequenz, dass d'belsch Transporteuren iwwerhaapt net méi zu Lëtzebuerg tanken? Dat weess keen! Jee nodeem, wou se op hirer Rees sinn, tanke se vläicht nawell zu Lëtzebuerg.

Zweetens: Wie seet eis, wat déi belsch Regierung decidéiert, wa se bis gesäit, dass déi Lëtzeburger den Diesel zwee Centimes an d'Luucht gesat huet? Ech soen lech, hire Budget ass net wéi eisen. Da sprange se vläicht drop, fir ze soen: „Majo dann ass elo grad de Moment, fir bei eis den Diesel méi deier ze maachen.“ Ech soen net, dass se dat maachen. Ech soe just, all déi Hypothese si méiglech.

Wann dann ee mir soe kënnt: „Ech weess, wivill dass esou eng Mesure kascht als Déchet fiscal“, majo, deen negligéiert d'Dynamik vun der Wirtschaft. Mechanesch kann een dat ëmmer ausrechnen, mä wéi dat fluktuéiert, wéi dat herno an der Praxis ausgesäit, dat weess keen. Dofir soen ech lech, zum Schluss vum Joer, no aacht Méint, wäerte mer jo gesinn, wéi d'Consommation vum Diesel - ech bleiwen hei haaptsächlech bei deem - evoluéiert huet. An da maache mer de Punkt an da rechne mer aus, wou mer si par rapport zum CO<sub>2</sub>-Verbrauch a wou mer müssen 2020 sinn. Méi kann ech lech haut net soen. Mä ech mengen, méi transparent am Rasonnement wéi dat, wat ech elo grad gemaach hunn, kann ech och net sinn.

Ass den Defizit fir 2019 ze héich? 650 Milliounen am État central, an der Administration centrale, mä e groussen Iwwerschoss awer an der Administration publique. An deen Total vu 650 Milliounen bei der Administration centrale geet jo all déi aner Joren erëm erof a mir wäerten 2022 am Equilibre sinn.

Jo, mir sinn hei am Ufank vun enger Legislaturperiod a mir wollten en Akzent setzen op déi néideg Investissementen, déi mer musse maachen. An dofir mengen ech, dass mer grad dee richtigen Akzent gesat hunn. All déi, déi sech bekloen, dass mer ze vill am Stau sinn, all déi, déi sech bekloen, dass d'Liewensqualitéit net gutt genuch ass, déi missten nach natierlech mat zwou Hänn applaudéieren, dass mer méi wëllen investéieren.

Ech wëll hei och soen, en annexe, dass et immens wichteg wier, dass de Privatsektor an dass d'Entreprisë géife méi zu Lëtzebuerg investéieren. Ech ka mech nach un d'80er an d'90er Joren erënneren, dunn huet de Lëtzeburger Stat ganz weéng a Recherche an Développement an an Innovation investéiert, ganz weéng. Do si mer konstant vun der OCDE kritiséiert ginn. Haut ass et „le monde à l'envers“: De Lëtzeburger Stat investéiert immens vill doranner an de Privatsektor ganz weéng. Dat musse mer hannerfroen. An ech wäert och mam Étienne Schneider dat kucken, wéi mer de Privatsektor kënne besser mobiliséieren, firwat en och zum Beispill zu Lëtzebuerg net esou vill investéiert.

650 Milliounen Defizit an der Administration centrale heescht, dass mer mechanesch, wann deen Defizit antrëtt - wann en antrëtt! -, jo misste 650 Milliounen léien. Dofir hu mer jo och d'Autorisation gefrot, fir eng Milliard ze léien. Do gouf vun deem engen oder vun deem anere gesot, e géif dat net begrëssen, dass en Defizit do wär, fir sozial Mesuren ze finanzéieren. Ech soen hei ganz daitlech: Déi 650 Milliounen sinn ongeféier e Véierel vun all deem, wat mer 2019 wäerten investéieren, e Véierel. Dat heescht, mir finanzéieren, wann d'Zuelen esou bleiwen, wéi se elo de Moment um Dësch sinn, dräi Véierel vum Invest vun 2019 mat lafende Recetten! A wann den Defizit wierklech 650 Milliounen wier, da géife mer ee Véierel mat Emprunte finanzéieren.

Gitt mir en anert Land an Europa sichen, wou dat de Fall ass! Gitt mir eng Privatpersoun sichen! Oh, et gëtt der vläicht, mä et sinn der net vill, déi dräi Véierel vum Invest selwer finanzéieren an nëmmen ee Véierel geléint kréien. Dat ass eng gesond Finanzpolitik, well d'Investissementen, jo, déi si gutt fir 10, 20, 30 Joer an





et ass dat Normalst vun der Welt! All Land mécht dat, fir dat ze finanzéieren, zu engem Deel iwwert den Emprunt.

En Deputéierte vun der CSV, den Här Roth, huet eng Rëtsch Mesurë proposéiert, wou e mengt a seet, déi missten onbedéngt d'urgence geholl ginn, well se (veuillez lire : well aner) an der Krisenzäit vun der virviregter Regierung geholl gi sinn. An do misst also ënner anerem beim Impôt solidarité eppes gemaach ginn, dee misst halbéiert ginn, dass fir de Fonds pour l'emploi de Stat misst 50 % bezuelen. Ech soen lech, ech hunn deene Mesuren nogelauschtert an ech hunn och ausge-rechent, wivill dass dat kascht: iwwer 600 Milliounen. Jo, déi zwou Mesuren! Dat ass och Äert gutt Recht, esou eng Proposition zu maachen. Mä da wär et awer och interessant ze wëssen: Wéi géigefinanzéieren ech dat?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Mat engem Emprunt.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An déi zweet Saach, déi proposéiert ginn ass: eng ganz Rëtsch Mesuren am Domän vun Logement ze maachen, fir soi-disant dem Acheteur ze hëllefen. Ech soen lech eppes: Déi Mesuren, déi Dir proposéiert hutt, déi géifen direkt vum Marché an de Präis integréiert ginn. A wat mer domat géife fäerdegbréngen, dat ass, dass d'Präisser nach méi séier an d'Luucht ginn. An en plus géif de Stat nach Recettë verléieren. Ech mengen net, dass dat e gudde Vorschlag ass.

(**Interruptions**)

A wann ech dann d'Propositione vum Här Spautz héieren, ech si kee Spezialist vun de Familljemesuren, mä ech weess, dass se ëmmer eppes kaschten. A wann ech dann nëmmen eng vun deenen huelen, dass d'Prestation-familialen elo sollen direkt indexéiert ginn, ech soen lech, dat kascht immens deier.

(**Interruption par M. Marc Spautz**)

Ech verstinn, ech verstinn, dass een dat freet. Mä da muss ee sech dem Käschtepunkt bewusst sinn, d'Finanzierungsgéigemoosname proposéieren, soss ass dat net kredibel.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- A wann Dir och gesot hutt, Dir hätt virun zwee oder dräi Joer proposéiert, dass de Mindestloun soll steierfräi sinn, jo, wann een an der Opposition ass, kann een alles proposéieren an et brauch een näischt ze chiffrieren!

(**Brouhaha et protestations**)

Mä leschte Punkt ass iwwregens de Fonds souverain.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- An d'Kannerbetreung, wivill kascht déi?

(**Brouhaha**)

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ... seet deen, dee virun zéng Minutte gesot huet, e kéint seng eege Propositionen net chiffrieren ...

(**Coups de cloche de la présidence**)

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Fonds souverain ...

(**Interruption**)

Fonds souverain: Ech si frou, zum Fonds souverain hunn ech héieren, dass vun alle Säite Kommentare komm sinn, dass, wa mer eng schwaarz Null schreiwen 2018, d'Zäit komm ass, fir vläicht méi Suen an de Fonds souverain ze stiechen. Ech deelen déi Analys, dass de Moment komm ass, fir esou eng Reflexioun ze maachen. Iwwer wellech Method mer dat maachen, wéi mer déi Alimentatioun maachen, ass e ganz komplexe Sujet. Mä ech si frou, dass déi meescht Parteien, fir net ze soen alleguerten d'Partei fannen, dass een dat soll maachen.

Dat berouegt mech, dass trotz de Polemiken, déi et emol gëtt, wann een iwwert de Budget schwätzt, wat och an der Natur vun der Saach ass an der Demokratie, well och de Budget e symboleschen, wichtigen Akt ass vun der Demokratie an deen, deen natierlech d'ganz Joer bestëmmt, wat de Finanzement vun alle Politiken ubelaangt, an ech freeë mech trotzdem, dass hei e Konsensus schéngt ze bestoen, dass mer Sue mussen fir déi nächst Generatioun op d'Säit setzen. Dofir hu mer och viru fënnef Joer de Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg geschaaft. Deen ass net vun all Mënsch deemools begréisst ginn. Mä ech si frou, dass haut jiddweree wëllt méi Suen drastiechen. Dat ass eng gutt Noriicht.

Zur Konklusioun géif ech soen, dass ech vill aner Propositionen héieren hunn a gutt nogelauschtert hunn. Dir hutt jo gesinn, ech hunn

déi ganzen Zäit gutt nogelauschtert an opgeschriwwen. Ech géif gäre soen, dass mer dat alles seriö huelen a mat op de Wee huelen.

Ech géif gären dem Rapporteur nach eng Kéier Merci soen. An ech mengen, déi Annonce, déi de Minister Hansen virdu gemaach huet, beweist, dass Der goldrichteg loucht, Här Bauler, andeem Der dann den Accent op d'Digitalisation gesat hutt. Dat ass e Sujet, deen ass déi ganzen Zäit erëmmkomm. An dofir freeën ech mech, dass mer elo dann an der Chamber an Zukunft do eng Debat wäerten hunn, déi ganz interessant gëtt.

Zum Ofschloss: Mir liewen haut an enger Welt, wou et net méi duergeet, wéi et nach viru vläicht 10, 15 oder vläicht nach méi laanger Zäit de Fall war, wéi et duergaangen ass, dass de Finanzminister hei op d'Tribün komm ass a gesot huet: „Hei ass alles an der Rei.“ Dat ass och net de Message, deen ech gemaach hunn! Ech si mer bewusst vun den Defien. Ech sinn och beonrouegt, wa mer 650 Milliounen Euro Defizit hunn, mä ech sinn awer net beonrouegt au point, dass ech dat net rasonabel fannen. Et gëtt Argumenter, fir dat ze verteidegen.

Ech respektéieren déi, déi soen: „Ech hätt gär null Defizit.“ Dat ass eng Politik, déi ee ka wien. Verschiddener vun lech hunn Däitschland zitëiert. Däitschland, well se esou en héijen Defizit haten, bis op 80 % vum PIB, huet während zéng Joer, während zwielef Joer als Haaptprioritéit gehat, den Defizit erofzeschrauwen, mat de Konsequenzen, déi mer kennen: Ennerinvestissement iwwer bal eng hallef Generatioun! An dat muss een herno nohuelen. Déi Politik wëlle mir net maachen. Mä als Finanzminister kann ech lech berouegen: Ech hunn en A drop, dass deen Defizit am Grëff bleift. Dat ass mäi Rôle.

An zum Ofschloss: Ech sinn net deen, dee seet: „Dat do ass de gudde Budget, dee richteg Budget.“ Ech verteidegen en. Mä et ass d'OECD, et ass de Fonds monétaire international. An et ass d'Europäesch Kommissioun, déi eis jo kontrolléiert an der Union économique et monétaire an an der Eurozon, déi eis elo nach virun e puer Deeg geschriwwen huet: „Dir hutt gesond Statsfinanzen.“ Ech sinn net deen, deen et seet, et ass d'Europäesch Union.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Roth, wannechgelift!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ech sinn eigentlech e bëssen erstaunt iwwert dem Här Finanzminister seng Interventioun: dass en zwar bannent manner wéi 24 Stonnen alles wëllt mengen ze chiffrieren, dat, wat d'Opposition proposéiert huet, a seng eege Mesuren, déi ugekënnegt sinn an der Regierungserklärung, do seet en: „Dat kënne mer net chiffrieren.“

Ech soen lech, Här Gramegna, dass dat, wat Der behaupt hutt, et ass déi Propos vum der CSV, näamlech dass Betriber plus Privatpersounen maximal dierfte 50 % vun de Käschte vum Fonds pour l'emploi finanzéieren a wat Dir mat 600 Milliounen chiffriert hutt, dass dat falsch ass! Well näamlech de Fonds pour l'emploi, dee gëtt dës Joer, 2019, geschat 693 Milliounen Euro Gesamtdespensen aus. Also kann et net sinn, dass, wann d'Betriber plus d'Stéit d'Halschent dovunner finanzéieren, dat soll 600 Milliounen kaschten. Dat stëmmt absolut net. Well et gëtt näamlech zousätzlech nach Verméigenssteuer vun de Betriber bezuelt. Et gëtt zousätzlech d'Contributions sociales, déi op dem Spritt opgehuewe ginn. Dat eleng, d'Contributions sociales um Spritt, sinn 129 Milliounen. Duerfir ass déi Zuel, déi Der hei genannt hutt, falsch!

Dat, wat d'CSV wëllt, an näischt aneres, dat ass, dass net méi mat Kriseninstrumenter vun 2013 weidergeuer gëtt, fir Äre Budget ze sanéieren. Dat ass dat, wat d'CSV wëllt. Et kann een net soen: „Mir hunn d'Land aus der Kris erausgefouert“ an dann nach weider vun de Leit 7 % bis 9 % Solidaritätssteuer zousätzlech zu der Akommessteuer an zousätzlech zu der Lohnsteuer fuerderen. De Chômageaux zanter 2013, deen ass erfogaangen. An de Stat, deen entzitt sech ganz einfach an dem Beschäftigungsfong senger Verantwortung: näamlech d'Kontributioun, déi iwwert de Budget gelaf ass, déi ass vun 125 Milliounen Euro op 10 Milliounen Euro erfogusat ginn. An et kann een net soen, dass zënter 1990 bis 2009 Privatleit just 2,5 % Solidaritätssteuer bezuelt hunn, ënner ënnerschiddlechen Héichten an Déifte vun der Konjunktur, an dass Dir da weider lech déi schwaarz Null op de Fändel schreift an Dir ditt d'Leit bludden, tëschen 7 % an 9 % Solidaritätssteuer ze bezuelen.

Dir laacht elo. Mä ech fuerderen lech op, ech fuerderen lech op - Dir schwätzt jo vill fir d'Digitalisation -, mä da schreift emol sämtleche Statsbeamten a sämtleche Leit, déi beim Stat a

Pensioun sinn, schreift deenen am Sënn vun der Transparenz drop, wat se niewent hirer normaler Akommessteuer pro Mount bezuelen, wat se niewent der Assurance dépendance bezuelen! Schreift hinnen och drop, wat se all Mount als Solidaritätssteuer bezuelen!

Well dat, wat mer mat de Leit maachen ... Dir kënnt mat Recht soen: „Dat war bei enger viregter Regierung och de Fall.“ Mä dat war op engem manner héijen Taux. Op engem manner héijen Taux! Well d'Leit kréie jo bei der Solidaritätssteuer déi béis Iwwerraschung, wa se herno de Bulletin d'impôt zougestallt kréien, well da kréie se hir Akommessteuer opgeléicht an da kréie se zousätzlech nach d'Kontributioun fir de Fonds pour l'emploi.

An duerfir ass déi Fuerderung vun der CSV: Jo, mir behalen d'Solidaritätssteuer, mä mir féiere se erof. Well wat musst Der soss droppaken, wann et dem Land net méi esou gutt geet wéi elo a wann d'Konjunktur hinnen entgéintbléist?

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Finanzminister, wannechgelift!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, ech hat net wëllen op all d'Saache vum Här Roth agoen. Mä en insistéiert jo, an et freet mech richteg, dass en insistéiert, et freet mech richteg! Well déi Lag, déi mir 2013 geierft hunn, ech hu kee Wuert driwwer gesot.

(**Brouhaha**)

Jo, jo, dat interesséiert lech net! Mä dat war d'Realitéit.

(**Interruption**)

Mir waren dobäi, de Pacte de stabilité et de croissance net méi anzehalen, trotz Äre fameuse Mesuren, déi d'Leit bludde gedoen hunn, déi Dir agefouert hutt. Déi sinn net duergaangen, déi si ganz einfach net duergaangen!

A vun där Milliard Commerce électronique (veuillez lire : vun där Milliard Perte op dem Commerce électronique) hunn ech och net geschwat, well ech net den Typ sinn, dee gären ëmmer nëmme Polemik mécht. Mä Är Interventioun, Här Roth, gëschter an haut, et geet jo nëmmen drëms, Polemik ze maachen. Ech haassen dat!

(**Brouhaha général**)

Ech haassen dat an dofir maachen ech dat net. Mä ech soen lech, ...

Ech wollt dat elo haut net erëm eng Kéier ufänken, et ze soen, mä mir hunn dës Budget vum Lëtzeburger Stat sanéiert! Dat ass 2018 bewise ginn! An Dir kënnt esou haart järe wéi Der wëllt an aner Beispiller huelen an eis ermonteren, déi Mesuren, déi Dir geholl hutt, ze änneren. Mä ech soen lech, dës Regierung wäert hir eege Mesuren huelen. An ech soen lech: A Saache Fiskalitéit hu mir vun der CSV awer wierklech keng Lektionen ze kréien, awer wierklech!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Well mat LuxLeaks, mat Anti-Money Laundering hunn ech eng Situatioun geierft, wou mer op der ganzer Welt - op der ganzer Welt! - duerch den Dreck gezu gi sinn, wou ee sech bal net méi konnt weisen op internationale Reunioune.

(**Brouhaha**)

Jo, sou war et! Dat hu mer missen änneren. Mir hu misse fir de Commerce électronique vun enger Milliard Sue fannen. Ah jo! A mir hunn eng Réforme fiscale 2017 gemaach, an déi war anescht wéi déi, déi Dir ëmmer an deene leschte Jorjénge gemaach hutt, wou de Barème ajustéiert gëtt an de Barème gëtt ajustéiert. A wien ass de gréisste Beneficiaire, wann de Barème ajustéiert gëtt? Majo déi, déi ganz déck verdéngen. Dat wollt mir net maachen!

## Le saviez-vous ?

### LOI

La loi est une règle de droit qui est adoptée par le pouvoir législatif et qui s'impose à tous les citoyens après promulgation par le Grand-Duc et publication au Journal officiel.

(**Interruption par M. Michel Wolter**)

Dat hu mir net gemaach. An dofir, mir wäerten net dat aalt Gerüst, wat Dir eis hannerlooss hutt, huelen an doranner flécke goen, wéi Dir eis dat gëschter recommandéiert hutt, an hei nach um 1A e bësse frëckelen an um 1 an um 2; dat ass Ären ale Film.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Mir maachen dat ganz anescht. Mir hu gesot: „Mir maachen eng Steuerreform.“ Mir schaffen drun. Mir si ganz am Ufank dovunner. An ech soen lech, dat wäert net Ärem ale Gerüst gläichen!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

## 5. 7330 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2017

Ier mer zur Ofstëmmung iwwert de Budget kommen, komme mer elo fir d'Eischt un de Projet de loi 7330 iwwert d'Konte vum Exercice 2017. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeloucht. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm.

Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire**

► **Mme Diane Adehm** (CSV), *rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 2017 hunn d'Statskonten ofgeschloss mat engem Iwwerschoss vu ronn 1,3 Milliarden Euro. Am Budget fir d'Joer 2017 war en Defizit virgesi vun 850 Milliounen Euro. Dës positiv Resultat vun 2,2 Milliarden Euro brauch awer e puer Erklärungen.

Esou gouf am Joer 2017 e Statsemprunt vun 2 Milliarden Euro opgeholl. Des Weiteren huet de Lëtzeburger Stat e Prêt vun der Europäescher Investitionsbank kritt vun 150 Milliounen, fir d'Schulinfrastrukturen energetesch ze sanéieren. An op der Ausgabesäit gouf en Emprunt aus dem Joer 2006 zréckbezuelt an et goufen zousätzlech Dépenses en capital getäteg.

Ouni dës zousätzlech Einnamen aus den Emprunten an d'zousätzlech Ausgabe weisen d'Statskonten en Defizit op vun 293 Milliounen Euro. Dës si 558 Milliounen Euro manner Defizit, wéi am Statsbudget fir d'Joer 2017 virgesi waren.

Dës bessert Resultat vun de Statskonte fir d'Joer 2017 erkläert sech haaptsächlech duerch wesentlech méi héich Steiereinnamen wéi am Budget virgesinn. Ouni d'Emprunte wieren d'Einnamen 606 Milliounen Euro méi héich wéi virgesinn, dat si 4,58 %. D'Ausgabe waren 180 Milliounen méi héich wéi am Budget virgesinn an dës sinn 1,28 %. Am Allgemenge muss ee bemerken, dass am Joer 2017 d'wirtschaftlecht Umfeld gutt war. De PIB ass ëm 2,3 % gewuess, wat awer manner séier war wéi déi 4,6 %, déi de Statec ugekënnegt hat. D'Inflatioun louch bei 1,7 % an de Chômage bei 5,8 % am Joer 2017.

Här President, de Gesetzesprojet betreffend d'Statskonte vun 2017 gouf den 28. Juni 2018 an der Chamber hannerluecht. Et war och eng Annex derbäi iwwert d'Entwécklung vun den Einnamen an den Ausgabe vun de Spezialfonge geneesou wéi d'Situatioun vun de Services de l'État à gestion séparée. Des Weidere begréisst d'Budgetschrëttkommissioun ausdrécklech, dass de Finanzminister enger vun hire laangjärege Fuerderungen aus der Vergaangenheet Rechnung gedroen huet an en Tableau gemaach huet mat den Autorisationen aus de leschte Statsbudgeten, fir Emprunten opzehuelen. Ausserdem ginn och déi verschidden Emprunte mat den Detailen, wéi Lafzäit, Taux d'intérêt an esou weider opgefouert. Dat mécht d'Kontroll vun den Emprunten, déi de Stat zitt, vill méi einfach.

Eng weider laangjäreg Recommendation vum der Budgetschrëttkommissioun betrëfft de Budget pour ordre, also déi Gelder, déi de Stat anzitt, fir se weiderzeleeden. An der Vergaangenheet hunn d'Cour des comptes an d'Budgetschrëttkommissioun ëmmer erëm verlaangt, dass en Equilibre tëschen den Einnamen an den Ausgabe misst hiergestallt ginn. An enger Reunioen mat de Verrieder vum Finanzministère gouf d'Budgetschrëttkommissioun informéiert, dass am Kader vum Rapportement vun der Statskontabilitéit op der Basis vum Kontabilitéitsgesetz vun 1999 an der europäescher Methodologie SEC 2010 och Ännerungen um Niveau vum Budget pour ordre kommen. Dës Ännerunge brénge mat sech, dass den Desequilibrium tëschen den Einnamen an den Ausgaben an Zukunft wäert vill méi kleng sinn.